n° 11A /2023








# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 08.12.2023

#maville

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Christiane Colbett / Photos: Standart, Ville de Dudelange
n°11A / 2023 - Parution: Mars 2023 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE


Rapport sommaire en français 4

**1. CORRESPONDANCE** 6

**2. CIRCULATION** 6
Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses 2024

**3. FINANCES** 6
3.1. Présentation et approbation du budget rectifié de l'exercice 2023 et du budget initial de l'exercice 2024
3.2. Approbation du contrat de sous-location avec la société Kasadalux s.à r.l. – SIS pour l'exploitation d'un pop-up store dans le local commercial sis 38, avenue Grande-Duchesse Charlotte
3.3. Approbation d'un acte de vente notarié avec Madame Maria Luisa Carosati et les époux Jean-Claude Antoine Ruhl et Yvette Marie Paul Lentz au sujet d'une parcelle de terrain, emprise, sise rue du Mont St Jean
3.4. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de remplacement du tapis du terrain synthétique au stade Aloyse Meyer
3.5. Approbation du devis estimatif relatif à l'acquisition de mobilier pour de l'école Brill
3.6. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de remplacement des fenêtres de type Velux au Centre de Documentation sur les Migrations Humaines
3.7. Approbation du devis remanié relatif aux travaux supplémentaires à exécuter pour le projet de réaménagement de la rue des Ecoles, de la rue de l'Indépendance et de la cour de récréation du bâtiment scolaire Strutzbierg A
3.8. Approbation du devis remanié relatif aux travaux de mise en conformité de la piscine en plein air – phase 2
3.9. Approbation du contrat avec Mesdames Marianne Kuffer et Simone Kuffer au sujet de travaux d'agrandissement de l'étang existant au lieu-dit « Bei Soilmeswies » et de l'installation de clôtures par le syndicat SICONA Sud-Ouest

**4. OFFICE SOCIAL** 38
Présentation du rapport d'activité de l'exercice 2022 et approbation du budget rectifié de l'exercice 2023 et du budget initial de l'exercice 2024

**5. PERSONNEL** 50
5.1. Avis à donner au sujet de la décision du conseil d'administration de l'Office social portant création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif
5.2. Avis à donner au sujet de la décision du conseil d'administration de l'Office social portant création d'un poste d'employé communal à tâche complète, chargé de direction, relevant de la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social

# RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries (à l'exception des points numéros 3.2 et 3.3 de l'ordre du jour) ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Alain Clement ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance publique à 08.00 heures.

**1. CORRESPONDANCE**
Il n'y a pas de correspondance à l'attention du conseil communal.

**2. CIRCULATION**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses de l'année 2024.

**3. FINANCES**
3.1 Les membres du collège des bourgmestre et échevins présentent le projet de budget rectifié de l'exercice 2023 et le projet de budget de l'exercice 2024. Les membres du conseil communal sont invités à prendre position par rapport aux documents dans la séance du conseil communal du 15 décembre 2023.

Le vote sur ces deux points aura également lieu à la même date. Les deux tableaux synthétiques (issus du document budgétaire) qui suivent permettent de visualiser l'évolution du budget rectifié de l'exercice 2023 par rapport aux prévisions budgétaires initiales et des prévisions budgétaires de l'exercice 2024 par rapport au budget rectifié 2023.

Toutes les décisions ci-après, dans le cadre des finances communales, sont approuvées à l'unanimité :

3.2 Le contrat de bail commercial de sous-location avec la société Kasadalux s.à r.l. – SIS de Mersch au sujet de la sous-location du local commercial, sis 38, avenue Grande-Duchesse Charlotte, d'une surface approximative de 103 m2, pour un loyer mensuel de 500,- € pour la période du 15 novembre 2023 au 15 mai 2024, en vue de l'exploitation d'un « pop-up store » ;

3.3 L'acte de vente, pardevant Maître Carlo Goedert, notaire de résidence à Dudelange, aux termes duquel Madame Maria Luisa Carosati et les époux Jean-Claude Antoine Ruhl et Yvette Marie Paul Lentz vendent à l'administration communale de la Ville de Dudelange une parcelle de terrain sise à Dudelange, inscrite au cadastre de la commune de Dudelange, section A de Budersberg, lieu-dit « rue du Mont St Jean », place, faisant 1,40 ares pour le prix de 980,- €.

3.4 Le devis estimatif, établi par le service des sports, chiffrant la dépense relative au remplacement du tapis du terrain synthétique au stade Aloyse Meyer à un montant global de 680'000,- €, toutes taxes comprises ;

3.5 Le devis estimatif du bureau « metaform architects » de Luxembourg pour un montant de 596'767,27- toutes taxes comprises, relatif à l'acquisition de mobilier dans l'intérêt de l'école Brill ;

3.6 Le devis estimatif du 15 novembre 2023, établi par le service gestion et maintien du patrimoine - entretien des bâtiments communaux, pour un montant de 80'000,- € toutes taxes comprises, relatif au remplacement de 14 fenêtres de type Velux au Centre de Documentation sur les Migrations Humaines ;

3.7 Le devis remanié de 3'980'000,- € relatif aux travaux supplémentaires à exécuter dans le cadre du projet de réaménagement de la rue des Ecoles, de la rue de l'Indépendance et de la cour de récréation Strutzbierg A, ainsi que le devis de 610'000,- € pour la partie études ;

3.8 Le devis remanié, établi par le service d'architecture et des domaines, travaux neufs, pour un montant de 9'750'000,- € relatif aux travaux de mise en conformité de la piscine en plein air – phase 2 ;

3.9 Le contrat passé entre Mesdames Marianne Kuffer et Simone Kuffer et notre collège des bourgmestre et échevins par lequel les propriétaires fonciers, à savoir Mesdames Kuffer autorisent la Ville à prendre les mesures suivantes sur leur terrain, inscrit au cadastre de la commune de Dudelange, section C de Dudelange, lieu-dit « bei Soilmeswies » : agrandissement d'un étang existant d'une superficie totale de 2,7 ares à l'aide d'un barrage ; installation d'une clôture de pâturage sur une longueur totale de 67 m autour de l'étang.

**4. OFFICE SOCIAL**
Après la présentation du rapport d'activité de l'exercice 2022, le conseil communal avalise avec toutes les voix le budget rectifié de l'exercice 2023 et le budget initial de l'exercice 2024 de notre office social.

**5. PERSONNEL**
Le conseil communal, d'un commun accord, avise favorablement les deux décisions suivantes de l'Office social en ce qui concerne son personnel :

5.1 La décision du conseil d'administration de l'Office social de Dudelange du 28 juillet 2023 portant création d'un poste supplémentaire d'employé communal relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif à tâche complète pour son personnel administratif ;

5.2 La décision du conseil d'administration de l'Office social de Dudelange du 28 juillet 2023 portant création d'un poste supplémentaire d'employé communal relevant de la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social à tâche complète.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

# TABLEAU « A »

## RECAPITULATIF DU BUDGET RECTIFIE DE L'EXERCICE 2023

## - Budget initial 2023 comparé au Budget rectifié 2023 -

| | Budget initial 2023 | | Budget rectifié 2023 | |
|---|---|---|---|---|
| | ordinaire | Extraordinaire | ordinaire | extraordinaire |
| total des recettes | 121 763 773,97 | 59 547 902,00 | 132 609 670,58 | 56 434 422,16 |
| total des dépenses | 119 735 592,19 | 61 661 475,32 | 123 164 628,18 | 64 800 544,82 |
| boni propre à l'exercice | 2 028 181,78 | | 9 445 042,40 | |
| mali propre à l'exercice | | 2 113 573,32 | | 8 366 122,66 |
| boni budget rectifié / compte 2022 | 2 040 276,02 | | 1 999 044,75 | |
| mali budget rectifié / compte 2022 | | | | 0,00 |
| boni général | 4 068 457,80 | | 11 444 087,15 | |
| mali général | | 2 113 573,32 | | 8 366 122,66 |
| transfert ordinaire - extraordinaire | - 2 113 573,32 | 2 113 573,32 | - 8 366 122,66 | 8 366 122,66 |
| boni définitif | 1 954 884,48 | | 3 077 964,49 | |
| mali définitif | | | | |

| Service ordinaire<br>Δ entre Initial 2023 et Rectifié 2023 | | |
|---|---|---|
| | Δ en montant | Δ en % |
| recettes ordinaires | 10 845 896,61 | 8,91% |
| dépenses ordinaires | 3 429 035,99 | 2,86% |
| impact sur le boni propre à l'exercice | 7 416 860,62 | 365,69% |

# TABLEAU « B »

## RECAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2023

## - Budget rectifié 2023 comparé au Budget initial 2024 -

| | Budget rectifié 2023 | | Budget initial 2024 | |
|---|---|---|---|---|
| | ordinaire | extraordinaire | ordinaire | extraordinaire |
| total des recettes | 132 609 670,58 | 56 434 422,16 | 136 058 941,96 | 61 778 061,40 |
| total des dépenses | 123 164 628,18 | 64 800 544,82 | 135 038 301,33 | 64 495 163,20 |
| boni propre à l'exercice | 9 445 042,40 | | 1 020 640,63 | |
| mali propre à l'exercice | | 8 366 122,66 | | 2 717 101,80 |
| boni compte 2022 / rectifié 2023 | 1 999 044,75 | | 3 077 964,49 | |
| mali compte 2022 / rectifié 2023 | | | | 0,00 |
| boni général | 11 444 087,15 | | 4 098 605,12 | |
| mali général | | 8 366 122,66 | | 2 717 101,80 |
| transfert ordinaire - extraordinaire | - 8 366 122,66 | 8 366 122,66 | - 2 717 101,80 | 2 717 101,80 |
| boni définitif | 3 077 964,49 | | 1 381 503,32 | |
| mali définitif | | | | |

| Service ordinaire<br>Δ entre Rectifié 2023 et Initial 2024 | | |
|---|---|---|
| | Δ en montant | Δ en % |
| recettes ordinaires | 3 449 271,38 | 2,60% |
| dépenses ordinaires | 11 873 673,15 | 9,64% |
| impact sur le boni propre à l'exercice | - 8 424 401,77 | -89,19% |



# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 8. DEZEMBER 2023

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif Iech ganz häerzlech hei de Muere begréisse bei eiser Gemengerotssitzung Freiden, den 8. Dezember, wou virun allem d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus dem Schäfferot d'Presentatioun vum Budget wäerte maachen an duerno eriwwerginn op den normalen Ordre du jour. An dann den nächste Freiden dann, de 15. Dezember, d'Conseillere vun der Majoritéit a vun der Oppositioun hir Appreciatioun zum Budget wäerte ginn an dann natierlech och herno d'Stellungname vum Schäfferot an da schlussendlech d'Consecratioun, de Vott vum Budget. Vun dëser Plaz awer och e Merci un d'Press, dass se hei dann och d'Diskussioun ëm de Budget suivéiert an dat dobaussen och relatéiert. Dofir och Merci fir hir Presenz. An dann, ënner Korrespondenz, den éischte Punkt. Do hätt ech weider näischt.

## 2. CIRCULATIOUN

**Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement fir d'Kiermessen 2024**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den éischte Punkt vun dësem Gemengerot iwwer, dat ass d'Circulatioun. An da ginn ech do dem Claudia d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Do hunn ech just eppes ganz Klenges. Dat ass eist normaalt Verkéiersreglement, wat mer mussen all Joer fir eis Kiermessen, d'Summer-, d'Wanter- an och d'Bierenger Kiermes huelen. Do ännert sech näischt zu deene Jore virdrun, sou datt och vu menger Säit net allze vill dozou ze soen ass.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ganz kuerz. Mir haten am Fong just als Uleies dass bei der Kiermes hei op der Fohrmansplaz, dass een do eng Deviatioun fir de Vëlo virgesäit, well déi jo och op der Nord-Süd-Achs läit, d'Kiermes. Do ass et relativ flott hannen iwwert de Parking bei Co-Labor laanscht gaangen. Virun allem wa Kiermesbetrib ass, sinn d'Autofuerer och e bësse méi vigilent, dass do och Leit tréppelen, och Kanner ënnerwee si fir op d'Kiermes ze goen. Do géing et just duergoen, fir dat et bëssen anstänneg ze zeechnen an opzepassen, dass déi Kabelen hannert der Littfasssseil, dass déi net egal wéi do trëllen, dass ee mam Vëlo driwwer kënnt. Dat géing schonn duergoen. Zousätzlech Vëlosparkplaze bei de Kiermesagäng, dat wier nach eng weider Iddi, déi mer do wéilten an de Raum geheien. Bei béide Kiermessen, beim USINA, hat d'Gemeng dat zimmlech gutt gemaach mat deenen Ofspärungen do, déi's de och laanscht d'Strooss stelle kanns. Do konnt ee säi Vëlo gutt festmaachen. Virun allem bei der Bierenger Kiermes hate mer gesinn, dass do relativ vill Leit net wousten, wouhi mam Vëlo, an du hu se deen einfach bei dem Bauer seng Wiss gestallt. Voilà, dat wier et am Fong. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech schloe vir, datt de Pit Demuth vun der Circulatioun sech bei Iech mellt an da kuckt Dir dat zesummen, an da kucke mer, wat machbar ass. Also d'Vëlosparkplazen, do gesinn ech kee Problem. A fir d'Deviatioun, sou wéi ech dat elo op alle Fall gesinn, och net. Mee wéi gesot, kuckt dat mam Techniker selwer. Ech soen, e soll sech mellen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci och. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Reglement averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech Merci.

## 3. FINANZEN

**3.1. Presentatioun an Approbatioun vum Budget rectifié vum Exercice 2023 a vum Budget initial vum Exercice 2024**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer eriwwer op d'Presentatioun vum Budget rectifié 2023 a virun allem de Budget initial 2024. De Schäfferot wäert haut dann d'Prioritéiten an d'Invester presentéieren, déi mer am Joer 2024 tätege wëllen. A mir werfen natierlech och e Bléck op de Budget rectifié vum Joer 2023. An deem Kader hu mer och wéi all Joers eng kleng Powerpoint-Presentatioun gemeet, wou Iech hei den Abléck gëtt.
Fir mech selwer ass et déi 10. Kéier, wou ech als Buergermeeschter d'Méiglechkeet hunn, de Budget presentéieren ze dierfen. An et all Joers erëm eng grouss Erausfuerderung, well et gëllt jo ëmmer am Equiliber hei iwwert déi subsequent Budgeten Diddeleng weiderzebréngen an och weider ze moderniséieren. An de Budget 2024 ass deen éischte vun dëser neier Mandatsperiod, am Fong dann den éischte vun sechs an och den éischte vun dëser Majoritéit, säit de leschte Gemengewalen, déi am Juni dëst Joer waren. Wat sinn déi Donnéeën, déi mer zur Dispositioun hunn? A la base, an Dir hutt als Membere vum Gemengerot alleguerten déi Dokumenter zougestallt kritt, d'Circulaire vum Innenministère vum 26. Oktober 2023. An dann hate mer och eng Finanzkommissioun dëse Méinden 4. Dezember. Dir hutt och de Rapport vun der Finanzkommissioun virleien an natierlech och d'Budgetsdokument en tant que tel, wat Iech och Asiicht gëtt.

Virop e grousse Merci de Pascal Poull, eise Comptabel a seng Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus dem Service. Si haten déi lescht Woche vill Aarbecht. Dat ass eng Period, déi e ëmmer méi stresseg ass an och e bësse méi „spannend“ ass wéi den Alldag, well de Budget opstellen ëmmer eng Erausfuerderung ass a bleift. Mee e Merci geet och un eis verschidde Servicer, déi sech och bei der Opstellung vun dësem Budget mat abruecht hunn, sou wéi se dat och all Joers maachen. Déi makroekonomesch Virgabe sinn natierlech déi vun der Circulaire vum 26. Oktober. Déi leien eis vir. Déi baséiere sech natierlech op de Compte général vum Staat fir d'Joer 2022. Ëffentlech Finanzen insgesamt, déi, dat huet jo jidderee matkritt, generell ënnert Spannung sinn, souwuel beim Staat wéi och bei de Gemengen. Aus der Circulaire kann een erausliesen, dass et eng Rei Variatioune ginn. Engersäits wat d'Dotatiounen ugeet, déi d'Gemenge vum Staat kréien. Engersäits d'Gewerbesteier, wat eng kommunal Steier ass, déi de Staat zwar andreift an déi d'Gemengen natierlech erëmkréien. Do ass am Fong am Budget rectifié + 12,7% par rapport zum Kont, wou ee soll asetzen, wat ganz positiv ass. Et ass awer e bësse méi gedaamt par rapport zum Budget 2024. Dat ass e Plus vun 3,7%. Dat weist natierlech engersäits d'Volatilitéit, generell, vum Impôt commercial an awer och schonn e bëssen eng Undeitung op d'finanziell Situatioun an och vun den ëffentleche Finanzen. Deen anere Volet ass de Fonds de dotation globale des communes, den FDGC. Deen ass generell ganz positiv am Budget rectifié + 12,8%. A fir den Initial 2024 +15,1%. Dat sinn déi national Virgaben, déi mer hunn an un deene mer eis och orientéieren, respektiv un deene sech d'Gemengen orientéiere wa se de Budget opstellen.

An da läit natierlech och nach de Kont 2022 fir Diddeleng vir. Dat ass d'Toile de fond, an där mir eis beweegen, de generelle Kontext. Bon, generell ass jo nach ëmmer de Krich an der Ukrain mat sengen internationalen an europäesche Repercussiounen. Engersäits op d'Energiepräisser. Dat mécht natierlech keen Halt viru Lëtzebuerg an och net virun de Gemengen. Mir maachen natierlech de Constat, dass eng Hausse do ass um Niveau vun de Präisser vun de Matière premièren, wéi gesot, d'Energiepräisser, d'Inflatioun, déi an d'Luucht gaangen ass, d'Enjeux vun der Kafkraaft ze erhalen, d'Indextranchen, de Bauindex dee klëmmt. Also mir beweegen eis an engem méi schwéiere wirtschaftlechen a konjunkturellen Ëmfeld. D'Zentralbank, déi successiv de Leetzëns an d'Luucht gesat huet, wat natierlech och en Impakt op d'Kreditter, op d'Haushalter, op d'Betriber huet. De Logementsmarché, den Aarbechtsmarché sinn ënner Drock. An den FMI dee seet, dass Enn 2023 Lëtzebuerg warscheinlech Rezessioun ze verzeechnen huet. Also Zäite vu Polykrisen, déi eis vill ofverlaangen an dat natierlech och virun de Gemengen net Halt mécht. Eent ass sécher, generell fir d'Joer 2024 ass eng deels Berouegung, eng deels Accalmie op Niveau vun den Zënsen, op Niveau vun der Inflatioun an Aussiicht gestallt. Wéi eng genau, wéi eng konkret Konture se kréie wäerten, dat wësse mer nach net. Mee et ass awer wichteg, en A drop ze halen.

Wat een awer ka soen, aus deem méi generelle Kontext op de lokale Kontext erofgebrach, wat Diddeleng



betrëfft hale mer den Investitiounsvolume weider héich. Wann ee gesäit, am Initial 2024 wäerte mer 64,5 Milliounen investéieren als véiertgréisst Stad, Gemeng hei am Land a mat eise liicht iwwer 22.000 Awunner triede mer nach weider a fir eng antizyklesch Politik. An ech mengen dass et och virun allem gëllt, wichteg ugefaangen Infrastrukturprojeten ëmzesetzen, respektiv dann och fäerdegzestellen. An awer och e kollektiven a solidareschen Effort weiderzeféieren an och, dat ass vun eis gefuerdert, an herno wäerten d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus dem Schäfferot méi am Detail drop agoen, wéi déi finanziell, sozial an och nohalteg Komponente vun dësem Budget wäerte sinn. Op alle Fall, wat ee soe ka fir Diddeleng, do stinn d'Zeechen op 3 Pilieren: Éischtens op Consolidéierung, zweetens, keen Ofbau an drëttens, kee Stëllstand.

Ech ginn elo e bëssen op d'Eckdate vum Budget rectifié an. Wéi eng sinn dat? Dir gesitt et hei an der Presentatioun vum Powerpoint, dee mer gemeet hunn. Engersäits am ordinaire Budget, wa mer do op d'Recetten aginn 132.609.670.-. An effektiv an den Depensen 123.164.628.-. Dat mécht eis e Boni am Ordinaire vun 9.445.042.-. Wa mer dann e Bléck werfen op d'Recettes extraordinaires, dat si 56.534.422.- an d'Depensen 64.000.845.- [11:58 Zuel richteg verstanen???] Dat mécht natierlech e Mali am Extraordinaire vun 8.366.122.-. Wou mer nach de Boni dobäirechne vum Joer 2022. Dat ass 1,999044.- Milliounen. Dann hu mer do e generelle Boni vun 11.444.087.-. A wa mer dann de Mali ofzéie vun deenen 8,3 Milliounen Euro aus dem Extraordinaire schléisse mer de Budget rectifié 2023 mat engem Boni définitif of vun 3.077.946.-. Dat ass par rapport zum Budget initial e Plus vun 1,1 Milliounen. An dee Boni huele mer eriwwer mat an den Initial 2024. A wéi den definitive Boni wäert sinn, dat gesi mer jo dann am Kont vum Joer 2023, dat gesi mer dann am Laf vum Joer 2024.

Wat fënnt een am Budget rectifié 2023 erëm? Bon, klassesch an de Recetten, am ordinaire Beräich, dat si ronn 825.000.- Euro. Dat ass eise Restanten. Dee geet natierlech kontinuéierlech erof. Dat ass positiv. Mee et weist awer nach de Montant, dat sinn d'Schëldner vis-à-vis vun der Stad Diddeleng. Dat ass eng Recette, déi jo opsteet, déi mer nach net hunn, mee déi mer als Recette verbuchen. An de Gemengerot hat jo kierzlech och hei dem Receveur unanime gréng Luucht ginn, dass en déi Suen do weider kann andreiwen. Dann d'Gewerbesteier. 2,2 Milliounen Euro. Den Impôt foncier, 1,1 Milliounen Euro. Dat si keng gréisser Variatiounen och par rapport zum Initial. Wat awer eng gréisser Variatioun ass, an ech war jo virdrun op déi national

Virgabe vun der Circulaire ministérielle agaangen, dat ass de Fonds de dotation globale des communes, dat sinn 81,7 Milliounen Euro, am Initial hate mer der 76,2, also ech mengen do hu mer eng gutt Hausse. A soss nach sinn d'Contributioune vum Staat, vun de Ministèren zum Fonctionnement vu Maisons relais, Crèchen, Museksschoul, déi och nach e klengen Hoff maachen nieft de generellen Taxen, déi mer hunn a déi mer jo net changéiert hunn.

Da par rapport zu den Depensen am ordinaire Beräich. Natierlech hu mer duerch d'Energiekris, ech sinn ugangs jo drop agaangen, eng Hausse um Niveau vun den Energiepräisser. Do hate mer jo och d'Liste modificative, déi mer jo hei gestëmmt hunn, wou mer jo 1 Millioun méi gestëmmt hunn. Déi fënnt natierlech och hir Nidderschréft am Budget rectifié. D'Annuitéiten, déi bei 3,1 Millioun leien. An och eng Rei vu Verschibungen, wat d'Personalastellungen ugeet. Mee, wat een awer och hei erëmfënnt, dat sinn natierlech wat d'Personalfraisen ugeet, d'Biennalen, den Index, den neie Südaarbechterkollektivvertrag, wou mer jo och d'Botzpersonal aus der Salaireskategorie A2 op den A3 gehuewen hunn. Respektiv awer och am Budget rectifié an och herno am Budget initial d'Revalorisatioun vu de Karriäre vum Léierpersonal, vun de Museksenseignanten. Dat maache fir d'Stad Diddeleng gutt 860.000.- Euro aus fir d'Revalorisatioun vun de Karriäre vun de Museksenseignanten. Da ginn ech eriwwer op d'Recettes extraordinaires. Den Emprunt vu 40 Milliounen Euro, dee komplett gezu gouf an zwou Kéieren, eng Kéier 2022 mat 15 Milliounen. De Gemengerot hat jo do säi Feu vert ginn, déi mer och a grouss Infrastrukturprojeten, wéi d'Renovatioun vun der Schoul Brill, de Complexe sportif Strutzbierg an eis Gemengenatelieren investéiert hunn.

Da Subside vum Staat par rapport zu de subventionéierte Projeten, déi mer jo och dann hunn a wou dann am extraordinaire Beräich och Depensen ze verbuche sinn. Bei den extraordinairen Depensen, déi si vun 61,6 op 64,8 eropgaangen. Dat hu mer jo och hei am Gemengerot gestëmmt déi Haussen, duerch engersäits zousätzlech Kreditter, déi wärend dem Joer am Gemengerot gestëmmt goufen. Dat war och den Impakt vu verschidde Projeten, wou mer hei hu missten nostëmmen, virun allem och duerch Präisdeierecht. Dat ass e Phenomen, deen net nëmmen hei an der Stad Diddeleng, mee och a villen anere Gemenge stattfonnt huet. An et geet jo och duer, wann een an de leschten Deeg d'Press gelies huet iwwert d'Echoe vun den Haushaltsdebatten an anere Gemengen, wat do och vun Haussen ze verbuche war. Dëst zu den Eckdate vum Budget rectifié 2023, dee mer mat engem gudde Boni ofschléissen an dee mer eriwwerhuelen an den Initial 2024.

An da kommen ech op d'Presentatioun vum Budget initial 2024, wat am Fong de Plat de résistance ass, wann ech do op d'Eckdaten aginn, wat d'Ausriichtung vun deem dote Budget ugeet. Do hu mer am ordinaire Beräich Recette vun 136.058.941.-, Depensen am Ordinaire vun 135.038.301.- dat mécht eis e Boni vun 1.020.640.-. Wann een dann e Bléck werft op d'Recettes extraordinaires, dat sinn 61.768.061.- an d'Depensen, dat si 64.459.136.- an da mécht eis dann e Mali vun 2.717.101.-.

Wann een da kuckt, mir huele jo de Boni mat eriwwer vum Rectifié, dat si jo déi 3.077.964.-, dann hu mer hei e Boni général am Ordinaire vun 4.098.605.-. A wa mer dann de Mali ofzéie vun 2,7 Milliounen aus dem Extraordinaire, da géife mer hei en definitive Boni maachen am Initial vun 1.381.503 Milliounen Euro. Dat ass mol sou, wéi mer den Initial vum Joer 2024 opgestallt hunn.

Wann ee lo kuckt um Niveau vun den ordinaire Recetten. Dir kënnt Iech jo erënneren, am Joer 2022 hu mer jo op eis Reserv zréckgegraff an 2023 hu mer dat net gemeet, an am Joer 2024 wäerte mer dat och net maachen. An eis Reserv, Dir wësst et, beleeft sech op ronn 9,2 Milliounen Euro. Wann een och e Bléck werft op déi staatlech Dotatiounen, an ech wäert nach eng Kéier drop agoen. De Fonds de dotation globale, natierlech d'Gewerbesteier, a wann een och nach den Impôt foncier dobäirechent, da mécht dat am Fong 64% vun de Recetten aus, déi mer iwwer staatlech Dotatioune kréien. Dat si jo déi sougenannte Recettes non-affectées. An dann, wann een awer kuckt déi Recetten, déi méi affektéiert sinn, dat sinn natierlech d'Subventioune vum Staat, respektiv d'Taxe vun der Gemeng, dat mécht da 36% aus, dat sinn och 49,4 Milliounen Euro. Dat si jo och dann déi Chifferen, déi Dir an der Dokumentatioun erëmfannt, déi Iech virläit. Et sinn natierlech Recetten, déi affektéiert sinn iwwer Subventiounen vum Staat am Kader vun de Crèchen, Maisons relais, Enseignement musical oder och der Initiative sociale.

Wann een e Bléck werft op d'Zuelen, de Fonds de dotation globale des communes, 83,4 Milliounen Euro. D'Gewerbesteier, do misst een normalerweis e gewësse Principe de prudence walte gelooss hunn, wat mer och schonn am Budget 2023 gemeet hunn, well ee mierkt, dass et awer zimmlech volatil ass. Statt 2.193.000.- anzesetzen hu mer 2.150.000.- agesat, also 43.000.- Euro manner, fir do de Principe de prudence walten ze loossen. An am Impôt foncier 1,1 Millioun Euro. An da gesäit een dass d'Recetten, wann ee kuckt am Rectifié par rapport zum Initial, ëm 2,6% wuessen. An d'Depensen ëm 9,6%. An ech wäert herno nach drop agoen, wat do d'Grënn sinn. Weider Recetten, déi mer hunn, dat sinn natierlech d'Durchlaufgebühr um Niveau vum Gasreseau, well mer jo do Proprietär sinn an dann déi klassesch Taxe Waasser, Ofwaasser an de Müll.

Wa mer lo eriwwerginn op d'Recettes extraordinaires, do sinn natierlech d'Subsiden dra vum Staat. Déi Projeten, déi natierlech subsidiabel sinn, dat ass klassesch d'Schoulinfrastrukturen, Logement, Sport, ëffentlech Plazen, an awer och alles, wat am Klimaberäich ass. Wat d'Joer 2024 ugeet, do hu mer en Emprunt agesat vun 43 Milliounen Euro. Ob mer deen integral zéien, dat gesi mer nach, wéi de Kont ausgeet. A wa mer dat maachen, dann an 2 Kéieren, mee dat ass dat, wat mer elo hei mol dragesat hunn. Dat hänkt da vum Kont 2023 of. An den Emprunt huet jo mam Investvolumen ze dinn, mat deene Projeten, déi mer hei wëllen ëmsetzen. An herno wäerte mer méi am Detail drop agoen, respektiv och hei d'Kolleeginnen an d'Kolleegen am Kader vun hire Ressorten hei aus dem Schäfferot. 2017 bis 2021 hate mer 5 Joer laang keen Emprunt gebraucht. 2022 10 Milliounen an 2023 40 Milliounen a viraussiichtlech dann 2024 43 Milliounen Euro.

Wann ee klassesch elo nach eng Kéier op d'Dépenses ordinaires eriwwergeet, do hu mer engersäits de Fonds pour dépenses communales, dee beleeft sech op 374.000.- Euro, dee geet erop. Dat ass de Remboursement am Kader vum Congé politique vun eisen 19 Leit hei am Gemengerot. Viraussiichtlech duerch den Emprunt, engersäits vum leschte Joer, mee deelweis och vun dësem Joer, wann dee spillt, ginn och d'Annuitéiten erop. Dat huet een dann als Dépense ordinaire. Mee et kann een awer soen, wann ee wierklech ganz déi 43 Millioune géif zéien, mam ganzen Impakt op d'Annuitéiten, da leie mer bei engem Ratio vu 4,85%. Dee Ratio geet sécherlech an d'Luucht. Natierlech, wann een en Emprunt zitt ass dat en normale Prozess. Déi rout Luucht, no de Virgabe vum Inneministère, déi blénke réischt ab 15%. Sou dass mer eis hei nach ganz kloer am gréngen Beräich beweegen. 2024, wéi och schonn 2023, do si Walen. Do hu mer natierlech och Kreditter virgesinn. Den 9. Juni sinn, wéi gesot, Europawalen. An dat kascht natierlech vill Preparatioun an Aarbecht fir eis Servicer. Dofir hu mer och do déi néideg Kreditter virgesinn. Eis Contributioun, déi fënnt een och an den Dépenses ordinaires raus. Do hutt der Zivil a Sécherheet zum CGDIS fir déi Asäz vun de Professionellen an och de Benevollen, dee beleeft sech op 1,2 Milliounen Euro. Dat si jo Montanten, wou sech d'Contributioune vum Staat a vun de Gemenge sech op 50:50 belafen, an dat mécht dann hei 0,9% vun eisem Budget aus op deem doten Niveau.

Dann, en anere Volet, wou och eng Diskussioun hei am Gemengerot war, d'international Solidaritéit par rapport zu de Flüchtlingen aus der Ukrain, déi spillt weider. D'Solidaritéit sinn hei keng eidel Wierder. Net nëmmen déi international Solidaritéit, mee generell d'Solidaritéit. Do hu mer och nach e weidere Kredit hei virgesi vun 150.000.- Euro. Wat een och als méi generell Bemierkung, souwuel bei den Dépenses ordinaires wéi och extraordinaires am A muss behalen, mee dat ass natierlech eng national Decisioun. Dëst Joer hate mer de Benefice vun enger TVA, déi erofgesat gouf op 16%. Dat war jo eng zäitlech Mesure, déi wäert jo d'nächst Joer erëm voll spillen a vu 16% op 17% eropgoen. Et gesäit jo net duerno aus, dass se bei 16% géif bleiwen. Ech hunn net lo erkannt am Kader vun de Bestriewunge vun der neier Regierung, dass se un deem Taux wéilte festhalen. Dat huet natierlech och en Impakt generell op eis Depensen am ordinairen, wéi och am extraordinaire Beräich. Wann een dann och e bësse kuckt an der Opdeelung op deen anere Ressort, dee mir méi no läit an op deen ech klassesch och ëmmer aginn, dat ass engersäits och eis Ënnerstëtzung sans faille fir eis Geschäftswelt, déi mer ëmmer héich halen. Och de Geschäftskär am Stadkär. Mir wäerten do weider un deem Volet schaffen, dass eis Diddelenger Commercen eis um Häerz leien. Mir sinn an enger Situatioun, wou de Leerstand sech a Grenzen hält. Dat ass jo och positiv.

Mir hu jo och eng proaktiv, eng volontaristesch Approche, wou mer jo och Commercen ugelount hunn. Dat sinn der 6 Stéck, déi mer dann och weider verlounen. Dat ass engersäits eng Depense, op där anerer Säit awer och eng Recette am Kader vun der Sous-locatioun. A mir wäerten och o weider am Stadkär d'Geschäftswelt stäerken. D'Fäerdegstellung vun der 3. Phas vum Shared space gëtt eis eng weider Méiglechkeet. Mee mir beweegen eis och do an engem Kontext vun engem verännerte Kafverhale vun de Leit. Online-Handel, deen natierlech zouhëlt. Och den Ukrainkrich, dee seng Trace léisst. D'Margë generell fir den Handel, déi méi kleng ginn an natierlech och d'Banken, déi en anert Verhalen un den Dag leeën, net nëmme vis-à-vis vun de Bierger, wa se e Kredit wëlle kréien, mee och vis-à-vis vun de Commercen. Dat ass och eng Toile de fond an där mer eis befannen, déi d'Gemeng direkt en tant que tel net betrëfft, mee déi awer och eng Realitéit dobausse widderspigelt. An do ass et och wichteg, d'Promotioun vun eisem Centre commercial iwwert eise City Management weiderzeféieren. Do hu mer jo och e Kredit virgesi vun 115.000.- Euro. An dat wëlle mer och weiderféieren. Och eis Ënnerstëtzung fir d'Plattform Letzshop. Mee mir wäerten awer och verstäerkt, wéi dat och Usus ass, mam Geschäftsverband zesummeschaffen, wat eise privilegiéierte Partner ass, dee sech och nei opgestallt huet, wat jo och ganz gutt ass an och Member gouf an der Lëtzebuerger Confédératioun fir de Commerce a wou een och mierkt, dass elo d'Geschäftsleit ënnert sech Eegeninitiativen huelen an dat zesumme bündelen an och eng Rei Initiativen an d'Weeër leeden. A mir dat als Gemeng och weider ënnerstëtzen, well mer wëssen, d'Konkurrenz vun deene méi grousse peripheresche Strukturen, déi ass do. An do ass et och wichteg, eng Standuertstrategie weider ze entwéckelen. An dofir wëlle mir eis eng Strategie ginn an dofir fënnt een déi och am Budget erëm an engem Kredit vun 100.000.- Euro.

An natierlech och deen aneren Outil, den digitalen Outil, déi digital Léisungen, dat sinn och wichteg Atouten an do ass och eis City App generell, an och méi spezifesch fir de Commerce, e wichtegt Element. Dann, wann ee kuckt, als véiertgréisst Stad hu mer eng Rei Initiativen och geholl fir eis vun der Fuerschung begleeden ze loossen. D'Fuerschung, déi ee begleede léisst, fir och kënnen herno politesch Decisiounen ze huelen. A Fuerschung generell an der Gemengepolitik ass net sou Usus, mee ass awer e ganz wichtegen Outil, net nëmmen national mee och lokal an Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg, respektiv mat nationale Fuerschungsinstituter, déi féiere mer weider. An de Projet vun de Sources communales mam Zenter fir zäitgenëssesch Geschicht mam C2DH a mat der Uni.lu, dee féiere mer weider. Dee leeft jo weider iwwert de Budget 2023, 2024, 2025 wou et jo geet ëm Migratiounsbeweegungen an Diddeleng an aus Diddeleng eraus, fir dat ze erfuerschen. Wou d'Chercheure ganz interessanterweis am Gaange sinn, all d'Donnéeën déi se hunn iwwert d'Gemengenarchiven anzescannen. Wou kierzlech och Fachtagunge waren, notamment am Europäesche Parlament a wou och de Recherche-Prozess dokumentéiert gouf an och iwwert d'Methodologie geschwat gouf. A wann dee Projet bis ofgeschloss ass, en huet eng gréisser Envergure, well och Date mussen erfaasst ginn, digitaliséiert musse ginn, archivéiert musse ginn, da wäerte mer deen natierlech och der Ëffentlechkeet virstellen. Mee op d'mannst leeft elo um Niveau vun de Fuerscher hei vun der Uni Lëtzebuerg deen dote Projet op Héichtouren. An dat si jo Donnéeën déi erfaasst gi vum Joer 1898 bis 1940, also mengen ech e ganz flotte Fuerschungsprojet, deen hei stattfënnt. An en neie Fuerschungsprojet, awer mat méi konkreten Akzenter,

dee maache mer mam LISER, dat ass jo e Centre de recherche public. Et ass dee sougenannten Observatoire social, wou mer en Etat des lieux maache vun der sozio-ekonomescher Situatioun vun der Diddelenger Bevëlkerung. Do ginn et jo och deementspriechend eng Rei Beispiller. An dat ass jo och e Punkt vun eiser Schäfferotserklärung an dat ass en neie Projet, dee mer am Joer 2024 sécherlech wäerten initiéieren. Ech ginn dovun aus, dass herno och nach de René Manderscheid, eise Sozialschäffen, nach op verschidde Punkte wäert agoen.

E weidere Punkt an der Deklaratioun vum Schäfferot vum Joer 2024, de Plan local de sécurité. Och do wäerte mer usetze mat eiser lokaler an och regionaler Police, awer och zesumme mam CGDIS an eise Gemengeservicer, wou mer och wäerten d'Sécherheetskommissioun mat abannen, wou et drëms geet, den Diagnostik ze maachen, Analysen, Mesuren ze huelen, déi preventiv an och méi repressiver Natur sinn. An och do hu mer Kreditter virgesinn, fir deen dote Volet, deen och an der Schäfferotserklärung steet, fir dee kënne weiderzeféieren, respektiv am Laf vum Joer ze initiéieren. Bei der wirtschaftlecher Entwécklung nieft der nationaler Entwécklung, national Industriezonen hei zu Diddeleng, déi sech weiderentwéckelen oder bei de besteeënden, déi ënner Drock stinn. Dat huet ee jo och an deene leschte puer Méint a Jore gemierkt par rapport zu der Industriepolitik insgesamt, dass déi och en Impakt hei zu Diddeleng huet. Do hu mer och bei deem, wat mir kënne steiere weider Kreditter virgesi fir eisen Innovation Hub, dee säit 2018 net méi ewechzedenken ass a vill Start-uppen am Beräich vun den Eko-Technologien hu sech do ugesidelt, weiderentwéckelt, ganz gutt weiderentwéckelt. Konnten och do fortgoen, nodeems se konnten do gutt Fouss faassen. An ech mengen dass dësen Hub e feste Bestanddeel ginn ass an der Welt vu de Lëtzebuerger Start-uppen. An dat ass ganz positiv an dat wëlle mer och weider ënnerstëtzen.

Wat een och virun A muss halen, dat ass d'Entwécklung als Gemeng selwer. Landesplaneresch si mer eng CDA-Gemeng d'Ordre régional. Mir hunn dee Statut. Natierlech, wat d'Entwécklung vum Commerce an och vun der Wirtschaft ugeet, dat ass fir eis e wichtege kruziale Facteur an och an deem Kontext wäerte mer och am Laf vum Joer 2024, le Moment venu, a wann d'Geleeënheet sech bitt, och bei der neier Regierung uklappe fir mat hinnen och déi Engagementer, déi vis-à-vis vun der Stad Diddeleng stinn, fir déi och zesumme kënne weider ëmzesetzen, Hand an Hand, fir dass och mir als CDA-Gemeng, mat eisem regionale Statut an eise regionalen Aufgaben, dass mer och dat am Interêt vun der Stad Diddeleng an och am Interêt vun der Regioun kënne weiderentwéckelen.

De Budget, dee mir Iech och haut hei presentéieren, fir deen ëmzesetzen, do brauch een natierlech och motivéiert, engagéiert a gutt forméiert Personal. Aktuell schaffen ëm déi 760 Leit fir d'Stad Diddeleng. Wann een d'Léierpersonal nach dobäirechent, wat zwar Staatsbeamte sinn, mee déi fir d'Gemeng schaffen, dat sinn der ronn 200, da kënnt ee gutt op +/- 950, 960 Leit, déi am Interêt vun der Stad Diddeleng schaffen, an déi och en ëffentleche Charakter hunn. Fir 2024 hu mer, an dat konnt Der jo och an den Dokumenter gesinn, e Plus vu 6,2 Millioune wat d'Masse salariale ugeet. Dat ass natierlech virun allem d'Biennalen an d'Indexatioun, dat si gutt 5 Milliounen Euro. Neit Personal, nei Posten, knapp 500.000.- Euro, dat ass weider net vill. Mee wat virun allem eropgeet, dat ass fir all Gemeng, dat ass d'Part patronale um Niveau vun der Caisse de prévoyance. Déi war bis de Moment bei 20,3%, déi geet erop op 28%, dat ass eng gutt Millioun Euro. D'Caisse de prévoyance déi gëtt jo gespeist souwuel vun de Gemengen, vun de Salariéen an och vum Staat. An dem Staat seng Part, déi geet och erop vu 14,7% op 20,28%. Wéi gesot hei ass dann d'Part patronale vun der Gemeng, déi eropgeet.

Mee summa sumarum kann ee soen, dass mer engersäits an enger gudder Situatioun sinn, wou brutto 55% d'Personal ausmécht. Wann een dann natierlech déi Subside dobäirechent, déi mer vum Staat kréie fir déi Aufgaben, déi mer fir de Staat maachen, da leie mer netto bei 44% respektiv 45%. Ech mengen dass dat eng ganz gesond Situatioun ass, déi an de leschte Joren éischter no ënne gaangen ass wéi no uewen. A wat an där ganzer Masse salariale och spillt, ech hunn et virdru gesot, dat ass 2024 d'Revalorisatioun vun de Karriäre vun de Museksenseignanten. Wat mer awer och als Gemeng hei ganz kloer iwwerhuelen, dat ass eis Roll als Ausbilder vu jonke Stagiairen, sief dat am Handwierk, awer och am administrative Beräich. Dat ass e wichtege Rôle, dee mer hei anhuelen, fir Jonker och eng Perspektiv am Apprentissage ze ginn. An ech mengen dass dat iwwert all déi Joren e ganz flotten Exercice ass, dee kënne wouerzehuele mat deenen zoustännege Chamberen, Chambre des Métiers, Chambre de Commerce, respektiv mat deene verschiddene Lycéeën, den Diddelenger Lycée awer och anere Lycéeën. Ech mengen dass dat och e wichtegen Aspekt ass vun enger Gemeng an och e wichtege soziale Rôle hei anzehuelen ass.

Wann ech dann eriwwerginn op eis Recettes extraordinaires, ech si virdru kuerz drop agaangen. Mir hu jo Recettë vun 71,7 Milliounen Euro, dovu sinn 43 Milliounen Emprunt an 18,7 Millioune Subside vum Staat. Wéi gesot, un déi 9 Millioune Reserv déi mer hunn, do gi mer dëst Joer, also 2024, net drun. Wat awer och ze bemierken ass als positiv, am Joer 2024 leeft en Emprunt aus vun 3 Milliounen Euro. Dee war Lafdauer 2003 bis 2023. Dat ass um Niveau vun de Recettes extraordinaires. Da kommen ech op d'Dépenses extraordinaires eriwwer. Fir de Budget 2024 hu mer en Investvolume vu ronn 64,5 Milliounen ageschriwwen. Am Rectifié 2023 hate mer 64,8 Milliounen Euro. Dat weist ganz kloer dass mer den Investvolumen als Stad Diddeleng héich halen an 78% vun deenen Invester fléissen a besteeënd respektiv ugeeënd Projeten. Dat sinn also Projeten, déi sech iwwer 2-3 Joer, 2-3 Budgetsjoren, erstrecken an 22% ginn an nei Projeten investéiert a mir setzen hei de Fokus op d'Schoulinfrastrukturen, op den abordabele Wunnengsbau, op Sportsinfrastrukturen an op Stroossebauinfrastrukturen. Et sinn, dat muss ee ganz kloer soen, onëmgänglech Projeten, déi mer hei ëmsetzen. Et ass engersäits e Budget vun der Kontinuitéit an och vun neien éischten Akzenter, déi aus der rezent virgestallter Schäfferotserklärung kommen, déi eis hei

ganz kloer wäerte begleeden. An dës Majoritéit huet d'Bestriewung fir weider Grondlagen ze schafe fir éischtens Diddeleng weider ze moderniséieren an zweetens laangfristeg d'Liewensqualitéit vun an an eiser Stad net nëmmen ofzesécheren, mee och weider ze verbesseren an och auszebauen.

Diddeleng kennt also och mat dësem Budget kee Stëllstand. Den Elan ass ongebrach. Wann ee kuckt, déi verschidden Acteuren, déi hei zu Diddeleng engagéiert si weisen, dass mer eng ganz kreativ, fortschrëttlech, innovativ an nohalteg Stad sinn. Dat wëlle mer och bleiwen. An dorunner schaffe mer och gäre weider. An dofir mengen ech och ass d'Ausriichtung vun eise Projeten, vun eisen Invester weeder engem nice to have zouzeschreiwen, nach sinn et Prunkbauten. Eis Projete si generatiounsiwwergräifend an och fir déi nächst Generatioune mat geplangt. Den Invest héichhalen ass wichteg. Grad sou wichteg bleift et an der Zilsetzung ze gestalten an net ze verwalten. An dofir ass et och wichteg, dass mer d'Finanzsituatioun an hir Evolutioun am A behalen. Mir wëssen alleguerten heibannen dass d'ëffentlech Finanzen beim Staat a bei de Gemengen ënner Drock stinn. Mee all investéierten Euro gesi mer jo net nëmmen eleng als soi-disant Depense, mee och als en Invest an d'Zukunft an och an d'Zukunft vun eiser Stad. An ech mengen och, dass déi mënschlech Dimensioun an déi héich Liewensqualitéit, déi d'ailleurs vill jonk Familien dozou entscheet huet, sech hei zu Diddeleng nidderzeloossen, e ganz klore positiven Usporn ass, an deene Prioritéiten déi mer eis hei ginn hu weider ze schaffen. Ech mengen dass dat déi méi generell, iwwergeuerdent Ausriichtung vun dësem Budget ass. Ech wäert och elo op meng Ressorten hei agoen. Herno wäerten d'Kolleeginnen an d'Kolleegen op hir Ressorten agoen an déi presentéieren.

Ech géif elo op de Volet Stadentwécklung an Urbanismus agoen. Dëse Gemengerot huet jo eng Modifikatioun vum neie PAG an d'Prozedur geschéckt. Dat wäert eis och sécherlech am Laf vu 2024 um Niveau vun der Stadentwécklung weider beweegen, respektiv wäert de Gemengerot domat befaasst gi ronderëm Initiativen, wou mer jo festgeluecht hunn, dass mer déi wäerten thematiséieren. Modifikatioune vum PAG ronderëm Initiative vun Tiny Houses, wou mer och ganz kloer Akzenter kënne setzen. Mee och e méi rezenten, neie Projet, deen an d'Haus steet, dat ass dass den Cfl-Multimodal eis saiséiert huet mat enger Demande fir de PAG ze änneren, well se hei en nationale Logistik-Magasinn wëlle virgesinn. An do wäert och dëse Gemengerot, respektiv eise Groupe de travail de moment venu domadder befaasst ginn. Wat och wichteg ass, dat ass dat urbanistescht Konzept ronderëm Koibestrachen. Dat leeft weider. De Staat ass am Gaangen, Terrainen opzekafen a Verhandlungen ze féiere mat de Proprietäre fir dass dës national Zon entstoe kann. An hei ass da virun allem de Wirtschaftsministère an de Finanzministère um Ball fir deem kënnen nozegoen. Dat selwecht gëllt fir op Helper, wou eng Zone mixte soll entstoen, wou d'Gemeng och deementspriechend mathëlleft.

Dann hu mer de Masterplan ronderëm de Stade Meyer. Do ass jo d'Modifikatioun vum PAG en cours, déi hu mer jo hei an d'Prozedur geschéckt. Nieft de Sportsinfrastrukture soll jo och abordabele Wunnraum entstoe mëttel- a längerfristeg an och eng ganz Rei ëffentlech Funktiounen. Un deem Projet schaffe mer weider. Etüden awer och, fir de Ribeschponter Griicht fir och d'Erschléissung vum Reseau vum Kanal ronderëm de PAP, mee awer och ronderëm d'Regiebetriber, wou jo och den Neibau am Gaangen ass.

NeiSchmelz, do wäert natierlech och vill sech doen. Mir hate jo am Hierscht déi Informatiounsversammlung am Centre culturel. Ufanks 2024 wäert de Fonds du logement d'Sanéierungsaarbechten an Ugrëff huelen an och d'Evolutioun vun deene Gebaier, déi net geschützt goufen. Dat si jo 15%. 85% ënnersti jo enger nationaler Protektioun. Mir hunn awer och Kreditter fir de VEWA, déi um Dësch leie fir mam Fonds du logement zesumme kënnen en neien Daach ze maachen, wou een och Photovoltaik mat dran huet. Natierlech, déi lescht Evolutioune vum Lokomotivatelier, mat der Kantin, mat der Lokomotiv selwer, déi och en Eyecatcher ass, do waarde mer och nach op d'Réckmeldung vun der ITM wat e weideren Invest an d'Sécherheet ugeet. Dat ass en cours. Mee wéi gesot, do waarde mer dann nach op de Retour vun de staatleche Stellen. Wat sech op NeiSchmelz wäert doen, dat ass hannert der Kantin, do hu mer de Container fir Museksschoul, fir den Danzdepartement, wou och do deementspriechend wäert hikommen.

Och eng Etüd, déi mer virgesinn hunn, mir hu jo och déi Konventioun hei am Gemengerot gestëmmt, fir och déi definitiv Analysen ze maache fir à long terme d'Museksschoul an engem vun de Gebaier op NeiSchmelz definitiv kënnen ze amenagéieren. An awer och schonn éischt Kreditter fir de Complexe scolaire op NeiSchmelz, fir do unzekommen am Kader vun der Neiplanung. Also och NeiSchmelz wäert eis déi nächst Jore sécherlech weider beschäftegen. D'Aarbechte vum Fonds du logement, déi 2024 ufänken an och duerno. Mir mussen eis jo och bewosst sinn, an dat hu mer jo och am Gemengerot beschwat, dass den Accès op de Site wäert ageschränkt ginn, ausser natierlech den Deel, deen de VEWA betrëfft, de Lokomotivatelier, déi Kantinn an och déi nei Plaz Thierry van Verwecke déi bleift accessibel souwéi och d'Danzschoul. Wa mer e bësse méi vun NeiSchmelz an den Zentrum kommen, am Mee hu mer déi 3. Phas vum Shared space ageweit, respektiv d'Plaz Franz Kinnen. Ëffentlech Plazen, déi Planung geet weider ronderëm d'Phas 4 ronderëm d'Gemeng. An och d'Iddi der Gemengeplaz och e liichte Facelifting ze ginn. Dofir hu mer jo och Kreditter virgesi fir d'Joer 2024.

E weidere Projet, deen op Volltoure leeft, dat sinn d'Aarbechte ronderëm eis Gemengenatelieren an der Rue de l'Abattoir. De Réibau, deen ass fäerdeg. De Projet kënnt gutt virun. An och do hu mer déi néideg Kreditter virgesi vun 8,3 Milliounen Euro. An op deem dote Site, Dir wësst, iwwert ganz laang Jore war an engem Gebai, wat eis gehéiert jo d'Bäckerei Primavera dran. Déi huet jo Faillite gemeet. An dat Gebai wou si Locataire waren, dat entsprécht och weider net méi de Standarden, an dofir hu mer och e Kredit ageschriwwe vun 0,6 Milliounen Euro fir 2024, awer och e Kredit fir 2025 fir dat Gebai do ofzerappen an déi Plaz och anescht kënnen ze notze fir eis Gemengenatelieren.
An dann eise Fuerpark, dee mer erneieren. 0,5 Milliou-



nen hu mer do virgesinn, an do maache mer natierlech och en Invest an en elektresche Fuerpark. E Fuerpark, deen e gewëssenen Alter huet, mee och vill am Asaz ass all Dag, wann eis Servicer erausfueren.

Ronderëm de Logement, déi Projeten, déi mer an der Vitrinn hunn, do hu mer och d'Acquisitioun vun Terraine virgesinn. Falls sech am Laf vum Joer 2024, wéi et och schonn 2023 de Fall war, Opportunitéite wäerte bidden, hu mer also 0,5 Millioune virgesinn. Mee et sinn awer och e bësse méi kleng Montanten, déi mer ageschriwwen hunn. Mir hunn e Montant ageschriwwen, no enger Diskussioun, déi mer hei am leschte Gemengerot haten, dee mer och e bësse gehéicht hunn, fir och déi audiovisuell Retransmissioun hei ze maache vun eisem Gremium. Mir hunn awer och méi kleng Acquisitioune fir och nei Walkabinnen unzeschafen an och fir eis Gemengeservicer, fir d'Schlässerei an d'Schräinerei och nei Maschinnen an och fir nei Miwwele fir eisen Tourist Office.

Wat een awer och generell ka soen, a wou eis Kolleegen aus de Syndikater och wäerten drop agoen, dat ass, dass een awer och d'Gemengesyndikater insgesamt am A muss behalen. Well do geet eis Contributioun, mee net nëmmen eis Contributioun, mee och vun deenen anere Gemengen, déi Member an dëse Syndikater sinn, do geet d'Contributioun erop. Wann ee kuckt, vu ronn 10,6 op 12,6 Milliounen Euro geet eis Part erop, souwuel ordinaire wéi och extraordinaire. Dat musse mer am A behalen. Dat ass net näischt, wat do vu Käschten op eis duerkënnt. Dat ass virun allem eng Hausse vum Invest um Niveau vum TICE an um Niveau vum STEP. An ech mengen dass d'Kolleegen aus dem Schäfferot nach wäerten drop agoen.

Zur Conclusioun, wat elo mäin Deel hei ugeet, an da ginn ech d'Wuert weider un d'Kolleeginnen an d'Kolleege aus dem Schäffen- a Gemengerot, well et ass e bësse méi eng generell an iwwergeuerdent Presentatioun vum Budget, fir engersäits e bëssen de Kader ze setzen, fir op meng Ressorten anzegoen a lo wäert der nach weider, en fonction vun de Ressorten, vun de Kolleeginnen a Kolleege vum Schäfferot d'Prioritéiten aus hire Ressorte virgestallt kréien. An zum Schluss vun hirer Presentatioun wäert ech nach e bësse méi generell Conclusiounen zéien. Merci. An ech ginn dann d'Wuert weider un de Loris Spina.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, och vu menger Säit aus fir d'éischt emol dem Pascal Poull a sengem Service an all deenen anere Servicer, déi gehollef hunn, un deem komplizéierten a komplexen Dokument ze schaffen, dass mir et sou digest wéi méiglech presentéiert kréien, dass mer och bal alles gutt verstinn. Et ass effektiv deen éischte Budget no engem ustrengende Superwaljoer, wéi et deelweis genannt gouf. Et erkennt een eng gesond Kontinuitéit. An et gi scho verschidde Projeten aus der Schäfferotserklärung konkret attackéiert. An dat alles mat engem klore A op d'Finanzen natierlech an awer och den Erhalt vun der héijer Liewensqualitéit hei zu Diddeleng. Als Kulturstad läit et op der Hand, dass ech och mam Kulturberäich ufänken. Och dëst Joer huet eise Service culturel nees en immens vasten an héichqualitative Programm am Kulturzenter Opderschmelz an an eisen zwee Zentren, wéi och dobaussen ugebueden. Matt deem groussen Asaz an der gewinnter Passioun. Fir d'Envergure vun dësem Joer e bëssen ze illustréieren, vläicht emol e puer Zuelen. 2023 louch den Taux d'occupation vun eise kulturellen Infrastrukture bei 90%. Da sinn onfaassbar 282 Deeg, wou opgebaut, geprouft, opgetrueden an nees ofgebaut gouf. 2023 hat eise Service culturel 255 Manifestatioune geréiert. 80 dovunner waren dann effektiv och kulturell Manifestatiounen. Bei den Zuschauerzuelen, bei den Entréeën, ass eng däitlech Hausse opgefall. Mir verzeechnen 28.600 Visiteuren, an do sinn d'Auditioune vun eiser Museksschoul net mat agerechent.

Dës weideren hate mer 34.200 Visiteuren op eise Festivallen. Dobäi natierlech déi bekannte Fête de la Musique, USINA, Nationalfeierdag, Fête des cultures, Marché du monde oder och de Summer Stage. An eise Centre d'art kommen an der Moyenne 150 bis 200 Visiteure pro Expo. 52% vun deenen, déi hei zu Diddeleng opgetruede sinn oder ausgestallt hunn, waren national Artisten. Deemno 48% international Kënschtler, déi hei empfaange goufen. Houfreg si mer op eis Residenzen. Op deem Niveau hate mer der dëst Joer 14. Woubäi 56 Deeg am Kulturzenter Opderschmelz geschafft gouf. D'Dudetown-Haus oder och eist Appartement iwwert der Dominique Lang waren 118 Nuechte beluecht. Dovun hu Kënschtler an der Beräicher Jazz, Pop, Theater, Danz, Arts visuels, mee och Diddelenger Partner wéi den CNA an de Centre Doc profitéiert. Hei kann ee vläicht och nach erwänen, dass de Service culturel dës Logementer mat senger klenger Ekipp selwer geréiert. E puer Highlights vum Joer 2023: Natierlech den USINA mam Peter Fox, Interpol oder Triggerfinger, wou d'Kollaboratioun vun eisem Service mat der Ekipp vum Atelier an dem Gudde Wëllen nees eng onvergiesslech Momenter op Diddeleng gezaubert huet. Dem programmatesch exzellente Line-up stoung leider e schwaachen Ticketverkaf haaptsächlech um zweeten Dag an d'Weiderklamme vun de Käschten entgéint, wat et schwéier gemaach huet, dëse Festival finanziell an d'Balance ze bréngen, sou wéi mir dat hei am Gemengerot och beschwat hunn. Dofir hu mir missen eisen Apport, eebe fir déi nächst Editioun, déi Dir am Budgetsdokument erëmfannt, no uewe revidéieren. Wa lo och nach de Kulturministère eis hei ënnert d'Äerm gräife géif, da sollte mer hei déi néideg Mëttele fir en erfollegräichen USINA 2024 zesummenhunn.

E ganz groussen Highlight war dëst Joer natierlech déi 30. Editioun vun eiser Fête de la musique mat ronn

25.000 Visiteuren. An eisem Centre d'art goufen 8 Expoen ugebueden. Et muss ee soen dass dës Galerië fantastesch Opportunitéite si fir eis national Kënschtler, fir sech kënnen ze entfalen an engem Public ze presentéieren. Dëst Joer ginn an eise Centrë jonk Kënschtlerinnen a Kënschtler gewisen. Wéi z.B. de Julien Hübsch, deen dëst Joer de Prix Grand-Duc Adolphe vum CAL gewonnen huet oder och de Pit Riewer, e Moler mat senger éischter Solo-Ausstellung, deen dëst Joer de Prix révélation vum CAL dëst Joer kritt huet. Zudeem wäerte mer a Kollaboratioun mam Nationalmusée eng Retrospektiv vum Marc-Henri Reckinger organiséieren. 2024 versprécht e ganz grousse Cru ze gi mat elo schonn 2 ausverkaafte Concerten, engersäits vun der Jazzlegend Al di Meola an déi vu K's Choice. Weider grouss Nimm, déi op eis waarden: Wishbone Ash, de Josh, de Max Mutzke, The Fish oder d'Dublin Legends, besser bekannt ënnert den Dubliners.

Fir eis Klengst gëtt natierlech och erëm eppes ugebueden. Ënner anerem Bibi Blocksberg, d'Conny, Pepper Pig a natierlech och de Kanner- a Jugendbicherdag mat sengen Auteuren an Editiounshaiser, dem Marsupilami Poppentheater an dem Zeechner vun den 3 ???. Wéi Dir all konnt gesinn huet och de Centre culturel seng Budgete konnten halen. Just eeben d'Budgetsposten am Beräich vun der Energie goufe vun deene bekannten Haussë beaflosst. 2024 ass och an dësem Beräich kee Budget exceptionnel ugefrot ginn, wat awer an deenen nächste Jore wäert änneren, well eng Rei vu Reparaturen an Entretienskäschten um Niveau vum Haus selwer, also dem Kulturzenter, wäerten op eis zoukommen. Um Niveau vun de Recettë gouf et erfreelecherweis en zolidd Hausse vu bal 100% vun de bezuelten Entréeën. An dat ëmmer nach zu eisen attraktiven a sozialen Tariffer. Als nationale Musterschüler kréie mer natierlech och eis gewinnte Gelder via ministeriell Konventioun.

Ech wëll nach e bëssen op de Kulturpass agoen, well mer do en neie Moment hunn. Dir wësst, datt mer säit Jore Partner sinn an och eis Festivaller wéi den USINA, de Celtic oder Like a Jazz Machine, do kann ee mam Kulturpass erakommen. Dëst Joer ass et wéi gesot en neie Moment, well et eis wichteg ass, dass jidderengem den Zougréff zur Kultur soll erméiglecht ginn onofhängeg vu sengem Akommes.
Aus deem Grond huet eise Service Ensemble Quartiers Dudelange zesumme mam Service culturel an der Kulturpass a.s.b.l. e Projet ausgeschafft, fir eebe Biergerinnen a Bierger aus deene sozialen Institutioune Kultur méi no ze bréngen an d'Integratioun an déi Lëtzebuergesch Gesellschaft ze erméiglechen an ze vereinfachen. Wärend engem hallwe Joer wäerte Visitte vun Expositiounen organiséiert ginn zesumme mat de respektive KënschtlerInne fir de Lei dat Ganzt méi no ze bréngen, sou dass d'Kultur en allgemengt Gutt ass an deem sech all Mënsch erëmfanne kann a sech do austoben däerf. D'Gemeng Diddeleng huet an deem Kontext eng Konventioun mat der a.s.b.l. Kulturpass ënnerschriwwe fir eeben d'Kultur hei zu Diddeleng nach weiderhin ze stäerken.

Och um Niveau vun de Locatioune vun de Säll ronderëm den CCRD gouf eng seriö Hausse verzeechent. Am Resumé kann ee soen, dass déi kleng Ekipp vum Service culturel nees kleng Wonner vollbruecht huet an eis vill Freed a spannend, ënnerhalend a qualitativ héichwäerteg kulturell Momenter verschaaft huet. An all dat weist dass mer eise Wäerter an Objektiver nokommen. Zougänglech Kultur fir jiddereen unzebidden, eng breet an divers Palett an eiser Programmatioun presentéieren, an dat andeems mer déi Lëtzebuergesch Kulturzeen stäerken. An dovu profitéiert sécherlech och déi ganz Ekonomie, déi do drunhänkt. Ech denken do un d'Techniker, Gastronomie, Hotellerie, mee awer och d'Kommunikatioun.
E weidere Pilier an eiser Kulturzeen ass natierlech eis regional Bibliothéik. Do wäerte mer weiderhi mat motivéierten a kompetente Leit eis Lieserinnen a Lieser empfänken an dat op eng oppen a frëndlech Aart a Weis. Budgetär hu mer hei probéiert, och keng Experimenter anzegoen, deemno e puer Highlights vun der Programmatioun erausgehuewen an och nach e puer Statistiken. Am Januar wäerte mer natierlech als Bibliothéik um Kanner- a Jugendbicherdag deelhuelen, am Juni kënnt den Ingo Siegner, dee kenne mer aus „Der Drache Kokosnuss", an iwwerhaapt hu mer ganz vill mat de Kanner, mat de Schoulen, mat de Maison relaise mat de Crèchen organiséiert. Do kommen eng Rei vu lëtzebuergeschen Auteuren op Diddeleng liesen, ech denken do un d'Luisa Bevilacqua, d'Betsy Dentzer, de Roland Meyer oder d'Dany Gales.

De Familljendag ass natierlech och do fest am Agenda integréiert. Flott ginn och d'Visitte mat eisem Club Aktif+. Natierlech wäerte mer Samschdes moies déi Aktivitéite mat de Kanner an Atelieren och weiderféieren, d'Rucksakbibliothéik ass weiderhin e flotte Projet hei zu Diddeleng, wou den Enseignanten zur Verfügung gestallt gëtt an natierlech de Kanner deementspriechend. Weiderhi si mer am Reseau Bitnet vertrueden, bei eBooks maache mer mat an och am neie Videosprojet Ménulu. D'Frequentatiounen, do kann ee soen, dass mer dëst Joer vu Januar bis Oktober ongeféier 7.800 Visiteuren ze verzeechnen haten. 280 nei Memberen an där Period. 1500 Exemplairë goufen nei katalogiséiert. A mir hu ronn 37.700 Titelen hei zu Diddeleng an eiser Bibliothéik. Selbstverständlech gi mer hei iwwert d'Konventioun vum Staat weiderhin ënnerstëtzt. Déi 65.000.- Euro fannt Der och an deem Budgetsdokument erëm.

De Centre de documentation sur les migrations humaines ass och e Pilier an eiser Kulturwelt hei zu Diddeleng, an dee schafft fläisseg u verschiddene Konferenzen, haaptsächlech d'nächst Joer am Kader vun de Migratiounsmuséeën, déi do stattfanne wäerten, an eng Ausstellung ass och geplangt ëm d'Migratioun a Rumänien. De Philippe Blasen an d'Antoinette Reuter ënnersichen d'Migratioun vun de Lëtzebuerger a Rumänien a vu Rumänen hei a Lëtzebuerg. Zudeem ass eng Ausstellung geplangt iwwert d'Archive vum Centre Doc.

Op eisem Diddelenger Fändel steet awer och ganz grouss Sport drop. En extreeme Marathon, deen eise Service des sports all Joer ze bewältegen huet ass et, déi gutt Infrastrukture bannen a baussen, ënner anerem Halen, Terrainen, Schwämmen, Gymnasen op engem héijen Niveau ze halen. Sou dass eis Veräiner am Kader vun hirem Benevolat hire Membere beschtméig-

lech Konditioune kënnen offréiere fir hirem Sport kënnen nozegoen. Dat souwuel op Kompetitiounsniveau wéi awer och am Fräizäitberäich, individuell oder an enger Ekipp, an dat fir all Alter. Sport ass net nëmme gutt fir d'Gesondheet, mee e fërdert och eist Gemeinschaftsgefill. „Mär sinn Diddeleng". Dat héiert een oft genuch. Deemno huele mer dëse Beräich och ganz, ganz eescht. D'Budgetspresentatioun ass och ëmmer d'Zäit fir d'Statistiken, dofir och hei e puer interessant Zuelen. Hei hunn ech d'Statistike bis Mëtt November: 40.700 Stonne Sport sinn an eisen Infrastrukture gemaach ginn. An dat haaptsächlech vu 40% vun eise Veräiner, 30% Ecole fondamentale a Maison relais an 12% vun eisem LNB, eisem Lycée. Hei nach vläicht e puer Projeten erausgepickt aus dësem Budgetsdokument.

Sou wéi mer et schonn héieren hunn ass de Komplex Strutzbierg op der Leescht, a mir hoffen, dass mir deen dann d'nächst Joer och ofgeschloss kréien. Schoul, Maison relaise ginn do moderniséiert an ausgebaut, awer och de Gymnase an eng Schwämm mat engem 25-Meter-Baseng wäerte mer kënnen do opmaachen. Do un deem Projet hänken nach d'Alentoure mat dobäi, d'Zougäng, net ze vernoléissegen an eng ganz flott an nei Spillplaz. Nach ze erwäne bleift dass den Diddelenger Dëschtennis ganz wäert dohinner plënneren. Dat wäert déi och freeën, dass do alles gebündelt op enger Plaz ka stattfannen an och hiert Material wäerte se dankbar akzeptéieren. D'Babyschwamme gëtt dann och erëm op de Strutzbierg deplacéiert. Sou ee Chantier ass eng immens Erausfuerderung, well een dat matten an engem Wunnquartier muss maachen an dat bei lafendem Schoulbetrib an dat och nach nieft enger Haaptachs vum Verkéier. Finanziell ass et och en enormen Challenge mat deene kriselnden a präisinflationären Ëmstänn, déi mer jo och scho vum Buergermeeschter erläutert kritt hunn. Et bleift eng Herkulesaufgab fir Energiekäschten ze deckelen an och de ganzen Entretien gestemmt ze kréien. An dat gëllt natierlech fir all eis Gebaier an Infrastrukturen.

Weider geet et mat de Projeten um Kennedy ronderëm d'Indoor-Hal vun eisem CAD an och d'Tennisterraine baussen a bannen. Hei schaffe mer weiderhin am reegelméissegen Austausch mat deene concernéierte Veräiner drun. Um Stade Nosbaum gëtt och weider geschafft, engersäits un den Tribünen an och de Projet Buvette gëtt weidergedriwwen. Um Stade Meyer, dat hu mer herno och nach am normale Gemengerot, gëtt den nächste syntheteschen Terrain geluecht, wou mer eis dann och drop freeën, 25% vum Staat ze kréien. Am Centre Hartmann gëtt natierlech och weider investéiert, ënner anerem am Kader vun der Mise en conformité. Wéi Der mierkt, ass bei all deem, wat mir sou maachen, den Dialog mat de concernéierte Veräiner immens wichteg fir dass mer gezielt a passend intervenéieren an investéiere kënnen. Heibäi fanne mer och d'Sport- an d'Fräizäitkommissioun erëm an och d'SportlerInnenéierung däerf natierlech d'nächst Joer net feelen.

A frou sinn ech, dass mer ëmmer erëm Leit fannen, déi am Kader vun der Lasep hëllefe fir déi Kleng och un d'Beweegung ze kréien. An och den Timeout huet sech als passende Projet bewäert, an déi éischt Saison an der Buvette mat deem neie Partner war och en Erfolleg. Eng flott Traditioun ass am Gaang, sech duerchzesetzen, sou dass mer virun der Saison vun der oppener Schwämm en Interclub organiséieren an zum Schluss vun der Saison en Hondsschwamme wat dëst Joer e flotte Succès war. Op Säite vun de Recetten, do gesi mer virun allem d'Participatioun vum Lycée, an awer och d'Entréeë vun eise flotte Schwämmen.

Da wär ech beim FeMa well nieft der Kultur an dem Sport sinn eis Eventer a Fester de Kliefstoff vun enger Gesellschaft. Dës flott Momenter schafe gemeinsam Erënnerungen a bréngen d'Leit zesummen an hëllefe sech wuelzefillen hei zu Diddeleng. Bei all deem, wat schonns ugebuede gëtt, plus d'Gestioun vun de Säll, déi mer de Citoyenen an den Associatiounen hei zu Diddeleng zur Verfügung stellen an och d'Gobeleten, bréngt dat mat sech, dass eis FeMa-Ekipp, also FeMa steet fir Service fêtes et manifestations, sech net langweilt. Sou maache mer grad all déi éischt Erfarunge ronderëm an am Hall polyvalent. Dëse gouf haaptsächlech genotzt vu 34% vun eise lokale Veräiner, 19% vu Privatleit an 10% vu lokale politesche Sektiounen.

Des weidere probéiere se, nei Momenter mat eranzebréngen. No enger interner Analys am Austausch mat deene Concernéierten a mat de Visiteuren hu mer och dëst Joer wéi ofgemaach ganz fréi um Chrëschtmaart geschafft mat de Participatiounen, wou mer e ganz flotten an interessanten Austausch haten, a mir hu probéiert zesummen déi bescht Formule fir Diddeleng ze fannen an herno kënne mer dat dann alles zesumme feststellen, wéi dat dann dobaussen ausgesäit. Ausserdeem ware mer der Meenung, dass d'Fête de la Culture an de Marché du Monde zu engem eenzegen Highlight zesummegefouert solle ginn an do op déi éischt Experienz zesumme freeë mir eis och alleguerten. Den alternative Maart wäert weider bestoe bleiwen. E bëssen eng aner Nues kritt en. E wäert nach zweemol organiséiert ginn, eemol am Ufank an eemol zum Schluss vun der Saison an dat jeeweils gekoppelt mam Sweet Event, wou d'Leit onbedéngt drop gehalen hunn, dass mer dee géife weiderféieren. Nieft dësen an aneren Events ass et eis wichteg, weiderhin e flotten an ofwiesslungsräiche Wochen- a Monatsmoart hei unzebidden an och déi zwou flott Kiermessen natierlech.

Och wann de Prix du bénévolat extra erausgehuewe gëtt, sou wësse mer alleguer, dass dësen an och all déi aner Servicer eise Veräiner an Associatioune logistesch a materiell d'ganzt Joer laang hëllefe bei hiren Eventer a flotten Aktivitéiten.

Den Austausch ass och e Kärelement vun eiser Biergerbedeelegung. Jo, an do gi mer souguer nach e Schrëtt weider a loossen eis Citoyene mat diskutéieren a mat decidéieren. Dat gehéiert eiser Meenung no zu enger gutt funktionéierender Demokratie mëttlerweil dozou. En offent, konstruktiivt a kritescht Matdenken ass hei generatiouns- a kulturiwwergräifend gefuerdert. Dofir soll ee sou fréi wéi méiglech domadder ufänken, d'Leit mat an dëse participative Prozess eranzehuelen. De Kannergemengerot, Merci hei dem Steffi an dem Rolando, Act for your city, dee vum Jugendhaus geleet gëtt, sinn a maachen do den Ufanksstadium. Houfreg si mer natierlech, dass d'Uni Lëtzebuerg eis gefrot huet, fir

eis heibäi ze begleeden. Sou hu mer mat hinnen eng nei Plateforme digitale erausgesicht, déi sech eiser Demande ugepasst huet a wou all eis ugebuede Formater, Biergerrot, Panel a Budget participatif opgefouert ginn an dat op enger eenzeger Plattform erëmzefanne sinn, an dat och souguer op Lëtzebuergesch. 2024 gëtt deen nächste Budget participatif lancéiert an och Enn des Joers zum Vott gestallt. De Biergerrot an de Biergerpanel dréie ronderëm d'Biergerbedeelegung hei zu Diddeleng. Do wëlle mer mat der Uni erausfannen, wéi d'Citoyenen hei zu Diddeleng dëse Beräich erlieft hunn, wéi se en erliewen, an ob se eventuell Verbesserungsvirschléi hätten. A voller Transparenz wäerten och déi Comités d'accompagnement d'nächst Joer nees organiséiert ginn, wou ënner anerem d'Parteien aus dësem Conseil mat vertruede sinn awer och Vertrieder vun Associatiounen, déi ganz no beim Bierger sinn.

D'Syndikater sinn ugeschwat ginn. Ech sëtzen ënner anerem beim SES, dem Waassersyndikat, an hei bleiwe mer beim Präis vun 1,90.- Euro de m³. Fir déi, déi nei dobäi sinn, Dir musst wëssen, dass dee Budget vun deem SES-Syndikat zu 90% sech am Fong geholl vum selwen opstellt. Dat sinn engersäits d'Zuele vum SEBES an anerersäits d'Personalkäschten. De Rescht dee geet am Fong geholl an d'Investitioune vun eisem besteeënde Reseau. Voilà, domadder hätt ech den Tour vu menge Beräicher gemaach. Et ass lech bestëmmt opgefall, dass hei eng ganz Panoplie vu flotte Projeten an Argumenter dra waren, fir dëse Budget mat ze stëmmen. Hei soll jidderee sech erëmfannen, all déi, déi hei zu Diddeleng wunnen an all déi, déi hei schaffen oder op Besuch sinn. Engem seng Meenung gëtt eescht geholl an et kann ee sech konkret abréngen. Mat dësem Budget erlabe mer de Leit, vill Sport ze maachen, sech ze beweegen, bidden eng breet Palett vu Kulturveranstaltungen a Fester. Hei kann een Neits entdecken, et kann een ofschalte mat der Famill oder mat Frënn. Positiv Energie kann een hei tanken a sech ressourcéieren. Zesumme schaffe mer drun, dass Diddeleng dynamesch a liewenswäert bleift. Merci fir d'Nolauschteren.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci Här Buergermeeschter. Ech wäert elo op all meng Ressorten agoen. Ech mengen den Enseignement ass deen, wou mer am meeschten investéieren, dofir géif ech dann och mam Enseignement ufänken. Ech mengen datt Der gesitt am Budget dëst Joer, datt mer net spuere bei de Schoulen, grad bei eise Schoulkanner, an datt mer och hei weider investéieren an eis Maison relaisen, an eis Crèchen, awer och an eis Schoulen. Wat eis ëmmer immens wichteg war déi lescht Joren, dat war, datt mer net nëmmen nei Gebaier bauen, mee virun allem och eis méi all Gebaier renovéieren a moderniséieren, fir datt och hei sou wéi an anere Schoule alles zur Verfügung steet, fir gutt Schoul halen ze kënnen.

Dir hutt et gesinn, de Brill, dat ass näischt Neies, mee och dëst Joer steet deen erëm am Budget. Dat ass d'Mise en conformité. Ech mengen d'Aarbechte sinn am Gaangen. Och hei sinn éischt Klasse schonn a Containere geplënnert an dee Chantier wäert weidergoen och 2024 a wäert 2025 fäerdeg ginn, ass also och nach eng Zäit bei eis am Budget ze fannen. Wat nei ass, dat ass de Brill, do wollte mer lo och neie Mobilier kafen,



dat ass ganz wichteg, well deen, dee mer hunn, deen ass relativ an d'Jore komm a wann ee gesäit, datt et ganz wichteg ass fir d'Kanner datt een e Mobilier huet, deen och an den Héichte verstellbar ass, well net all Kand ass d'selwecht grouss, dofir wollte mer hei vun där Renovatioun profitéieren, fir dann och neie Mobilier ze kafen.

An dann, eppes wat och nach dran ass, dat ass natierlech d'Gaffelt, wou mer och nach am Gaang sinn, wou d'Chantiere bal fäerdeg sinn oder dëst Joer sollte fäerdeg ginn. Dat ass d'Fassad an den Daach uewen. Do si mer gutt ënnerwee, déi wäert och fäerdeg ginn, et ass och elo e Lift dran. Et ass handicapéiertegerecht elo ageriicht. Wat awer en neie Projet ass am Budget, dat ass d'Transformatioun vun der Garage. Firwat gi mer d'Garage ëmbauen? Ma mir hate bis elo e Portier dran, deen ass elo net méi dran an déi Garage steet eidel, sou datt mer elo géifen Ëmbaute maachen, wou mer d'Loge vum Portier an och de Büro vum SEA verréckelen, wat eis erméiglecht, awer méi Kanner an der Gaffelt do opzehuelen. Wat nach ass, mir haten en Aarbechtsgrupp an der Gaffelt, fir d'Gebai e bëssen ëmzestrukturéieren. Bis elo louch de Précoce an der Mëtt, wäit ewech vun der Maison relais, dat heescht, mir lafen do dauernd hin an hir. Mir géifen elo de Précoce no vir huelen an och gemeinsam Raim schafe fir d'Schoul an de SEA. An dat ass och zesummen ausgeschafft ginn. Firwat fannt Dir dat lo net onbedéngt als eenzele Posten am Budget erëm? Ma well ausser den Toiletten, déi musse méi niddreg gesat ginn, kommen do keng gréisser Fraisen op eis duer.

Weider Aarbechte ronderëm d'Schoulen, dat ass natierlech de Strutzbierg mam Schoulhaff. Ech hat et lech d'leschte Kéier gesot, do krute mer de Präis vum Environnement „Méi Natur an eise Stied an Dierfer". Do géife mer d'Aarbechten 2024 ufänken. Wat wichteg hei ass, Dir wësst e Schoulhaff, dat renovéiert een net an engem Dag, do muss ee schonn ëmmer grouss Aarbechten an de Vakanze maachen, dofir zitt dat sech ëmmer e bësse méi laang. Nach eppes, wou mer investéieren, dat ass de Wolkeschdaller Schoulhaff. Och do wäerte mer dat 2024 e bësse besser amenagéieren, wéi dat elo ass. Kleng Aarbechte vernoléissege mer och net. Elektresch Installatiounen, Remplacementer vu Ventilatiounen, och Détection incendie, déi ginn a Schoulen nei gemaach.

Da fannt Der awer och dran d'Etüde fir Balzeng. Do wësse mer alleguerten, dat déi am Gaange sinn. Mir hunn dat och scho virgestallt, mir hu Workshoppe mat Bierger gemaach, mir hunn e Groupe de travail a mir

maachen och Workshoppe mat deenen an der Schoul a am SEA. Lo ass et sou, datt mer dat Ganzt am Fong ofgeschloss hunn. Jiddwerengem seng Doleancen awer och seng Wënsch mat erageholl hunn an elo ass et dann um Architekt, fir eis do Pläng auszeschaffen an eis déi dann ze presentéieren. Den Projet wäerte mer dann och an enger Schoulkommissioun diskutéieren. Den Däich, mir wëssen et alleguerten, den Däich dee fänkt un, aus allen allen Néit ze platzen. Mir mussen elo scho mat Kanner erof op de Strutzbierg iesse goe well d'Maison relais ze kleng ass. Do hu mer am Budget virgesinn d'Mise en conformité vun deem Gebai, awer och d'Extensioun. NeiSchmelz, den Här Buergermeeschter hat et gesot, do wäerte mer ab 2024 méi intensiv eis och hei mat deem Projet beschäftegen. Dir wësst alleguer wéi laang et dauert, fir sou eng Schoul ze plangen an och ze bauen.

D'Blockhütt Waldschoul. Dat ass e ganz flotten a wichtege Projet, ech sinn och ganz frou, datt deen am Budget dran ass. De Moment ginn do 6 Klassen d'Woch hin awer och d'Maison relais, déi geet zweemol mëttes dohinner. Da frot der Iech alleguerten: Dir baut eng Blockhütt, a firwat ass déi sou deier? Ma ech kann Iech dat erklären. Mir hunn dee Projet gemaach zesumme mam Fieschter, si bauen dat och. Mee mir hunn et dunn an d'Fonction publique eraginn, well mer jo do Schoulklassen empfänken, an d'Fonction publique huet eis leider dann Oplage ginn, mat deene mer net gerechent hunn. Ech schwätzen hei vu Feierdieren, Brandschutz vun, vun, vun. Sou datt dee Projet méi deier gëtt a mir ganz frou sinn, datt mir en trotzdeem accordéieren an datt d'Gemeng dat hei och finanzéiert.

Da géif ech nach e bëssen op den Ordinairen agoen. Educdesign, do fannt Der de Kontrakt, dee mer mat hinnen hunn erëm. Si këmmere sech de Moment ëm d'Interventiounen an de Schoulen. Bei klenge Problemer gräife mir do op Educdesign zréck. An d'Sécurité à l'école, dat ass e Projet, dee mer alleguer kennen. Och hei hu mer e Budget virgesinn, well et ëmmer méi wichteg gëtt, Sécherheetsinstallatiounen an eise Schoulen ze maachen. Dëse Projet, deen deelweis mat der Maison relais zesumme gemaach gëtt, well net alles wat een an der Schoul ëmsetze kann, kann een och an der Maison relais ëmsetzen. Matériel pédagogique. Ech brauch Iech do näischt Neies ze zielen, dat geet vum klengsten, vun der Spillschoul bis zum 6. Schouljoer gëtt do alles méi deier. D'Schoulbicher gi méi deier, mee och d'Uebst gëtt méi deier, a mir hunn hei déi néideg Kreditter agesat, fir do awer kënnen de Kanner alles ze bidden. Weider Projeten, dat si ganz kleng Projeten, mee awer trotzdeem ernimmenswäert. Dat ass d'Päerdstherapie, déi mer am Budget stoen hunn. Dat ass fir Enfants à besoins spécifiques. Dat hëlleft deene Kanner ganz vill, wann déi kënnen dohinner goen.

Ëmmer méi Natur, Léiergaart, dat maache mer och vill mat eisem Service zesummen, de Léiergaart an der Lenkeschléi awer och um Däich gëtt virugefouert an natierlech d'Aktivitéiten an der Cité jardinière, net ze vergiessen, wou d'Schoul an d'Maison relais dovu profitéiert, datt se e Gaart hunn. Ganz nei, mir organiséieren eng Éischt-Hëllef-Formatioun och fir d'Enseignanten. Bis elo waren et nëmmen d'Maison relaisen, déi dovu profitéiert hunn a mir wäerten elo och Coursen ubidde fir eis Enseignanten.

Da kommen ech zu de Structures d'accueil. Och hei gëtt ëmmer weider investéiert. Mir hunn zwar Waardeleschten, déi awer net sou dramatesch sinn. Also elo fir d'Rentrée 2023 konnte mer 90 Kanner méi ophuelen. Ech wëll Iech awer ganz kloer soen, dat läit dodrunner, dass mer e Service hunn, deen eng extreem gutt Organisatioun mécht an deen och do d'Aarbecht net scheit, fir dat Ganzt ze koordinéieren. Ech mengen dat ass ëmmer mat Transporter verbonnen, mee trotzdeem ass et awer eng gutt Saach, wann een 90 Kanner méi kann ophuelen. D'Gaffelt, ech hunn et elo grad schonn ugeschwat, och hei wäerten Ëmbauaarbechte kommen, sou datt mer och do fir 2024 wäerte méi Kanner eranhuelen. D'Gaffelt, dat kann ech Iech soen, do sinn déi gréisste Waardeleschten an dofir arrangéiert et eis, wa mer do méi Plaze kréien. Da Butschebuerg, do sinn Etüden dra fir 2024. Do maache mer Etüde fir eng nei Maison relais ze bauen, awer mat engem Précoce. Dir wësst alleguer, datt mer de Précoce ofgeschaaft hu virun zwee Joer zu Butschebuerg, well net méi genuch Kanner do waren. Lo fänkt dat erëm un unzezéien, sou datt mer hei mol Etüde dran hu fir d'Maison relais, déi och de Moment net an enger gënschteger Situatioun ass. An ech mengen, datt dat de Kanner ganz vill géif bréngen wa mer do eng nei Maison relais géife bauen.

Am Ordinairen, do wëll ech ganz kuerz soen, Dir gesitt d'Personalkäschten an d'Materialkäschten, déi ginn natierlech weider an d'Luucht. Ech muss awer soen, dat kënnt ganz vill doduerch, datt de Ribeschpont elo schonn, dat wëll ech ganz kloer soen, voll ausgelaascht ass. Mat deem Agrément, dee mer hunn, do si mer komplett. Dann d'Gaffelt. Och do kënnt nach Personal bäi, wa mer méi Kanner kënnen ophuelen. Dann e Posten, deen awer ganz extreem an d'Luucht geet, deen eis selwer e bëssen erféiert huet, dat ass d'Restauratioun. Ech mengen dat kënnt net nëmmen doduerch, datt mer méi Kanner ophuelen, mee et kënnt virun allem duerch d'Präiserhéijungen. Dat ass jo schonn des Ëfteren hei ugeschwat ginn, bei de Wuere gëtt alles vill méi deier. A mir hale jo nach ëmmer drop, datt mer d'Kritären erfëllen, Bio akafen an och lokal akafen. Dann e Budget deen an d'Luucht geet, liicht an d'Luucht geet, dat sinn d'Vakanzenaktivitéiten. Ech muss soen, datt déi mëttlerweil extreem beléift sinn. Déi wäerten dann, wa mer d'Blockhütt hunn, och kënnen dovu profitéiere wärend de Vakanzen. Dofir, déi Blockhütt ass net nëmme fir d'Schoulkanner, mee och fir d'Maison relais-Kanner. Maker space, Wildnispedagogik hunn ech ugeschwat. An de ganze Rapport, ech liesen Iech deen elo net vir, mee mir kruten deen an der Schoulkommissioun virgestallt. All déi Membere vun der Schoulkommissioun kennen de PEP a wësse wéi vill do geleescht gëtt.

D'Crèche, ganz kuerz dozou. Och do ginn d'Personalkäschten an d'Luucht an och d'Restauratioun. An och d'Crèche Italien ass mëttlerweil komplett ausgelaascht. Mir sinn och do um Enn ukomm. Mir halen ëmmer Reserveplazen, wann eng Urgence kënnt, mee wéi gesot, et ass elo net méi, datt mer nach 10 Kanner do kënnen ophuelen. Dofir hu mer dann am Budget eng nei Crèche drastoen, Etüde fir eng nei Crèche, déi mer géife plan-

gen. An dat wär A Bëlleg an ech mengen och dat ass eppes, wat mer als Gemeng ëmmer wëllen, Gemengecrèchen, an dofir ass och hei dee Budget dran. Eng weider ganz kleng Ausgab déi virgesinn ass, dat ass d'Renovatioun vun der Fassad vun der Diddelfamill. Dat Gebai huet wärend den Aarbechte vum Bau vun der Crèche relativ vill gelidden huet, an dofir géife mer hei d'Fassad nei maache fir datt och dat Gebai an der Rei ass.

Da kommen ech zur Jugend an zur Famille. D'Jugendhaus, do gesitt Dir, dee Budget bleift d'selwecht. Dat heescht awer net onbedéngt, datt mer näischt investéieren oder datt mer näischt maachen. Mee mir sinn do anescht ënnerwee. Am Januar ass d'Ekipp erëm komplett. Mir hunn e véierten Educateur elo och fonnt an dee wäerte mer am Januar astellen. A mir hoffen och, datt mer Mëtt des Jores nach e weideren Educateur dobäikréien, dee mer scho vum Ministère accordéiert kruten. Ech wëll Iech awer eng kleng Iwwersiicht ginn an e puer Zuelen nennen. Mir hunn e ganze Rapport kritt vun hinnen. A well déi Jonk sech aschreiwen, ëmmer wa se an d'Haus erakommen, ëmmer e Krop maachen „Mir sinn do", konnte mer och mol eng Kéier genau festhalen, wéi vill Visitten dann do sinn. 2023 do waren 8067 Visitten am Haus, dat heescht Jonker, déi erakomm sinn. An der Rencontre indoor hate mer 51 Aktivitéiten organiséiert. An der Rencontre outdoor waren et der 26. Wat opfält, et waren 105 Jugendlecher do, déi Hëllef oder Berodung wollten. Sief dat wann et ëm d'Schoul gaangen ass oder familiär Problemer oder Gewalt, all Méigleches. Also och dat ass eppes, wou déi Jonk mëttlerweil wëssen, datt se dohinner ginn. 7 Aktivitéite sinn zesumme mat der Maison relais gemaach gi mat eisen Teens. An do ass de Projet Danz a Street Art, ech mengen dat kënne mer ervirhiewen, dat war e ganz flotte Projet. A si wäerte dat elo och zesumme mat der Maison relais weiderféieren am Jugendwanter. Do wäerten och ganz flott Saache kommen.

Dann de Planning familial, deen intervenéiert och ëmmer an eisem Jugendhaus. Och dat ass eppes, wat ganz wichteg ass. Opklärung, Berodung, och dat ass gemaach ginn. A si haten 11 Jonker mat op eng Visite culturelle op Berlin, och dat war natierlech ganz flott. Den Outreach, deen ab September sech richteg ageschafft huet, Dir wësst jo, datt mer do eng nei Persoun hunn, also een, dee schonn am Haus war. Deen hat 8 Jugendlecher a Betreiung. Dovunner kruten, an do gesäit een, wéi flott dat fonctionéiert, der 4 Stéck en Ënnerdaach kann ee soen. En huet der 2 an d'Schoul kritt, 1 an en Apprentissage an 1 an e Service volontaire. Sou datt deene 4 Jonke wierklech gehollef ass, wa se dohinner kënne goen. 4 ginn der weiderhi begleet an déi nächst Zuele ginn ech Iech dann d'nächste Kéier.

Projeten zesumme mat der Jugendkommissioun, där ginn der ganz vill gemaach. Dat ass de Jugendsummer zum Beispill. Ech wëll och hei eng Kéier Zuelen nennen. Dat sinn 332 Participante bei 22 Aktivitéiten. De Jugendwanter, och deen ass mat der Jugendkommissioun, och do leeft deen elo un d'nächst Woch. A wat ganz flott ass, fir d'nächst Joer plange mer a Super Youth Cup zesumme mat der Jugendkommissioun. Ech muss awer do soen, dat ass eppes wat gutt ukënnt , sou e Fussballsturnéier. Mir haten der 2 dëst Joer an do hunn 230 Jonker participéiert, wat net näischt ass. Da geplangte Kollaboratiounen. Virun allem mam Club Aktif+ gi Kollaboratioune gemaach vum Jugendhaus, mam Lycée natierlech, do schaffe se scho ganz vill zesummen. Mam Projet Ensemble, awer och mam Service Emploi vun der Gemeng. Ech mengen Dir gesitt, datt hei kee Frang ze vill investéiert ass. Ech muss awer soen, datt mer bäi Aktivitéiten, déi mer am Haus hunn un eis Grenze kommen, well mer zum Deel 60 Jonker do hunn an et da plazméisseg dann awer e bëssen enk gëtt. Sou datt mer och hei misste Pläng an Zukunft maachen, fir ze kucken, wéi mer do weiderfueren. De Service Jeunesse-Famille, och dee fannt Der erëm am Budget. De Familljendag vun der Familljekommissioun. Do geet et liicht an d'Luucht. Et gëtt näischt méi bëlleg, a mir wëllen och hei net spueren, well dat ass e Fest, dat net méi ewechzedenken ass a wou ganz ganz vill Leit kommen.

Dann zum Service Jeunesse-Famille, hie këmmert sech ëm d'Eltereschoul, och wann Dir do keng Sue méi drop erëmfannt an deen op 0 ass, well si mëttlerweil eng Konventioun hu mam Ministère, a mir do keng Sue méi mussen investéieren. BabyPlus, hei ass et esou, datt elo d'Chifferen erëm an d'Luucht ginn. Nom Covid war dat net sou einfach. Si haten 144 Rendez-vousen a 36 Famille begleet. Dann eppes wat mir plangen, wat mir ufänken. Mir hunn den Eltereforum, deen ass allgemeng bekannt. Do hu mer lo en éischte Rendez-vous ausgemaach, fir ze kucken, well si pro Regioun ee sou e Forum kënne maachen. Mir hunn do fir Januar e Rendez-vous festgeluecht. Dem Service Jeunesse-Famille seng Aarbecht ass virun allem Berodung. Dat si ganz intensiv Gespréicher. D'Leit déi dohinner kommen, déi wëllen Hëllefstellung kréie bei verschiddenen Demarchen. Si ginn awer och ganz oft mat administrativen Dokumenter net eens. An déi Gespréicher, déi daueren ëmmer ganz laang, an d'Leit, déi hunn einfach eng Plaz, wou se kënnen hikommen och wa se net eens ginn oder net wëssen, wouhinner sech wennen. Projet Mäerchebësch, Lauschterwee, Buerfousswee. Och dat si Saachen, déi hu mer weider drastoen, mee awer nëmme fir Entretien. De Kannerwanderwee, do hoffe mer dann elo, datt e fir d'Fréijoer fäerdeg gëtt. Den Här Zuang ka vläicht d'nächst Woch e Wuert dozou soen. An dann, wéi ëmmer, natierlech eis Spillplazen.

Sou, an elo gëtt et ganz technesch. Lo komme mer zur Informatik. Dat ass normalerweis eppes, wou ee sech e bësse méi schwéier deet. Ech wëll awer dëst Joer eng Kéier ganz kuerz dorobber agoen, wéi bréngt ee 84 Säiten an 2 Minutten op en Dokument? Ech gi lo just op déi ganz wichteg Projeten an, well dat ass e Budget, deen extreem an d'Luucht geet. Mer ginn do vun 160.000.- op 570.000.- Euro erop, dat ass net wéineg. Dofir wëll ech Iech awer e puer Erklärunge ginn. Virun allem ass et sou, datt mer ganz vill neit Material musse kafen. Mir mussen 310 virtuell Maschinnen ersetzen, dat maache mer da pro Joer 105 Maschinnen, déi mer erneieren, an dat iwwer 3 Joer. Den Nodeel dobäi ass, datt déi Maschinnen ëmmer all 5 Joer mussen ersat ginn, sou datt een och do ëmmer erëm den Invest huet. Wat muss nach gemaach ginn? De Reseau hei an der Gemeng muss erneiert gi fir e méi performant ze maachen. De Blog an de Site Web, och déi mussen erneiert ginn, den



E-Raider an den Ticketing an d'Gestioun vun de Säll, do muss de System erneiert gi fir datt dat och besser fonctionéiert. Eppes wat ganz deier ass, dat ass eise System vum Stockage. Och do sti 95.000.- Euro dran, well deen, dee mer elo hunn, deen en place ass, dee gëtt net méi ënnerstëtzt an dee musse mer erneieren. De Wiges, dat ass eppes woumat mer ganz vill an der Gemeng schaffen. Och dee muss an en Datacenter migréiert ginn, sou datt och do Locatiounskäschten op eis duerkommen. Dann, an dat mengen ech ass dee schwéiersten Deel ze erklären, dat ass dat neit Gesetz vum NIS  dat wäert kommen. Bis elo war et den NIS1, deen en place war, dee gëtt elo ersat duerch den NIS2. Wat ass dat? Dat ass einfach e Gesetz wat virschreift, wat fir eng Mesuren op wat fir engem Niveau musse geholl ginn. Dat heescht ronderëm d'Sécherheet, Cybersecurity, awer och Prozeduren am Fall vun engem Incendie, déi mussen ausgeschafft ginn. Dat alles muss en place gesat ginn. Dat ass e Mammut-Dossier muss ech lech soen. Hei muss fir all Service, fir all Computer, fir all Persoun eng Bestandsopnam gemaach ginn. An do musse mer eis berode loossen, well dat wäert kommen a mir wäerten dann ab nächst Joer ëmmer erëm Rapporten ofgi fir ze kucken, wou mer do ënnerwee sinn. Natierlech verlaangt dat och vill Formatiounen.

Dann, eppes dat ass ganz nei, mee Dir hutt dat awer sécher schonn héieren, dat ass d'App vum Hoplr. Och déi wëlle mer aféieren zesumme mam Projet Ensemble. Si wäerten dat maachen. D'City App, do kënnt eng nei Versioun eraus an och do wäerten nei Applikatioune bäikommen. Da kënnt nach d'Wifi-Antenn. Déi mussen erneiert ginn. Eppes ganz Neies, dat sinn d'Wifi-Antennen, dräi Stéck, déi mer setzen op der Place Thierry van Werveke, sou datt och an Zukunft d'Leit kënnen do vum Wifi profitéieren. Da brauche mer en neie Serverraum fir eis Back-uppen ze stockéieren. An och do wäerte mer a Richtung Datazenter goen, wat och erëm natierlech ganz vill kascht. D'Lizenzen, do hu mer keen Afloss drop. Dat wësst Dir alleguer, jiddwereen, deen e Programm doheem keeft weess, dass sou Saache relativ deier ginn. D'Schoule mussen och ëmmer erëm erneiert gi mat Material, mat informateschem Material, Kopiesmaschinnen, alles dat gehéiert mëttlerweil an de Beräich vun der Informatik. Et ass esou datt bis elo déi verschidde Servicer sech drëm gekëmmert hunn. An Zukunft wäert all informatescht Material och iwwert de Service informatique geréiert gi fir do eng besser Gestioun.

An dann e lescht Wuert, de SIGI. Do ginn zwar d'Präisser an d'Luucht, de SIGI geet just doduerch an d'Luucht datt mer eng Erhéijung hu vun der Awunnerzuel. Dir wësst, datt mer hei e Pro-Kapp-Präis hunn an doduerch datt mer méi Awunner hu bezuele mer dann och méi. Dat war et vu menger Säit. Ech wëll awer och dem Pascal e grousse Merci soen. Ech wëll awer virun allem och menge Servicer e grousse Merci soe fir déi exzellent Rapporten déi ech krut a fir déi extreem vill Aarbecht, déi si geleescht hunn. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, ech géif da proposéieren, datt ech traditiounsgeméiss mat deenen zwee grousse Ressorten ufänken. Dat ass dat Soziaalt an dat ass d'Ëmwelt. Ech fänken dann u mat den Affaires sociales. Dir wësst dass d'Sozialpolitik als iwwergräifend Thema behandelt gëtt well hei zu Diddeleng si Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet Grondwäerter. D'Lutte géint d'Aarmut an d'sozial Onsécherheet souwéi d'Ënnerstëtzung fir Biergerinnen a Bierger a schwierege Liewenssituatioune wäerten net nëmmen 2024 mee wärend der ganzer Amtsperiod eng Prioritéit fir eis duerstellen. D'Gemeng Diddeleng wäert weiderhin am Sozialberäich hir Verantwortung droen an iwwerhuelen. Mir hunn hei zu Diddeleng am soziale Beräich 6 Pilieren: den Office social, de Service Emploi, eise Service à l'égalité des chances et la non-discrimination, eise CIGL, eis Cellule Logement, also d'GLS an eise Service Logement. D'Aarmut zu Lëtzebuerg, dat ass alles eng Saach vun Definitioun. Wat Aarmut ass mengt jiddereen ze wëssen, mee eng exakt Definitioun ass schwéier ze maachen. De Begrëff Aarmut léisst sech nëmme subjektiv deiten, dat heescht all Mënsch versteet eppes anescht ënnert deem Wuert Aarmut. Dobäi soll ee wëssen, dass d'Aarmut jee no Gesellschaftsform, sozial Roll a Geschlecht fonctionéiert. Trotz deene verschiddene Krisen huet anscheinend den Aarmutsrisiko net zougeholl. Wann ech de leschte Rapport „Travail et cohésion sociale" vun 2023 kucken, louch den Aarmutsrisiko am Joer 2022 bei 17,4% an 2021 bei 18,1%. Dir gesitt, d'Situatioun huet sech liicht verbessert, ass awer nach ëmmer fir e Land wéi Lëtzebuerg net gutt, fir net ze soen onwürdeg.

Ouni déi staatlech a Gemengenzouwendungen, dat heescht déi sougenannte Sozialtransferen wéi z.B. d'Allocation familiale, d'Allocation de vie chère, de REVIS, de Chômage wären awer nach méi Leit vun Aarmut betraff. Aarbechtslosegkeet, den deiere Loyer, en Unfall, eng Scheedung, eng Faillite, alles dat sinn Ursaache firwat Leit ënner anerem den Office social mussen a wäerten opsichen. Eis Maison sociale, wou eis ARIS-Leit schaffen, respektiv wou eisen Office social doheem ass. Den Office social, do wëll ech hei guer net am Detail dorop agoen. Dir wësst de Mëtten ass den Aktivitéitsbericht an de Budget hei um Ordre du jour. Fir elo géif ech da soen, datt mer de Mëtte géifen doriwwer diskutéieren. Zur Maison sociale gehéiert awer och eis Cellule Logement, also d'GLS, eise Service Logement an eis Cellule de contrôle logement. Déi prekär Situatioun um sougenannte fräie Wunnengsmaart ass bekannt. Fir vill Leit ass de Loyer ze héich, respektiv d'Offer vun de Wunnengen ze knapp. Dofir bedreift d'Diddelenger Gemeng säit Joren eng aktiv Wunnengsbaupolitik. Wärend der leschter lafender Amtsperiod gi weider Projeten zur Schafung vu bezuelbarem Wunnraum geschaf.

Eise kommunale Wunnengsbestand wäert weider wuessen. An eis GLS vum Office social wäert eebenfalls duerch d'Verlounung vu verschiddene Wunnhaiser u Persounen a schwierege Liewenssituatioune weiderfueren. Konkret fir 2024 ass Folgendes geplangt: Weiderféiere vun eisem Bau an der Rue Nic Bodry, Etüde si geplangt an der Ecole Eecherdall, wou wäerte 7 Unitéiten entstoen. Weider Etüden an der Lëtzebuergerstrooss, wou 5 Unitéite wäerten entstoen. An der Fontainesstrooss Etüden, an do ginn och 3 Unitéite geplangt. An dann net ze vergiessen, de Quartier A Bëlleg, wou 3 Gebaier, respektiv 12 Unitéite geplangt sinn. An et ass och e Projet geplangt an der Rue de la Paix, wou eng Unitéit wäert entstoen.

Eis Cellule de contrôle logement féiert hir reegelméisseg Kontrollen, z.B. an de Cafészëmmeren, weider, fir dass d'Leit do och kënne propper a korrekt liewen. Do wëll ech awer elo op eis gutt Zesummenaarbecht mat all eise Partner agoen. Dat sinn z.B. d'AIS, d'Croix-Rouge, d'Jugend- an Drogenhëllef, de Service Surendettement, de LISKO, ProFamilia, de Cent-Buttek an de Fréisenger Kleederschaf. Fir datt Solidaritéit an Zesummeliewe klappt hu mer säit Joren eng Zesummenaarbecht mat folgende Partner: dat ass d'Aide familiale, do kréien d'Leit Ënnerstëtzung am Stot, bei Krankheet zum Beispill, d'Subventioun beim Kaf vu Schoulmaterial, de Plan d'action Canicule, den Aktiounsplang Hëtzperiod, de Repas sur roues, Téléalarm, eise Weltbuttek, de Label Fairtrade-Gemeng, d'Entwécklungshëllef, d'Solidaritéit hält net op der Diddelenger Stadgrenz op, dat heescht d'Entwécklungshëllef, wou mer Diddeleng Hëlleft wäerte weider ënnerstëtzen, eise SPAD, Déierenasyl, do wäerte mer d'Kastratiounscampagne fir Muppen a Kaze weiderféieren a virun allem d'Ënnerstëtze beim Neibau, respektiv Ausbau vum neien Déierenasyl. An net ze vergiessen eebenfalls, eis Fleegstatioun fir Wëlldéieren, wou mer och do wäerten Hëllef gi beim Ausbau vun der Statioun an nach doriwwer eraus.

An dann nach ganz vill Klengegkeeten, déi Der am Budget net erëmfannt, déi awer fir déi verschidden Organisatioune ganz wäertvoll a wichteg a bedeitend sinn. Ech erënneren un den Cent-Buttek. Net nëmmen dass mer deen ënnerstëtze beim Loyer, mee och iwwerhuele mer heiansdo eng Annonce am Bliedchen, eng ganz Säit, wou se dann no Done kënne froen, respektiv Benevolle sichen. A virun allem hu mer ab dëst Joer d'Botze vun all hire Camionnetten à charge geholl. Och dat sinn da Fraisen, déi se net méi brauchen ze droen an d'Gemeng Diddeleng wäert da wéi gesot deenen hir Camionnettë bei eis botze loossen. D'Societéit Kolping zum Beispill, d'Aktioun Aalt Gezei, och déi hu keng Leit méi fir kënnen déi Aktioun duerchzezéien an d'Gemeng Diddeleng mécht da fir si en Toutes-boîtes, wou se déi Tuten ausdeelen, respektiv, wann et da sou wäit ass, stelle mir dann 1-2 Camionen zur Verfügung, och mat Ekippen, fir dass d'Leit dann och d'Gezei kënnen agesammelt kréien. Och dat ass fir déi Associatioun ganz vill wäert.

Aarbecht, respektiv Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet. Heibäi kuckt Diddeleng op eng ganz laang Traditioun zréck. D'Gemeng Diddeleng ass nach ëmmer déi eenzeg Gemeng hei am Land, déi e Service Emploi ubitt. De Service Emploi ass 1994 als Pilotprojet gegrënnt ginn a säitdeem gëtt hei bei der Weiderféierung vun Aarbechtslosen eng virbildlech Aarbecht geleescht. Säit 1997 huet d'Gemeng Diddeleng mam Service Emploi a mat eiser Initiative sociale eng Berodungsstell fir aarbechtssichend Leit. Am Service Emploi schaffen aktuell 4 Mataarbechter, déi d'Leit individuell bei der Aarbechtssich begleeden. D'Aarbecht vum Service Emploi ass a) d'Betreiung an d'Berodung vun de Leit, déi eng Aarbecht sichen, zweetens d'Betreiung vun der Initiative sociale an och d'Betreiung vun eise Léiermeedercher a Léierbouwen, an drëttens eng gutt an zolidd Zesummenaarbecht mat eise verschiddene Partner, déi wären de Lycée Nic Biever, de Service à l'égalité des chances, den Office social, eis ARIS-Leit, de Service Ensemble, d'ALJ, d'Jugendhaus an de Projet Outreach, d'Chambre des Salariés, d'ADEM, de City Manager an all d'Entreprisen hei um Site hei vun Diddeleng.

Eise CIGL. D'Haaptzil vun der Aarbecht vum CIGL ass nach ëmmer datt Leit ouni Aarbecht hei eng nei Perspektiv kréien. Dofir kréien d'Leit beim CIGL a) eng Aarbechtsplaz ugebueden a b) kréie se och do Weiderbildungsméiglechkeete gebuede fir erëm op den 1. Aarbechtsmarché kënnen ze kommen. Mee duerch de CIGL kënnen d'Diddelenger Bierger awer och eng Verbesserung vun hirer Liewensqualitéit kréien, an ech erënneren un Déngschtleeschtunge wéi de Coup de main an de Recycler. Weider Aarbechten, déi de CIGL Diddeleng fir eis Gemeng mécht ass ënner anerem villes am Espace vert, Entretiensaarbechten. Ech erënneren un d'Cité jardinière, de Mäerchepark, de Buerféisswee an de Park Le'h, de Kannerwanderwee, de Lauschterwanderwee, de Butschebuerger Schoulgaart, de Gäertchen an der Däicher Schoul, an der Rue des Champs am Aangeldall, Entretien vu verschidden Hochbeeter am Ribeschpont, Butschebuerg an Däich an net ze vergiessen de Fauchage tardif an de Zones industrielles Riedgen a Wolser an de Méint November bis Mäerz. An dann hu se och mam STEP eng nei Zesummenaarbecht säit dem leschte Joer am Kader vun Second-Hand-Shop um Site vum Ressourcenzenter.

Chancëgläichheet a Solidaritéit. Chancëgläichheet a Solidaritéit ass nach ëmmer en Haaptuleies vun der LSAP gewiescht. Chancëgläichheet a Solidaritéit fir jiddwereen. Mir wëllen déi bis elo gefouert Politik a Saache Chancëgläichheet an Integratioun konsequent weiderféieren. Mir si mat der Schafung vun eisem Service à l'égalité des chances et la non-discrimination deemools nei Weeër gaangen. Sou wéi mat eisem Service fir Chancëgläichheet wäerte mir eis weider fir Gläichstellung asetzen. Nieft der Berodung kréien d'Leit hei konkret Hëllef ugebueden, fir eng Léisung fir hir Problemer ze fannen. Zum Beispill Zougang zum Aarbechtsmaart, Vereenbarkeet vu Famill a Beruff, awer och den Ofbau vun haislecher Gewalt. Weider Missioune vum Service à l'égalité des chances sinn d'Chancëgläichheet fir Fraen a Männer op lokalem Plang ze promouvéieren. An eiser Gesellschaft soll d'grondleeënd Viraussetzung sinn, dass Fraen a Männer a) d'selwecht behandelt ginn, b) gläichwäerteg ugesinn an och c) gläichgestallt bedeelegt sinn. Hir weider Aktivitéite sinn ënner anerem eng berodend Funktioun par rapport zu der Gemengepolitik, Chancëgläichheet an der Verwaltung an an de Betriber, Chancëgläichheet fir Biergerinnen a Bierger a fir hinnen

dat Thema méi no ze bréngen organiséiere si reegelméisseg Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagnen, Ausstellungen, Konferenzen, Workshoppen an och Formatiounen. D'gratis Bereetstellung vun Hygiènesartikelen an ëffentlechen Toiletten a Schoulen gëtt weider ausgebaut. An natierlech d'Ëmsetze vun eisem Plan d'action fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter, Dir wësst deen Aktiounsplang, deen 111 Mesurë beinhalt.

An da kommen ech zur Ëmwelt. Do kéint ech soen OK, de leschte Mount hu mer eis Goldmedail kritt, alles gutt, ech brauch Iech weider näischt am Detail ze soen. Mee sou einfach maachen ech et awer net. Ëmwelt, Naturschutz an Energie si ganz wichteg. Ëmweltschutz ass längst net nëmme méi Natur- a Landschaftsschutz, mee Ëmwelt- an Naturschutz ass eng partnerschaftlech Zesummenaarbecht vu Staat a Gemengen, zesumme mat der Wirtschaft, Verbänn a mat de Bierger. Op lokalem Plang sinn d'Gemenge gefuerdert, eng Virreiderroll ze spillen. Als Klimaschutzgemeng an als Standuert vun engem vun de gréissten Naturschutzgebidder, eis Haard, huet d'Gemeng Diddeleng d'Verflichtung, nohalteg mat hiren natierleche Ressourcen ëmzegoen, d'Aartevillfalt ze schützen, an domat eng aktiv Ëmwelt- an Naturschutzpolitik ze bedreiwen. D'Diddelenger Gemeng muss a wëll sech konsequent hirer ekologescher Verantwortung stellen. Et gëllt global ze denken a lokal ze handelen. Ëmwelt- an Naturschutz geet bei jiddwerengem vun eis un. An da géif ech e klenge Resumé maache vum Rapport 2023. 2023 louch eist haaptsächlecht Uleies am Erreeche vun der Goldzertifizéierung am Kader vum Klimapakt. A sou wéi verschidden Etüden, wéi eis Stad resistent a resilient op déi ëmmer manner vermeidbar Klimafolgen ze maachen. Ënnert anerem ass versicht ginn, op erneierbar Energie ze sensibiliséieren a verschidde Projeten an deem Kontext an d'Liewen ze ruffen.

De Klimapakt. Nom leschten Audit am Joer 2022 bei deem mir 70,1% am Klimapakt erreecht hunn, si mir Mëtt de Jores 2023 an de Goldaudit gaange fir eis du mat 80,9% ze zertifiéieren. Dat net genuch, si mir als Gemeng op Lörrach invitéiert ginn, wou mir eis Goldzertifizéierung duerften zesumme mat deene jeeweilegen aneren Delegatiounen aus deene verschiddensten europäesche Stied a Gemengen entgéint kënnen huelen.
Am Zesummenhang mam Klimapakt sinn 2023 wichteg Decisioune geholl ginn, fir dass mer déi bal 81% konnten erreechen. D'Decisioun, méi Green Events ze organiséieren, d'Reparatur vun Haushaltsgeräter an eise Subventiounsprogramm anzebannen, Lancéiere vun engem Klimawandel-Upassungskonzept, wou déi ze treffend Moossname wäerte festgehale ginn. An deem Zesummenhang gouf och eng Staarkreenanalys gemeet, déi och nach am Dezember zesumme mam Wasserwirtschaftsamt iwwerpréift wäert ginn. D'Decisioun an d'Envisagéiere vum Ubrénge vu Photovoltaikanlagen op den Diecher vun eise Gemengegebaier, notamment dem Centre sportif René Hartmann. E wichtege Pilier ass dobäi och déi Planung an Hibléck och d'Joer 2050, déi zesumme mam Paul Würth Geprolux-Programm duerchgefouert ginn ass.
Den Naturpakt. Am Abrëll 2022 hate mer eis éischt Reunioun mat eisen Naturpaktberoder. De Sam Heiter betreit eis an d'Myriam Zeimes koordinéiert d'Naturpaktaarbechte beim SICONA. Eng éischt Bestandsopnam ass och scho gemeet ginn an an engem éischten Audit mat bestoende Moossnamen a Projeten hu mer d'Mark vu 40% schonn iwwerschratt.

Nachhaltigkeit macht Schule. Dee Projet mat der Energieagence ass jo och wéi all Joers weidergefouert ginn. Dëst Joer hu scho 5 Schoulen un dëser Campagne deelgeholl. Dat waren d'Schoule Gaffelt, Däich, Strutzbierg, Brill a Ribeschpont. D'Campagne ass positiv vun de Schoulen opgeholl ginn an och de Feedback vun den Elteren, deenen hir Kanner participéiert hunn ass positiv.
D'Klimabündnis. Diddeleng huet mat senge Vertrieder un alle Klimabündnisversammlungen deelgeholl. An och Diddeleng ënnerstëtzt säit 2019 am Kader vun der Nord-Süd-Kooperatioun de Projet Masipag op de Philipinnen, deen d'Eegeversuergung vun de lokale Räisbaueren, d'Ernärungssécherheet an d'Biodiversitéit vum Räissatgutt an d'Upassungsstrategien un de Klimawandel färdert.

Subventioune fir Energies alternatives. Do ware Stand Enn November 2023 703 Demandë vu Bierger erakomm fir vun de Subventiounen am Energieberäich ze profitéieren. Dat sinn der elo scho  méi wéi d'lescht Joer, ganz genau 300 Demandë méi. Dat huet also ganz schéin zougeholl. Folgend Subventioune wëll ech dann awer hei ervirhiewen. 165 Mol fir déi normal Véloen. 156 Mol fir e Pedelec, 43 Casquen, 41 elektresch Autoen, 44 Luedebornen, 12 Energieberodungen, 8 Daachisolatiounen, 9 Photovoltaikrecommandatiounen an dann, mir haten et scho gesot gehat, och vun den Haushaltsartikelen, 9 Frigoen, 96 Wäschmaschinnen, 53 Trockner an och Subventioune fir 43 Reparaturen hu mer dëst Joer schonn ausbezuelt. Sief awer och gesot, dass dëse Programm e wichtegen ass fir déi energetesch Transitioun op Niveau vun de Stéit ze färderen. Dir hutt héieren, virun allem bei de Véloen, awer och d'elektresch Autoen a virun allem bei deene sougenannten Electromenagere gesi mer eng ganz signifikant Hausse. Och d'Subventioune fir Collecte de l'eau, Reewaassernotzungsanlag, si bäibehale ginn.

Loftqualitéit. Am Kader vum Klimapakt ginn NO2-Miessungen zesumme mat der Ëmweltverwaltung an der pasaam ag aus der Schwäiz weidergefouert. Dës Miessunge lafe kontinuéierlech weider a sinn och Thema am kommende Joer an deem mer ënner anerem probéieren d'Loftqualitéit, déi jo gutt ass, nach ze verbesseren. Den héchsten Duerchschnëttswäert läit bei 23 Mikrogramm pro Kubikmeter an der Lëtzebuergerstrooss an domat wäit ënnert dem europäesche Grenzwäert vu 40 Mikrogramm pro Kubikmeter.

D'Offallwirtschaft. Fir dat ofgeschlossent Joer 2022 läit eisen internen Taux de recyclage bei 56,61%, knapp 1% méi héich wéi 2020. De Käschtendeckungsgrad vun eisem Offallwirtschaftsbetrib läit beim ofgeschlossene Joer 2022 bei 74%.

Den SDK-Label fir Betriber, do ass e groussen Deel vun de Servicer an de Schoulgebaier deen dee Label awer schonn huet. D'Schoulufanksfest gëtt och all Joer gemeet, wou d'Kanner eng Schmierekëscht an en héichwäertege Bidon iwwerreecht kréien, fir dass se kënnen

hir Schmier net am Staniolpabeier mat an d'Schoul huelen an och keng Plastiksfläsche sollen huelen an déi duerch de Bidon sollen ersetzen.

De Floumaart gëtt weidergefouert an ass och dëst Joer fir d'éischt als Green Event organiséiert ginn, dat war den 13. Mee 2023, an do waren 79 Stänn op deem Floumaart present. Och eis fairt Frühstück den 1. Juli 2023 war e grousse Succès an ass och als Green Event organiséiert ginn. Do sinn ongeféier 500 Leit dee Muere passéiert.

Mir sinn eng Fairtrade-Gemeng an dofir hu mir och am Mount Mee 2023 eis Semaine Fairtrade organiséiert, do hunn 9 Restauranten an eng Bäckerei matgemeet, respektiv déi hunn e Menü oder e Plat oder Produite mat Fairtrade-Produiten ugebueden.

Den nationalen Dag vum Bam an Zesummenaarbecht mat dem Service Jardinage mam de Scoute Groupe St-Jean ass am November 2023 organiséiert ginn. Do hu mer an der Rue Mont-Saint-Jean Uebstbeem ugeplanzt. An dës weideren huet de Club Soroptimistes Minett der Gemeng Diddeleng de Bam vum Joer gestëft, dës Kéier eng Mouerbierk, déi mer am Park Casino geplanzt hunn. A wéi och d'lescht Joer huet am Park Le'h eng symbolesch Planzaktioun stattfonnt, fir wärend engem Joer vum Dag vum Bam, déi neigebuere Kanner ze éieren. An d'Elteren, déi participéiert hu kruten dann en Apel- oder Bierbeemchen offréiert fir kënne bei sech doheem ze planzen.

D'Baumpatenschaften. Am Ament hu mer 243 Beem vun 199 Baumpaten, déi parrainéiert ginn. Iwwert dës Aktioun ass och an der Press beriicht ginn, wouropshin eise Service écologique vun anere Gemenge kontaktéiert gouf fir dass si och kënnen dës Aktioun an hire Gemenge kënne weiderféieren. Déi interesséiert Baumpate konnten awer och vun engem Staudepak profitéiere vun der Gemeng, fir hiert Engagement ze honoréieren. 115 Baumpaten hunn déi Offer dann och ugeholl.

Naturschutz, de SICONA. Verschidden Aarbechten am Beräich vum Naturschutz, Heckeschnëtt, Biotop uleeën, sinn am Kader vun der Memberschaft am Gemengesyndikat SICONA duerchgefouert ginn. Des weidere ginn eng ganz Rei vu schouleschen Aktivitéite vum SICONA duerchgefouert a grad sou wéi all Joers d'Aktioun „Nature for people". Vu dass eisen Naturparkberodee en Ugestallte vum SICONA ass wäerte mir och an Zukunft nach eng besser a quasi moossgeschneidert Berodung am Beräich Natur kënne genéissen. An deem Sënn ginn och méi Naturprojete lancéiert an enker Zesummenaarbecht mat eisem Service jardinage. No eisem Heckekadaster ass hei d'Grondlag wéi all Joer den Heckeschnëtt duerch d'Gemengesyndikat SICONA ze organiséieren.

De Jardin communitaire. D'Stad Diddeleng engagéiert sech weiderhi fir d'Animatioun vum Jardin communitaire ze garantéieren. Dëst Joer gouf e ganz interessante Projet vun den engagéierte Bierger ëmgesat, si hunn eng al Roulotte an eng Zär ëmgebaut.

Green Events. Mir hunn dëst Joer als Service zwee eege Green Events organiséiert, wéi gesot de Floumaart an d'fairt Frühstück. An och am November koum nach eng Demande era vun de Scoute Mont-Saint-Jean fir hir Kiermes kënnen an deem Kader kënnen ze organiséieren. Mir subventionéieren dës Initiativ wéi virgesi mat 25% op de staatleche Finanzéierungbeiträg vu 1.500.- Euro. Dat heescht, d'Scoute kréien dann 375.- Euro fir dat Event.

D'Kueben. Hei vis-à-vis vun der Gemeng déi staark Bevëlkerung vun de Kuebe virum Gemengenhaus bréngt eis ganz vill Problemer. An dofir hu mer och e spezielle Bureau d'études komme gelooss fir déi ganz Problematik ze analyséieren. Mir hu festgestallt dass mer do 85 Familljen an deene Platane wunnen hunn a mir sinn am Gaang ze probéiere fir 2024 déi Kolonie, wann dat da machbar ass, ze reorientéieren. Do sinn och e puer Mesuren ugeduecht, mee ech verroden déi léiwer nach net. D'Ëmweltkommissioun ass 2023 dräimol zesummekomm. An déi nei Kommissioun koum dann elo och de 15. November fir d'éischt eng Kéier zesummen, éischtens emol fir sech kennenzeléieren, an duerno, wéi Dir wësst, eng Visitt vun Affilux an duerno den Thilleweier ze maachen.

D'Charte Environnement. Mir hunn eng Charte Environnement, Klima an Energie ausgeschafft, déi all Club a Veräin, deen e Sall oder eng Raimlechkeet bei der Gemeng lount ab dem 16. Mee konnt ënnerschreiwe kommen. Bis ewell hu vill Veräiner schonn dovu Gebrauch gemeet. Et ginn der awer och nach e puer déi iwwreg bleiwen an déi kréien dann och fir 2024 e Rappell dass se och dat sollte maachen.

Eise Service écologique, hir Routinenaarbechten, Berodunge vun de Bierger fir an de Genoss vu Subventiounen ze kommen, Berodung vun der Bierger vun Offallfroen, d'Ausschaffe vun eise kommunale Reglementer, d'Opstelle vum Offallkalenner, Reklamatioune wéinst dem Kaméidi, d'Ausschaffe vun Energie- a Klimatips fir eis Beleegschaft, Commodo-Incommodo-Dossieren, Berodung beim Dossier NeiSchmelz an d'Gestioun an den Archivage vun de Commodo-Autorisatiounen. An dann hu se och en Echange mat anere Servicer fir eng besser Symbios a Koherenz an de Projeten ze maachen. Vu dass d'Ëmweltfro an d'Nohaltegkeet an alle Beräicher net ze vermeide sinn hu mir du mat verschidde Servicer reegelméisseg Austauscher. Dat ass de Service architecture et domaines, eemol am Mount, mam Service FeMa reegelméisseg, respektiv och op spontaner Basis, an e Service Kommunikatioun bei verschiddene spezifesche Projeten, notamment bei der Anti-littering-Campagne, den Offallkalenner a sou weider. Mam City Manager hu se och e puer Projete geplangt. Engersäits fir eng besser Visibilitéit vun de Commercen an der Geschäftsstrooss, eng besser Begréngung vum Stadkär an en Vergréngerung vum Site Centre culturel opderschmelz an nach aner Saachen. Och eng direkt Zesummenaarbecht mam Service Jardinage fir d'Revalorisatioun vun de Bongerte an d'Schafe vu weidere flotte villfältege Plazen, wou d'Leit der Natur nees kënne méi verbonne sinn. Den Hondspark, d'Blummewisen, d'Erneierung vun de Modalitéite fir eis Baumpaten.

Den Ausbléck op 2024 bleift esou wéi 2023. Den Naturpakt, vu dass mer eis Goldzertifizéierung am Kader vum Klimapakt kritt hu kucke mer dann dëst Joer a Kader vum Pacte Nature fir do méi konsequent no vir ze kommen. Loftqualitéit. Am Kader vum Klimapakt ginn d'Analyse vun der Loftqualitéit an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltverwaltung weidergefouert. D'Resultater dovu ginn och reegelméisseg op eisem Internetsite vun der Stad public gemeet. 2024 gi mer mat 5 Miessstatioune, zum Beispill um Rond-point Route de Luxembourg/Route de Biereng, Commerce-Strooss, am Shared space, Kräizung Rue du Centenaire an d'Rue de la Libération an och an der Butschebuergerstrooss gi weidergefouert. Och den Energieverbrauch vun eise kommunale Gebaier leeft iwwer d'Gestioun vun der Energiebuchhaltung am Kader vum Klimapakt, a mir wäerten dann do dat och alles optimiséieren. D'Ëmstelle vun eise Compteuren op Smartmeter geet weider wat d'Erfaasse vun deenen Donnéeë wäert vereinfachen.

Wéi gesot, ufanks vum Joer ginn d'Veräiner an d'Clibb nach eng Kéier ugeschriwwe fir d'Ëmweltcharta ënnerschreiwen ze kommen a mir erfaasse weiderhin d'Donnéeë wat déi eenzel Verbräich vu Gas a Waasser an de kommunale Strukturen an an Enercoach an och an den Exel-Fichiere verbannen. Eise Solar- an Thermographiekadaster ass 2023 aktualiséiert ginn an dat mat den Date vun der Iwwerfléiung vun 2022. Erneierbar Energien, Photovoltaik. Op all eisen Neibauprojeten ginn d'office PV-Anlage mat geplangt. Aktuell ass eng Machbarkeetsstudie vun der Société Ecos am Gaang fir eng potenziell Co-Generatioun ronderëm d'Photovoltaikinstallatioun um Centre sportif René Hartmann ze envisagéieren an d'Resultater, déi wäerten elo am Dezember/ Januar virleien. Energieplanung. An de Reunioune mam Service Architecture ass och all Kéier eise Klimapaktberoder uwiesend fir nach eng Kéier op déi nohalteg an effizient Energieplanung an de PAPen hinzeweisen. A fir eisen Engagementer fir en nohaltege Waasserplang an dem Covenant of Mayors nozekommen an d'Eegeproduktioun vun erneierbaren Energien ze steieren ass fir 2024, wéi virdru gesot, virgesinn, am Centre sportif René Hartmann eng PV-Anlag ze installéieren. Nachhaltigkeit macht Schule gëtt och weidergefouert an de Schoulen. D'Klimabündnis, do bleiwe mer weiderhi Member an och de Projet MASIPAG gëtt mat 5.000.- Euro ënnerstëtzt.

D'Offallwirtschaft. Do hu mer wëlles zesumme mat eisem Service GMP eng Analys vun eisen ëffentlechen Offalleemeren ze maache fir kënnen eis Tier ze optimiséieren. Den SDK-Label fir Betriber. Aktuell hu mer 26 kommunal Gebaier, dovun all eis Schoulen, mam SDK-Label ausgestatt, e Label deen och all 2 Joer vergi gëtt an all Joers nei kontrolléiert gëtt. De Pacte Anti-gaspi ass e Volet, dee besonnesch d'Maison relais vun der Gemeng betrëfft an et gëtt gekuckt, wat an deem Beräich nach kann ëmgesat ginn. De Projet Gielt Band gëtt weider mam Pro Sud zesummen als Projet Tutti frutti gefouert an 2023 kruten d'Gemengebongerten eng Signalisatioun mat engem QR-Code an de ProSud plangt, eng Kartographie op d'Been ze stelle mat wichtegen Informatiounen zu de Beem an de Bongerten. De Floumaart ass den 11. Mee 2024 virgesinn. D'Fairt Frühstück ass geplangt fir den 29. Juni 2024. A wéi gesot, d'Green Events 2024, do sollen d'Manifestatiounen déi d'Gemeng organiséiert, all wa méiglech ënnert deem Label oflafen. Dofir huet de Service écologique mat anere Gemengeservicer en Informatiounsaustausch mat der Green-Event-Koordinatiounszell hiergestallt. D'Baumpatenschafte ginn och 2024 virugefouert. Mee mir probéieren do eppes ze änneren, andeem mer e klengt Reglement oder eng Charte ausschaffe fir nach eng méi ekologesch an nohalteg Aart a Weis vun de Baumpatenschaften ze assuréieren. Wéi zum Beispill fir ze verhënneren, dass d'Leit awer nach Sténg an hir Insel setzen a sou weider. Den Dag vum Bam. Och dee gëtt 2024 weidergefouert.

An dann den Naturschutz – SICONA. Do ginn déi verschidden Aarbechten am Beräich Naturschutz fir de Schutz vun Aarten an Habitater, den Heckeschnëtt, Ënnerhalt vu Biotopen an d'Aktivitéite mat de Schoulen a Maison relais an deem Kader och weidergefouert an och do ass de Montant bei de Parts variables an d'Lucht geklommen. Jardin communautaire. Dee gëtt och weidergefouert. An d'Subventioune fir d'Reewaassernotzungsanlage wäerten eebenfalls mat 3.500.- Euro a Budget virgesi sinn. An dann den Nohaltegkeetsmasterplang 2023 ass an d'Ëmsetzungsphas gaangen an de Monitoring vum Nohaltegkeetsmasterplang gëtt vun der Firma ECOS iwwert de Budget vum Klimapakt gemaach. Mir sinn eis den Erausfuerderunge vum Klima- an Ëmweltschutz bewosst. Mir wäerten déi ganz vill Moossnamen, déi beräits lafen an d'Ëmsetzung vun neie Moossname weiderféieren. No der Erstellung vun eisem Masterplan fir nohalteg Entwécklung ass d'Ëmsetze vun deene beschlossene Moossname bis 2030 geplangt. Ausserdeem gëtt e Klimaschutzkonzept mat konkrete Mesuren erstallt.

D'Schafe vu méi Gréngflächen an alle Stadquartiere vun Diddeleng zesumme mat de Veräiner an de Stadvéierel, souwéi eng Sensibiliséierungscampagne zugonschte vun der Schafung vun natierleche Gäert, grénge Fassaden, begréngten Diecher fir Bushaltestellen, d'Planze vu verschiddene Bamzorte fir de Schutz vun der biologescher Villfalt an d'Schafe vun innerstädtesche Waldflächen sinn nëmmen e puer Beispiller fir Projeten, déi zur Andämmung vum Klimawandel kënne bäidroen. D'Erweiderung vun der Cité jardinière ass geplangt an och de Start vun engem Pilotprojet hu mer am A. Dat heescht, Beräicherung vu Gäert vu Privatpersounen u Privatpersounen, also e Garden sharing, ass eebenfalls envisagéiert. An da gëtt och nach en Energieasparungs- a Resilienzplang agefouert, deen der Stad soll zolidd Instrumenter zu laangfristeger Bewältegung vun Energiekrisen zur Verfügung stellen.

D'Senioren. Diddeleng huet e gudden Ambiente, dass sech bei eis déi eeler Leit kënne wuelfillen an e Liewen an der Gemeinschaft an Autonomie féieren. Diddeleng bitt eisen eelere Matbierger en Doheem. En altersgerecht Liewen ze garantéieren ass a muss eist Zil sinn. Diddeleng verfüügt iwwert all déi Mesuren. D'Senioregeneratioun hëlt eng wichteg Plaz an der Diddelenger Gesellschaft an. Fir et kuerz ze halen, och am Alter léisst sech gutt zu Diddeleng liewen. De Club Senior, eise Schwaarze Wee, respektiv d'Diddelenger Haus fir Senioren huet dëst Joer am Juni hir 20 Joer ge-

feiert an ab elo heescht et Club Aktif+ Diddeleng. Och de Logo huet sech geännert an och d'Altersgrenz wäert am neie Gesetz vum Senioreclub ofgeschaaft ginn. De Club Aktif+ Diddeleng ass aus eisem Diddelenger Gesellschaftsliewen net méi ewechzedenken. Wann ee wëllt sech mat Gläichgesënnten treffen, nei Erfarunge sammelen, säi Wëssen a Kënnen erweideren, aktiv um sozialen a kulturelle Liewen deelhuelen, Gesellegkeet genéissen, dann ass dat déi richteg Plaz, dann ass een am Club Aktif+ richteg. Weider Offere fir eis eeler Leit, dat ass eise Service, de Senior Plus. An Zesummenaarbecht mat der Stëftung Hëllef Doheem bitt d'Gemeng Diddeleng de Service Senior Plus un. D'Zil ass et, d'Awunner ab 60 Joer an hirer Autonomie ze stäerken an d'Gefill vum Elengsinn ze verhënneren. De Service Senior Plus gëtt a bitt Rotschléi a fachkundeg Ënnerstëtzung fir Senioren, déi a) mat sozialen oder gesondheetleche Problemer konfrontéiert sinn, zweetens mobil ageschränkt sinn oder drëttens eleng sinn oder véiertens perséinlech Schwieregkeeten hunn.

De Flexbus, e Service dee gratis ass fir jiddereen ab 60 Joer um Gebitt vun der Stad Diddeleng. De Repas sur roues, eng Déngschtleeschtung säit 1975, mee net nëmme fir eeler Leit, mee och fir Leit, déi en Handicap hunn, respektiv déi krank sinn an temporär net méi selwer kënne kachen. Den Telealarm, eng Déngschtleeschtung, déi gëtt et säit 1991 hei an der Gemeng. Mir hunn hei zwee Ubidder, den HELP an de Sécher doheem. De CIGL, hire Service de proximité, de Coup de main an de Recycler. An dann eis Handy- an Internetstuff. Do ass d'Zil och deenen eelere Leit um Wee an d'Autonomie an an der Benotzung vum informatesche Material an och am sécheren Ëmgang mam Internet ze begleeden. Dat ass eng Zesummenaarbecht vum Club Aktif+ mam Projet Ensemble, mam Lycée Nic Biver a mam Jugendhaus. Kuerz gehalen: jonk Leit hëllefen hei eelere Leit eens ze ginn. Weider Infrastrukturen um Gebitt vun der Stad Diddeleng ass eise Servior, de CIPA Diddeleng, de Foyer de jour vun der Croix-Rouge, d'Dagesstätt vun der ALA an och am CHEM eis geriatresch Abteilung. Net ze vergiessen eise Fitnessparcours fir eeler Leit am Schnauzelach. Sou wéi all eis Veräiner kréien och déi Veräiner, déi an deem Domän aktiv si selbstverständlech finanziell, materiell a logistesch Ënnerstëtzung, do wou se gebraucht gëtt. An och hu mer elo eis lescht Tranche un d'ALA iwwerwisen, wou mer eist Zëmmer am Gold Club da kënne profitéieren. 2024 hu mer awer och d'Grënnung vun engem Seniorebäirat geplangt, d'Aféiere vun engem Aktiounsplang mat iwwergräifende Moossnamen, respektiv d'Kreatioun vun enger Austauschplattform.

Hygiène a Propretéit. Mam Wuesse vun eiser Stad an der Entwécklung vun eiser Bevëlkerung stelle sech och ëmmer erëm nei Erausfuerderungen an Ufuerderungen un eis Gemeng. Nei Ufuerderungen a punkto Propretéit an Hygiène. Ëffentlech Plazen, Parkanlagen, Trottoiren a Stroosse musse gefleegt an an engem propperen an akzeptabelen Zoustand sinn. Jiddereen, d'Gemeng an eis Bierger, sollen zu enger propperer Stad bäidroen. Eis Gemengeservicer hu mer verstäerkt, fir d'Propretéit an eiser Gemeng ze garantéieren. An och eis Sensibiliséierungsscampagnë gi weidergefouert. Déi 3 Stéck, richtege Reflex fir eng propper Stad an och eis Aktioun Zéro mégots. Weider Investitioune si geplangt an d'ëffentlech Toiletten an och a Muppentoiletten. All Bierger soll also matmaachen a bestrieft sinn an enger propperer a liewenswäerter Stad ze liewen.

Gas, Waasser, Kanalisatioun. Do ginn eis Efforten am Beräich Ofwaasserentsuergung a Kanalwiese konsequent weidergefouert am Sënn vun Ëmweltschutz an och am Sënn vu Preventioun bei Iwwerschwemmungen. Eist Ofwaassersystem gëtt permanent erneiert an ausgebaut. Dir fannt am Budget sëlleg Artikelen, déi ee just am Budget erëmfënnt an d'Leit dobaussen natierlech net sou onbedéngt, vu dass jo alles am Buedem ass, mee do gëtt massiv investéiert, wéi ech Iech elo scho gesot hunn.

An dann d'Syndikater. De SICONA, gegrënnt 1989, do ass Diddeleng säit 2001 Member, do ass d'Part fixe fir dëst Joer bei 45.000.- dat ass stabil bliwwen opgrond vun eiser Awunnerzuel. Mer hunn awer de Part „Projets" eropgesat op 97.000.- Euro. De STEP ass scho gesot ginn, gegrënnt 1979, dat sinn déi 5 Gemengen Diddeleng, Beetebuerg, Réiser, Keel a Rëmeleng. Ugeschloss un d'Kläranlag sinn awer och eis franséisch Nopeschgemenge Tressange-Bure, Ottange Nondkeil, Escherange a Volmerange-les-Mines. Déi besteeënd Anlag ass 2005 erneiert gi fir +/- 95.000 Einwohnergleichwert. A mir hate jo virun zwee Joer en informelle Gemengerot am Centre culturel organiséiert, wou déi Responsabel vum STEP Iech d'Zukunftspläng presentéiert hu vun der Kläranlag an och vun eise Ressourcenzenteren, et heescht net méi Recyclingzenteren, et ass jo lo Ressourcenzentrum an eisem neie Gesetz.

D'Kläranlag, dat hutt Der festgestallt an Ärem Budget an dat wäert eis och nach déi nächst Jore weider begleeden, dat klëmmt ëmmer méi, well d'Kläranlag gëtt vergréissert, erweidert an och erneiert. A mir kréien eng 4. Stuf bäi. Eng 4. Stuf, dat heescht ënner anerem, dass dann och Medikamenter kënnen ofgebaut ginn. Dat sinn natierlech Budgetsposte vun der Kläranlag, déi eis d'nächst Joer wäerte weider begleeden a wuessen, et ass awer onabdingbar. Mir schätzen elo Einwohnergleichwerte wa mer fäerdeg sinn, Horizont 2060, vun 160.000 Einwohnergleichwerte, also bal eng Verdueblung vun deene besteeënde Kapazitéiten.

Dann de Minett Kompost. E Syndikat 1994 gegrënnt, wou Diddeleng vun Ufank u Member war. Mir hunn eng Gemeng bäikritt am Januar 2023, dat ass d'Gemeng Lëtzebuerg, sou dass mer lo zu 24 Gemenge sinn. An eis Kompostanlag ass och d'lescht vergréissert ginn an erneiert ginn an och verfahrenstechnesch optimiséiert. Mee och do mussen an Zukunft nei Invester getätegt ginn. An dann d'SIDOR, gegrënnt 1971 mat 34 Gemengen, do ass de Budget stabil an do wäert an deenen nächste Jore keng Iwwerraschung op eis duerkommen. Merci.



CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, Dir Dammen an Dir Hären alleguerten, fir d'éischt emol schléissen ech mech de Mercien un eis Comptabilitéit un. Dir hutt elo scho ganz vill Infoen an Detailer zum Rectifié 2023, respektiv Initial 2024 kritt. Ech probéieren deemno, sou kuerz wéi et nëmme méiglech ass, op meng Ressorten anzegoen ouni an d'Detailer ze verfalen oder lech och mat Zommen ze erschloen, well ech mengen déi fannt Der alleguerten am Budgetsdokument erëm an och meng Fraktiounskolleeginnen a -kolleege gi sécher nach, déi hunn d'Presidence vun deenen eenzele Kommissiounen, déi gi sécher nach op hir Themen an, wat mir erlaabt, mech bei deenen op e Minimum ze beschränken.

Fänke mer u beim Verkéier an der Mobilitéit. Aktuell hu mer en Total vun 213 Parkaueren an déi sinn och alleguerte contactless, respektiv mat Kaart ze benotzen. Dir wësst, datt mer viru 5 Joer de System Indigo Neo, déi Zäit huet en nach Open go geheescht, agefouert hunn. Dat ass datt Leit och mam Smartphone kënnen hiren Ticket huelen. Dëst Joer hate mer op den 31. Oktober 60.638 Transaktiounen, wat der 22.600 méi ware wéi d'lescht Joer op deem selwechten Datum, sou datt d'App weiderhin e grousse Succès ass. Vignetten. Am Zäitraum 1.12.2022 bis 30.11.2023 hu mer ausgestallt, 1. Vignette fir en Haushalt: 5738 an 2. Vignette fir en Haushalt 2387. Mir wëllen dann och den Ausbau vun eise Chargy-Bornen d'nächst Joer erweidere fir dat Netz wat mer schonn hu méi grouss ze maachen. Zum ëffentlechen Transport. D'CFL, dat wësst Der, déi bitt jo och hire Carsharing-Modell de Flex hei zu Diddeleng zënter 5 Joer un. E puer Zuelen: 2023 goufe vu Januar bis Oktober hei zu Diddeleng ronn 728 Faarte gemaach. An am Total +/- 40.620 Kilometer mat deenen 3 Autoen zréckgeluecht. Ab 2023 ware se jo net méi gratis, mee mir hu misse 700.- Euro pro Auto bezuelen. Fir déi méi nei hei am Gemengerot maachen ech vläicht dëst Joer dofir eng kleng Erklärung. Am Präis ass alles mat dran, de Bensin, den Diesel, den Elektresch, d'Assurance, den Entretien extérieur an intérieur, d'Kontrollstatioun an alles, wat nach géing sou ufalen. An als Contrepartie kréie mer dann eppes zréck, wann deen Auto benotzt gëtt, nämlech 3,95.- Euro pro Stonn. 2024 passe se de Präis un op 765,20.- Euro pro Auto. Aktuell hu mer 700.- Euro pro Auto a Mount bezuelt, sou dass se 65,20.- Euro méi deier ginn. En Moyenne gëtt en Auto hei zu Diddeleng 4,39 Stonne benotzt a 55,88 Kilometer domadder gemaach. Gesamt sinn et 3124 Stonnen. An doduerch well de Flex eebe sou gutt genotzt gëtt kréie mer och ronn 50% vun eise Käschten erëm eng Kéier eran.

Zum TICE. Dee bestellt 2024 och erëm nei Busser, am Total 14 Stéck. Eng Partie aler gi wéi ëmmer ersat. D'Detailer dovunner kënnt Der all an eisem Strategy paper liesen, deen och beim Budget ëmmer dobäiläit.
Och den TICE, dorobber ass de Buergermeeschter virdrun agaangen, wéi all déi aner Syndikater och gëtt dee méi deier. Dat läit natierlech haaptsächlech un de Personalkäschten, déi steigen ëm ronn 17%. D'Erhéijung vum Punktwäert, déi op de Januar 2024 wäert erfalen ass do mat dran. Mee virun allem gëtt déi Part patronale vun der Pensiounskeess, geet déi vun 20,30% op 28,01% erop, eng Hausse vu 7,71%. Bon, de Buergermeeschter huet schonn erkläert wéi dat fonctionéiert. Fazit ass a bleift awer, datt doduerch d'Personalkäschten net nëmmen an de Syndikater mee iwwerall méi deier ginn. An zu all deem kommen dann och nach, dat ass och e puer Mol ugeschwat ginn hei, nach déi héich Sprit- a Gaspräisser. Da wësst Der och datt mer als TICE säit 2014 eng Konventioun mam Transportministère hunn. Lo ass et awer esou, datt de Staat déi gekënnegt huet Enn Juni, an zwar op den 31. Dezember. Et ass awer sou, déi al Konventioun gesäit vir, datt déi Konventioun déi mer hunn awer nach bis Enn 2024 wäert weiderlafen.

Den ale Bureau an den ale Comité, déi ware scho méi laang a Verhandlunge mat deem ale Minister a souguer d'Gewerkschaften an d'Chamber hate sech an déi Diskussioun ageschalt gehat. De fréiere Minister, deen huet och do eng Partie Aussoe gemaach, déi an déi richteg Richtung ginn. Mee et ass wéi mat alles, den Däiwel, dee läit herno ëmmer am Detail, an den neie Bureau an den neie Comité, déi wäerten da weiderhi musse verhandelen a sinn natierlech och schonn am Gaang. Eis Gemeng hat mëttlerweil 2 Rendez-vouse mat der ATP an déi aner Gemengen haten natierlech och hir Rendez-vouser an d'ATP kuckt sech elo mol alles un, wat se vun deenen eenzelen TICE-Gemenge kritt huet, éier mer do kënne weiderfueren. Den TICE dee verhandelt dann och weider mat der neier Ministesch a mat eventuellen neien oder de Moment nach ale Beamten. Den Zäitpunkt ass zimmlech ongënschteg, well mer eng Rei Méint elo keen definitive respektiv net méi déi selwecht Urspriechpartnerinnen a -partner haten. Mee den TICE souwéi all seng Membergemenge kucken natierlech d'Acquisen ze halen. Et kann een net de Leit priedegen, se sollen den ëffentlechen Transport huelen an da kee Geld wëllen heiran investéieren. Den TICE-Budget 2024, dee gouf unanime vum Comité den 9. November gestëmmt. Déi Diskussiounen, wou momentan mam Staat am Gaang sinn, déi hunn nämlech guer keen Afloss op deen dote Budget well mer jo ëmmer nach an der Konventioun vun 2014 sinn.

Och de Flex-Bus, den Här Manderscheid hat et virdru gesot, dee fonctionéiert weider gutt an dee gëtt benotzt. Bis den 30.11. hu ronn 5150 Biergerinnen a Bierger dëse Service genotzt. Wat bedeit, datt ronn 20560 Kilometer mat deem Elektrogefier gemaach gi sinn. Dann hu mer dëst Joer och eng nei Linn agefouert. Déi Linn erschléisst Quartier Vallée a Rue des Champs, well mer an eisen Analysen zesumme mat Komobile rausfonnt haten, datt do nach géif Nohuelbedarf bestoen. Och hei fir déi méi nei am Gemengerot eng Kéier kuerz als Informatioun: Mir haten deemools natierlech

och den TICE gefrot, ob deen déi Linn wëllt fueren. Mee si hunn am Moment weeder d'Material nach d'Personal fir nei Linne kënnen z'assuréieren. Dofir gouf d'Linn och ausgeschriwwen. Et ginn op där Linn och reegelméisseg Zielunge gemaach. Ab dem 1. Dezember souguer automatesch. An do gesäit een, datt pro Woch ronn 550 Biergerinnen a Bierger dovu profitéieren an op engem Donneschdeg wou Maart ass kënnen dat bis zu 150 Passagéier sinn. Fir de Service beim ëffentlechen Transport nach ze verbesseren, wäerte mer bei weidere Bushaltestelle wou vill Busser laanschtfueren nach eng Real time-Anzeig installéieren, dat sinn déi Anzeigen, wou den Utilisateur dann direkt gesäit, wéini deen nächste Bus kënnt,
2019, fir déi déi du schonn dobäi waren, déi kënne sech erënneren, datt mer du schonn ugefaangen hunn all eis Foussgängersträifen op de Leescht ze huele fir datt se all sécher sinn an och gutt beliicht. A se mussen a sollen natierlech och behënnertegerecht sinn a se mussen de Virschléi vun der staatlecher Verkéierskommissioun, der Ponts & Chaussées an der Adapth, déi déi virginn, gerecht ginn. A mir wäerten natierlech och domat weiderfueren.

Zënter 2019 si mer jo och am Gaang, de Vëlo méi genau ze analyséieren an e Reseau, respektiv och nei Routen ze entwéckelen. Zanterdeem ass vill geschitt, och wat de Marquage an d'Beschëlderung ugeet a mir wäerten natierlech och domadder weiderfueren. 2023 hu mer eis haaptsächlech op d'Signalisatioun konzentréiert. Et si Schëlter mat den Distanzen opgehaange ginn, d'Weeër goufen um Buedem markéiert, an op den Haaptachse goufe Querunge mat rouder Faarf ënnerluecht. Déi gréisst Ännerung vum Vëlosnetz, an ech mengen dat wësst Der alleguerten, dat ass d'Rue du Parc tëschent der Rue Jean Berchem an der Entrée vum Lycée, d'Rue du Parc tëschent der Dominique Lang an der Pasteur konnt no laangen Diskussioune mam Ministère op 30 km/h reduzéiert ginn an de Belag krut och deelweis eng aner Faarf fir d'Automobilisten dann och op déi nei Gegeebenheeten ze preparéieren. Et goufen Insele gesat fir d'Fuerbunnbreet ze verengen, sou dass keng zwee Autoe sech gläichzäiteg kräize kënnen an domat natierlech d'Vitesse erofzesetzen. E weidere Projet war d'Rue de l'Etang, déi mer verkéiersberouegt gemaach hunn a mer hunn dem Vëlo och do lo och d'Méiglechkeet ginn, tëschent der Gare an der Plaz am Duerf ze fueren a vice versa.

Wat ass elo 2024 um Programm? De Vëloswee Route de Luxembourg soll bis Rue Jean Simon weidergefouert gi fir eng besser Verbindung un d'national Vëlospist vu Beetebuerg an Diddeleng ze gewärleeschten. An hei hu mer och endlech all déi néideg Autorisatiounen zesummen. Dëst Joer hu mer jo och mat der Etüd ugefaangen, fir an der Rue Madame Mayrisch-de St. Hubert en definitive Chemin mixte Foussgänger a Vëlo kënnen ze bauen. D'Etüd Avant-projet sommaire ass ausgeschafft an d'Etüde fir de Projet détaillé si lancéiert. Mir hunn dat alles schonn an der Verkéierskommissioun virgestallt a wäerten dat och weider maachen a se permanent au courant hale fir déi Iddien, déi do kommen a scho komm sinn och mat afléissen ze loossen. Wéi gesot d'Detailer ginn fir d'éischt do beschwat. D'Vëlosiwwerféierung vun der Abbé Lemire iwwert d'N31, do hu mer och endlech d'Autorisatiounen zesummen. Ech betounen dat, well Dir wësst ëmmer, wéi laang dat dauert, fir alles ze kréien. An do kënne mer dann och ufänken. An der Rue des Genets an d'Route de Zoufftgen, respektiv Kräizbierg, do ass et e bësse méi kompliz éiert.

Et war schwiereg, déi néideg privat Emprisen ze kréien a mir sinn elo mol am Gaang, aner Varianten auszeschaffen. An och déi Variante ginn natierlech an noer Zukunft der Verkéierskommissioun virgestallt, soubal se prett sinn. Mir wäerten och erëm beim Vëlossummer matmaachen. E Projet vum Economies- an Tourismusministère. De Service Circulation wäert och weider hei am Dialog mat Vëlo Diddeleng sinn. An duerno wäert dann d'Verkéierskommissioun nach eng Kéier driwwer kucken a mir wäerten natierlech hei am Gemengerot e Verkéiersreglement dozou musse stëmmen. Da schaffe mer nach ëmmer dru fir eise Family Tour permanent ze halen. Do sëtze mer zesumme mat der Gemeng Beetebuerg drun. Dat ass deen Tour deen d'lescht Joer wärend dem Vëlossummer proposéiert gouf a fir 2024 hunn och d'Gemenge Réiser a Fréiseng Interessi un deem Familljentour gewisen, sou dass wann alles klappt mat hinnen, mer deen och wäerte kënne vergréisseren. Wa mer bei de Vëlosweeër sinn, mir sinn am Gaang mat préiwe fir owes duerch Beweegungsmelderen an LED-Luuchten am Park Le'h ee Wee kënnen ze beliichten. Nom Passage géingen dann déi Luuchten och direkt erëm ausgoen, mee heifir brauche mer natierlech d'Mataarbecht an och d'Autorisatioun vum Ministère a mir mussen dann och mat hinne fir d'éischt d'Detailer kucke fir ze wëssen, wéi an ob mir dat kënne maachen, ob mir vun hinnen d'Autorisatioun kréien. Wa mer do bis méi wëssen, da kommen do natierlech méi Detailer no.

Eise Service huet och dëst Joer erëm gekuckt, wou nach bei ëffentleche Gebaier a Plazen iwwerall Vëlosständere gefeelt hunn, fir datt mer och do kéinten norüsten. A wéi ëmmer vu menger Säit aus den Appell, wann et nach Plaze gëtt, wou et Sënn mécht, der ze installéieren, da rüste mer natierlech gären no. Einfach e Coup de téléphone oder e Mail an de Service Circulation an da kucke se dat gären.

Vél'oh. 2023 hu mer 2 nei Statioune gemaach. Fir 2024 hu mer wëlles, déi besteeënd Statiounen, déi e grousse Succès hunn auszebauen, respektiv verschidde Statiounen ze reparéiere well se einfach an d'Jore komm sinn. Do wär z.B. d'Gare-Usines am Fall. 2024 riichte mer 2 nei Statiounen op, méi wéi warscheinlech eng beim VEWA an eng bei der Schoul Strutzbierg. Fir 2024 an op Demande vum CIGL Esch wäerte 15 Vél'oh ersat ginn an 10 neier kommen dobäi, sou dass mer Enn 2024 op ronn 60 Vél'ohen zu Diddeleng sinn. Domat komme mer der Demande no, eebe Vél'ohen no an no ze ersetzen, déi an d'Jore komm sinn an och eis Flott ze erneieren. 2025 géif dann de Rescht vun den eelere Modeller ersat ginn an et wären dann nach eng Kéier 15 Stéck wou géife Rescht bleiwen.

De Projet Nightrider gëtt och zesumme mam ProSud weidergefouert an den Nightlife-Bus, deen d'Leit gratis zréck op Diddeleng bréngt Freides a Samschdes och. Och eise Mobilitéitsdag féiere mer weider.

Eise Projet, oder besser eis Leitlinn SUMP Sustainable Urban Mobility Plan, en Nohaltegkeetsplang fir Mobilitéit an enger Gemeng. Deen hu mer jo 2023 ofgeschloss. An op dëser Plaz wëll ech och nach eng Kéier de Vertrieder vun all de Parteien am Gemengerot e grousse Merci soe fir hir Mataarbecht an och hir konstruktiv Mataarbecht a fir dee villen Input, dee se do ginn hunn. Déi Broschür SUMP dat ass elo den technesche Servicer hir nei „Bibel" soe mer mol. Si versichen all nei Stroossen no de Recommandatioune vum SUMP ze plangen an ze bauen, respektiv och wa Stroosse reamenagéiert ginn. An zousätzlech baséiere se sech natierlech och op déi nei Mobilitéitskonzepter vum Mobilitéitsministere, dat heescht de Plan national de mobilité 2035.

Fir de Verkéier ze berouegen hu mer jo hei am Gemengerot eng ganz Partie Tempo 30- an 20-Zone gestëmmt an dës och ëmgesat. Déi 3. Phas vum Shared space ass opgaangen an och duerch den Double sens an der Rue du Commerce ass schonn e gutt Stéck vum Zentrum a ronderëm den Zentrum verkéiersberouegt ginn. Mir hunn och eng ganz Partie Berliner Kissen an den Tempo 30er an 20er-Zonen installéiert fir datt manner séier duerch d'Quartiere ka gefuer ginn. Wéi Der wësst soll och an der Rue Gaffelt eng Verkéiersberouegung hikomme fir d'Kanner bei der Schoul ze schützen an hei ass d'Etude de faisabilité lo mol ofgeschloss. D'City App soll och nach um Volet Mobilitéit ausgebaut ginn. An domat kéim ech dann och schonn zur Voirie. Mir hu fir d'nächst Joer wéi an de vergaangene Joren och déi néideg Montanten am Budget stoe fir eng Partie Stroossen net nëmmen ënnerierdesch, mee och dat wat ee gesäit, nämlech d'Strooss selwer ze erneieren. An och eng Partie Râclagen hu mer virgesinn a Stroossebauprojeten, déi 2024 um Programm stinn, oder schonn am Gaang sinn, ech nenne lo just déi grouss, dat ass d'Route de Boudersberg, de Mont-Saint-Jean mat der Ponts & Chaussées an dann och d'Rue des Ecoles, d'Rue de l'Indépendance, dat heescht d'Alentouren och vum Centre sportif an der Schoul Strutzbierg.

Eriwwer zum Sicec, de Crematoire, dat heescht d'Gebai, dat wësst Der, dat muss ausgebaut ginn. Dat war d'lescht Joer schonn um Ordre du jour. Dat heescht datt all Gemengen och mussen dozou bäidroen an dëst Joer bezuele mir dann och eis zweet Tranche.

D'Museksschoul. Dir wësst, datt mer eng ganz aktiv regional Museksschoul hunn a se waren och dëst Joer erëm all Dag um Dill fir méi wéi 1550 Kanner a Jugendlecher an och Adulten e qualitativ héichwäertege Museksunterrecht kënnen ze garantéieren. Ech gi mengen ech elo bei der Museksschoul net méi op all Detail an, well de 24. November, dat heescht kuerz virun 3 Wochen ass hei réischt déi definitiv Schoulorganisatioun gestëmmt ginn an do ware souwuel eisen Direkter wéi och eise Sous-Direkter hei fir op all Froen am Detail ze äntweren an déi kommen och ganz gären nach eng Kéier zréck, sollten nach aner Froen hei sinn. Dofir just e puer Bemierkungen. Wann ech soen, et si méi Schülerinnen a Schüler, dann heescht dat natierlech generell méi Ausgaben, z.B. och wat d'Instrumenter ugeet, déi mer ze geréieren hunn, dat sinn er elo knapp iwwer 750 a vun deene muss natierlech och den Entretien assuréiert ginn. Mat bal 150 Manifestatiounen d'Joer ass eis Museksschoul omnipresent. Dat geet vu Klassenauditiounen iwwer Stagen an Echangë bis zu gréissere Manifestatioune mat bis zu 1000 Spectateuren. Fir d'Projete vun den Eveils-Klassen am Park Le'h a fir all d'Evenementer op d'Bee kënnen ze stelle brauch een natierlech déi néideg finanziell Moyenen, fir dass d'Museksschoul sech kann ënner gudde Konditiounen no bausse weisen. Eriwwer zum Tourismus. Mir organiséieren natierlech weider eis Visite guidée déi d'Leit kënnen an der Gemeng buchen a mir hunn och en neien aktualiséierten Depliant gemaach gehat d'lescht Joer a mir gesinn och erëm ee fir d'nächst Joer vir a mir schaffen natierlech weider mam ORT Süden zesummen. Mir kafen och nei Miwwel fir eise lokalen Office du tourisme nach méi attraktiv ze maachen. Mee ech denken am Detail geet eis Representant am Comité vum ORT an natierlech och d'Presidentin vun eiser lokaler Kommissioun sécher nach op déi Saachen an.

Dofir kann ech direkt eriwwergoe bei de Jumelage. Ech mengen awer ze wëssen, dass d'Kommissiounspresidentin sécher och heizou nach wäert eppes soen. Mir wënschen eis natierlech, souwuel de Schäfferot wéi och d'Kommissioun, wéi och de ganze Gemengerot, natierlech datt eis Clibb mat eise Partnergemengen zesummekommen an deen een oder anere Projet wäerten ugoen. D'Gemeng an déi zoustänneg Kommissioun seet sécherlech net Nee fir se ze ënnerstëtzen. De Kontakt zu de Partnergemenge muss allerdéngs natierlech elo rëm eng Kéier frësch hiergestallt gi well mer eng ganz nei Kommissioun hunn an och an eise Partnergemenge sech sou munches gedoen huet. Do waren och eng Partie Wiesselen. Vum Jumelage ass et dann och net wäit zur Integratioun. Mir hunn d'Chance hei zu Diddeleng iwwer 100 verschidden Nationalitéiten ze hunn. Eis Integratiounskommissioun hat och dëst Joer erëm d'Fête des cultures organiséiert an dëst Joer hate mer mol eng Kéier super Wieder, dat konnt ee vum leschte Joer net soen, an dofir war et nach e méi grousse Succès wéi déi Jore virdrun. Dir wësst datt mer ëmmer ganz aktiv sinn als Gemeng an och als Kommissioun fir eis auslännesch Biergerinnen a Bierger dozou ze bréngen, sech op d'Walllëschten anzeschreiwen. Dofir hate mer och eng nei Broschür erausbruecht. Mee ech iwwerloossen et eiser Presidentin vun der Kommissioun, dem Martine Kohn fir drop anzegoen, wat gelaf ass, wat geplangt ass. An ech soen och gären am Numm vum Schäfferot all deene Leit Merci, déi sech hei engagéiert haten an där leschter Period, well d'Kommissioune jo all nei besat gi sinn, respektiv nach ginn. Zum Volet Integratioun gehéieren natierlech och eis Sproochecoursen, déi mer och wäerte weiderfueren. Mir haten d'lescht Schouljoer 78 Course mat 1201 Aschreiwungen. An nieft eisen eegene Course wësst Der jo, datt nach Italienesch ugebuede gëtt a mer déi och ënnerstëtzen. Mir hu jo och zënter leschtem Joer eng Konventioun mat der Gemeng Keel-Téiteng, déi mer hei am Gemengerot gestëmmt haten an dat klappt och ganz gutt. A mir bidde jo och via de Service Ensemble eise Café des Langues un an och domat fuere mer weider.

De Service Ensemble, ech hunn e genannt, dee bitt jo och eng ganz Rei aner Saachen un, déi Der alleguerte kennt: vu Sportscoursen iwwer Permanence sociallen,

Infoversammlungen, Ateliers créatifs a si sinn och op NeiSchmelz ganz aktiv gewiescht a si hu virun allem e groussen Deel zu eiser Charta vum Zesummeliewe bäigedroen. Dofir hinne mol e grousse Merci. An natierlech gëtt och dee villfältege Programm weidergefouert. An ech sinn iwwerzeegt, datt am Laf vum Joer vun hinnen ëmmer nach nei Saache wäerten dobäikommen.

Ech wär um Schluss ukomm. Ech soen et all Joers hei bei de Budgetsdebatten, datt mer e Budget hei an deem Gemengerot presentéieren, deen deene Prinzippie fir déi meng Partei d'LSAP, d'Sozialisten steet, gerecht ginn an déi mir perséinlech och besonnesch um Häerz leien, nämlech Fräiheet, Solidaritéit, Gerechtegkeet a Sécherheet. An dat ass dëst Joer natierlech net anescht. An ech kann dofir dëse Saz ëmmer erëm nëmme gäre widderhuelen, an ech weess, datt e gudden Deel vun de Leit am Sall dat och weider sou gesäit wéi ech. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da soen ech och dem Claudia Dall'Agnol Merci fir seng Virstellung a mir wären elo zum Schluss ukomm vun der Presentatioun vun de Prioritéiten a vum Fokus dee mer wëlle setzen am Kader vum Budget 2024, also e Budget, deen eng ganz Rei Komponente beinhalt, déi ee konnt am Laf vum Mueren eraushéieren. Mir géifen elo weiderfuere mam normalen Ordre du jour.

**3.2. Approbatioun vum Sous-locatiouns-Kontrakt mat der Societéit Kasadelux s.à.r.l. - SIS fir d'Exploitatioun vun engem Pop-up store am Geschäftslokal 38, Avenue Grande-Duchesse Charlotte**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech géif proposéieren, dass mer weiderfueren no där kuerzer Ënnerbriechung. Ech géif op den nächste Punkt iwwergoen hei no der Presentatioun vum Budget, déi mer gemeet hunn. Dat ass am Fong e Contrat de Sous-location mat der Societéit Kasadelux s.à.r.l. - SIS fir e Pop-up store op 38, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Dir konnt Iech erënneren dass mer an engem vun eise leschte Gemengeréit hei d'Resiliatioun hate mat der Virgängerin, déi do e Commerce hat. An hei hu mer e Contrat de bail virleien. Mir si jo do Locataire, respektiv maachen eng Sous-Locatioun. Et ass a Geschäftslokal dat 103 m² huet op 38, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Et geet ëm e Pop-up store fir 6 Méint vum 15. November bis de 15. Mee. An dat fir e Loyer vu 500.- Euro. Dir hutt jo och eng Invitatioun kritt als Membere vum Gemengerot well dëse Samschdeg Nomëtteg jo och d'Ouverture ass.

Wat positiv ass bei dësem Pop-up, dat ass, datt nohalteg Moud an de Virdergrond gesat gëtt an och d'Zesummenaarbecht mat Leit à Besoins spécifiques, respektiv och hei de Fokus dee gesat gëtt op eng Zesummenaarbecht mat der Fondation Kräizbierg, déi och do d'Méiglechkeet kritt. D'Solidarwirtschaft ass hei am Fokus nieft der Nohaltegkeet. De Kräizbierg kritt och do e Point de vente, also och méi eng grouss Visibilitéit mat enger Selektioun vu Produiten. An awer och nohalteg Moud, déi do an de Virdergrond gestallt gëtt. Dat sinn déi 2 Elementer. Alles Made in Luxembourg. Och dat ass gutt, dat geet mat natierleche Fiberen an och Upcycling. Dat ass dat, deem mer eis hei verschriwwen hunn a wou och eise City Manager aktiv ass, wann et drëms geet, hei kënnen ze steieren, wie mer an déi Lokaler setze wou mir Locataire sinn. Dat heiten ass e Projet, dee ganz flott ass, deen ze begréissen ass. A fir déi, déi nach weider drun interesséiert sinn, déi kënne sech da jo net méi spéit wéi muer de Mëtten e Bild maachen am Kader vun der Ouverture. Dat ass dat, wat ech wollt vun Ausféierunge gi par rapport zu dësem Contrat de bail wat de Pop-up store ugeet op 38, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. D'Diskussioun ass op.

CLAUDE MARTINI (CSV): Nodeems mer jo schonn eng Kéier virun e puer Joer eng änlech Kollaboratioun haten, déi an eng änlech Richtung gaangen ass mam Tricentenaire vu Walfer, do si mer eng flott Chocolaterie kucke gaangen, do hate mer fir e puer Méint e Schockelasgeschäft am Duerf, wou jo och d'Iddi dohanner war, datt se sech vläicht kéinten nidderloossen oder vläicht en änlecht Konzept eng Kéier hei zu Diddeleng entwéckelen, wou mer Aarbechtsplaze schafe fir Leit, déi an enger méi prekärer Situatioun sinn, wéi z.B. déi en Handicap hunn, déi op engem normale Marché Schwieregkeeten hunn, fir eng Aarbechtsplaz ze fannen. An du huet dat mech ëmsou méi erfreet, wou ech hei gesinn hunn dass de Kräizbierg sech doranner integréiert, well dat awer eng grouss Plus-value ass fir déi Leit, déi do schaffen, well hir Produiten da visibel ginn an ee se handfest kann upaken an eventuell och kafen a sou seng Solidaritéit matdroe wann een e Produit keeft, deen ee gebrauche kann a si hunn eppes geschafft fir d'Leit dobaussen, wou sech weise léisst. Et ass flott, dass do e Pop-up Store opgemaach gëtt a ech mengen, dat do si Projeten, déi een nach e bësse méi wäit ausbaue kann. Wann ech bedenken dass ëmmer méi d'Iddi kënnt vu Restaurateuren, déi Leit astellen, déi eng Trisomie hunn. Dat ass de Restaurant Madame Witzeg. Dat si Projeten, wou absolut ze begréisse sinn, wou och ganz flott sinn, an dat begréisse mir natierlech. Mir freeën eis do op d'Ouverture an och fir dann e klenge Cadeau kafen ze goen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer op de Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Contrat de bail, sou wéi en hei presentéiert an diskutéiert gouf averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech och do villmools Merci.

**3.3. Approbatioun vun engem Acte de vente notarié mat der Madame Maria Luisa Carosati a der bestueter Koppel Jean-Claude Antoine Ruhl an Yvette Marie Paul Lentz fir eng Parzell Terrain, Emprise an der Rue du Mont St. Jean**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass e klasseschen Acte de vente dee mer hei hunn tëschent der Madame Carosati, dem Här Ruhl an der Madame Lentz. D'Madame Lopez an den Här Kiefer ass d'Stad Diddeleng hei vertrueden duerch de Schäfferot. Et geet ëm eng Plaz 1,40 Ar an der Rue du Mont St. Jean. Dir wësst jo, dass mer ëmmer 700.- Euro de Ar bezuelen, dat heescht hei ass e Präis vun 980.- Euro an déi Parzell gëtt an d'Voirie publique integréiert. Froen dozou? Remarken? Dat ass net de Fall.

Da géif ech proposéieren, dass mer driwwer ofstëmmen. Wien ass mam Acte averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**3.4. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Aarbechte fir de Remplacement vum Tapis vum syntheteschen Terrain am Stade Aloyse Meyer**

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, effektiv hat ech et de Moien ugekënnegt, den Tapis um Aloyse Meyer, dee muss ersat ginn, deen huet säi Pensum erof. An hei presentéiere mer dann en Devis vu 680.000.- Euro. Vill méi gëtt et am Ament net dozou ze soen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Nodeems ech da meng ganz Jugend um Fussballsterrain verbruecht hunn an ëmmer bis un d'Knéien am Bulli stieche bliwwe sinn an doduerch eng ganz Rei Goaler net konnt schéissen a warscheinlech huet dat meng Karriär och deemools gebrach gehat, fir Profi-Fussballer ze ginn, war ech immens frou, dass mer ugefaangen hunn op verschiddenen Terrainen e syntheteschen Terrain anzeféieren, fir dass een och an de Reeperiode korrekt trainéiere kann. Et muss een och soen, déi Terrainen, déi dat net hunn, déi sinn och immens oft frësch gemeet ginn, huet misse frësch ugeséit ginn. Dat war vill Personal, wou do huet missen ageschalt ginn a vill Material, fir d'Terrainen all Kéiers erëm frësch ze begréngen. Et ass en héije Montant deen investéiert gëtt, mee ech mengen dass ganz vill Jonker wäerten dovunner profitéieren an et ass absolut e gudden Invest. Et wär natierlech ëmmer interessant, e bësselche sou eng Etüd ze hunn, wann ee sou en deieren Devis kritt, fir wéi laang hält dat? Wéi sinn d'Garantien? Wéi wäit komme mer domadder? Fir eng kleng Iddi ze hu fir déi Leit, déi vläicht net sou oft op engem Fussballterrain sinn ass dat vläicht gutt. Mee mir begréissen dat do awer an droen et och ganz gär mat.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Also am Géigesaz zum Här Martini hätt ech elo keng Fussballskarriär kënnen aschloen. Dat hätt net um Terrain geleeën, do hätt eis de beschten Terrain net weiderbruecht. Mir droen dat do natierlech och mat, well mir et als Invest gesinn an d'Kanner, an d'Jugendlecher an och déi Erwuessen an och an de Club virun allem. Mir hunn allerdéngs e puer Froen dozou, well mer jo schonn de 26.10. beim Stade Barozzi déi Erneierung vum Terrain, déi och 680.000.- Euro kascht huet, matgestëmmt haten. An du war et méi deier ginn. E Rail an d'Terrassementsaarbechten, déi hunn d'Käschten ëm 180.000.- Euro an d'Luucht gedréckt gehat. An do wier d'Fro am Fong hei: Ass dat och hei virgesinn oder sinn do d'Komplikatioune vu vir era scho grousszügeg mat agerechent? Dat wier sou déi éischt Fro. Déi zweet Fro déi wier, änlech wéi déi vum Här Martini, wéi laang sou e syntheteschen Terrain eigentlech hält? A wat d'Gemeng als Entretien par rapport zu enger normaler Wiss gesäit? Do ginn et Zorten, trotzdeem dass et e syntheteschen Terrain ass, ech weess, de Plastik wiisst net, wann een en netzt, mee déi mussen awer genat ginn, wa se an direkter Sonnenastralung sinn, einfach fir dass de Plastik méi laang hält. Dat heescht, dee muss naass gehale ginn. Do ass déi Fro, déi dohannert nach hänkt, och déi Granulater, déi genotzt gi fir sou en Terrain ze maachen, déi sinn aus Gummi mol oft gewiescht. An dee ganze Mikroplastik, dee gëtt verbueden. Dat heescht, do si jo Alternativen, déi um Marché verfügbar sinn. Déi Granulater, déi ginn et aus Olivekären, aus Sand. An do wier eis Fro, op do och den Impakt op d'Ëmwelt gekuckt gëtt wa sou eppes ersat gëtt. An eebe grad déi Mikroplastikthematik. Déi allerlescht Fro, déi mer dann hätten, dat wier zum alen Terrain, well do och Konschtwues ass recycléierbar hu mer erausfonnt bei eiser Sich iwwer Kunstrasen. Wat geschitt mat eisem futtisse Wues? Gëtt dee recycléiert oder gëtt deen iergendwéi un d'Firma zréckginn oder wéi gëtt deen ofgeschaaft? Mir stëmmen dat dote selbstverständlech mat aus deene Grënn, déi mer schonn uewe genannt hunn an aus de Fotoen, déi mer virgëschter nach geschéckt kritt hu läit et op der Hand, dass do eng muss geschéien, well soss di sech nach vill Leit wéi. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Déi meescht Froe sinn elo scho gestallt ginn. Mir haten eis effektiv och gefrot, am Februar dëst Joer gouf jo den initialen Devis fir den Tapis synthétique um Barozzi gestëmmt, dee war 180.000.- Euro méi bëlleg, du hu mer eis gefrot, kann et sinn – ech oute mech elo als net ganz au courant wat eis Fussballterrainen ugeet – dass de Barozzi méi kleng ass wéi de Stade Meyer oder wourun dat läit? Oder ob et sou ass wéi den Här Steffen och elo gefrot huet, dass mer vläicht schonn e bësse méi Reserve geholl hunn, fir net méi en neien Devis mussen unzefroen, wann erëm Imprevuë kommen. Dofir hu mer eis einfach gefrot, firwat déi 180.000.- Euro méi lo si par rapport zum Februar um Barozzi. A fir de Rescht stëmme mir awer natierlech mat. Zum engen ass et natierlech wichteg, dass mer gutt Infrastrukturen hu fir eis Sportler an zum aneren ass et och einfach e Sécherheetsrisiko, wa mer et net erneieren, dofir wäerte mir dat natierlech och matstëmmen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo gutt, da probéieren ech op déi verschidden Interventiounen anzegoen. Här Martini, den F91 huet och eng Veteranenekipp, do kënnt Dir vläicht Äert Talent zur Schau stellen. Wie weess, vläicht géif och deen een oder deen anere vun eis heibannen dee Spektakel ukucke kommen. Den Terrain synthétique ass effektiv eng Plus-value haaptsächlech fir d'Kanner, do kënne se ënner bessere Konditiounen hirem Sport nogoen. Dir wësst, dass si eng ganz grouss Jugendakademie hu mat 400 Inscriptiounen an deementspriechend ass et och schwéier anzeschätzen, wéi laang den Terrain hält, dat hänkt dann och vun der Notzung of. Wann natierlech méi oder manner drop gespillt gëtt, da notzt sech den Terrain, hei de syntheteschen, sech méi oder manner schnell of. Et kann een do net am viraus soen, wéi laang deen hält.

Dir kënnt Iech effektiv erënneren un d'Diskussioun Barozzi oder Meyer, wéini ee wat mécht. An de Meyer ass manner bespillt ginn, dat heescht, deen huet e bësse méi laang gehalen. A mir mussen och wëssen dass mer réischt nom 10. Joer vum Ministère subsidéiert ginn, dofir hu mer de Meyer e bëssen no hanne geréckelt. Dee war am Fong geholl scho fälleg, mir hunn awer gewaart fir dat d'nächst Joer ze maachen, well mer dann an de Genoss komme vun deene 25%. Dofir hu mer déi Fléckaarbechte misse virhuelen, déi Der vum Service

des sports am Dossier mat dran hat. Dofir hoffe mer, dass en elo eeben 10 Joer hält. Fir dass en och méi laang hält, dat hutt Der vläicht am Budgetsdokument erëmfonnt, hu mer och e Budget dragesat fir dass déi Firmaen déi deen Terrain do leeën, dass déi e gewëssenen Entretien iwwert déi nächste Jore maachen op deenen zwee Terrainen, fir dass mer sou laang wéi méiglech kënnen dovunner profitéieren.

Den Devis ass vun engem Bureau d'études opgesat gi mat all deem, wat se bis de Moment wëssen. De Rail dee läit schonn do. Dat ass anescht wéi virdru beim Barozzi, sou dass ech dann hoffen, dass den Devis an der Rei ass. Wat de Buedem ubelaangt, wat domat geschitt, dat muss ech effektiv nofroen. A wann ech mech net ganz ieren, da sinn déi Granulater och manner wéi dat bei deenen ale Modeller nach de Fall war, dat heescht, do fält eeben och manner Offall un. Mir froen déi zwee Detailer awer ganz gären no. Am grousse ganze soen ech dann och Merci fir déi Zoustëmmung, déi ech do erausgespuert hunn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Et huet sech elo nach eppes erginn aus der Stellungnam vum Här Spina. Wann Der gesot hutt do mat dem Entretien iwwert d'Jore vun där Firma, dat ass virgesinn. Dat heescht, do wäerte mer jo e Kontrakt maache mat deenen. Do hunn ech elo am Devis estimatif awer näischt esou gesinn. Do hunn ech just Travaux préparatoires, do steet awer elo näischt dra vun deem Devis. Musse mer dat dann nostëmmen oder wéi geet dat?

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo effektiv geet et hei just ëm de syntheteschen Terrain. Den Entretien, deen ass an deem grousse Budgetsdokument, dee mer de Moie presentéiert hunn, do ass dee mat dra virgesinn. Dat sinn Entretiensaarbechte, wéi mer dat och mat aneren Entreprisen an anere Beräicher maache fir eebe kënne sou vill wéi méiglech a sou laang wéi méiglech vun deem neien Terrain ze profitéieren. Do gi mer eis dann extern Hëllef sichen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci fir d'Diskussioun. Da géif ech proposéieren, dass mer op de Vott iwwerginn. Wien ass mat deem heiten Devis averstanen? ***Dat ass unanime.*** A wann e bis läit, da kënne mer e gebürend aweien.

**3.5. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Acquisitioun vu Mobilier fir d'Schoul Brill**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Ech ginn elo kuerz drop an. Ech hat de Moie scho gesot bei menger Budgetsried de Mobilier fir d'Schoul Brill. Ech muss éierlech soen, den Dossier deen Der dobäi leien hutt, méi detailléiert kann ech et net erklären, mee ech wäert awer probéieren, op e puer Saachen anzegoen. Et si virun allem d'Porte-manteaue fir d'Jacketten, déi nei gemaach ginn, mee awer och de Mobilier. De Mobilier, do hu mer gemierkt, ech sot et virdru schonn, déi Kanner déi hunn am 2. Schouljoer schonn e Meter déi aner hunn 20 Zentimeter manner. An dee Mobilier, deen hëlleft eis am Fong, fir dat Ganzt gutt auszegläichen. Dofir géife mer hei op dee Wee goen. Wat awer och ass, mir kafe ganz vill Saache fir Stockage ze maachen. Mir hunn uewe ganz ausgebaut, do brauche mer lo Rangementer fir Saachen ze stockéieren. An, wat ganz wichteg ass an dat gesäit ee ganz flott, duerch de Compartimentage dee mer lo maachen duerch d'Dieren, dat heescht d'Feierdieren, kënne mer elo och an de Gäng eppes maachen. A mir géifen elo virun allem ënnen um Rez-de-Chaussée wou d'Spillschoule sinn e puer Nische maache wou d'Kanner sech och eemol zréckzéie kënne bei schlechtem Wieder oder wa se eng Kéier wëlle raus, 10 Minutte Paus, ophalen. Ech mengen alles dat gesitt Der. Dir hutt och ganz flott Visuellen dobäi. Méi kann ech och elo net erkläre. Präislech muss ech soen, datt dat absolut an der Rei ass. Well Dir wësst jo, datt mer fir d'éischt den ieweschte Stack maachen an dann an der Mëtt. Dofir ass och elo en Deel nëmmen dran. Voilà.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Meng Fro ass: dat gëtt jo alles vun externe Firme geliwwert. Hu mer näischt, wou eis Schräinerei selwer en Deel bäidréit?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Och hei fanne mir dat doten natierlech méi wéi sënnvoll. Als Kand an och bei verschiddene Wale sinn ech schonn an d'Briller Schoul gaangen an den Ënnerscheed an deenen 30 Joer war net wierklech ze erkennen. Dofir ass dat do e richteg coolen Invest an eng Schoul, déi ganz flott ass, déi zu Diddeleng gehéiert. Och dat heite wäerte mer mat droen, just e puer Prezisiounsfroen hätte mer awer. Virun allem op de Pläng gesäit een dass Pult a Bänken, déi sti relativ heefeg a sou engem frontale Setting einfach opgestallt. Lo ass d'Fro, ass dat just wéinst der Maquette, wéinst dem Modell, fir einfach Platzhalteren dranzeklaken? Ech gesinn um Kopfnicken, dass dat sou wäert de Fall sinn. Dat heescht, déi wäerten och relativ liicht ze verschibe si fir Gruppenaarbechten?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Et hänkt dovun of, wéi d'Enseignante gäre wëlle Cours halen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Lo gräift de Buergermeeschter schonn op meng zweet Fro vir. D'Fro, déi sech do och stellt, dat ass déi vill Aarbechtsgruppen, déi gemaach gi fir iwwer Mobilier, iwwer Raumgestaltung, Raum als dritter Pädagoge ze schwätzen, déi sinn ëmmer relativ cool a relativ flott, well genau déi doten Diskussioun ëmmer opkënnt: Wéi wëlle mer dora Cours halen? Deen ee wëll sou, deen anere sou an alles dertëscht gëtt et och nach. An do war e Mobilier, deen ze verschiben ass. Wat scho relativ gutt ass, dass se eeben an der Héicht verstellbar sinn. Dat hëlleft hinnen immens vill, fir sech wuel ze spieren, also de Kanner. An och den Erwuessenen. Lo wier d'Fro dann eeben: War sou en Aarbechtsgrupp? Oder ass d'Schoul mat agebonne ginn an d'Planung? Ech ka mer virstellen, dass een net onbedéngt muss en Aarbechtsgrupp do maachen. Dat wier déi éischt Fro. Déi zweet Fro, déi bezitt sech e bëssen op deen Deel ënnen, dee grad ugeschwat ginn ass, deen och richteg flott ass mat deenen Nischen, dat gesäit cool aus. Dat kënnt mengen ech och bei de Kanner relativ cool un a wäert vill genotzt gi wann d'Wieder mol net terribelst ass. Et ass jo sou, dass déi

dote Schoul weiderhi Schoul bleift an net Maison relais. D'Kanner wäerte weiderhin an d'Schwämm an d'Maison relais goen, do ass jo och erneiert ginn an dat ass alles State of the art. D'Fro ass awer elo perspektivesch gesinn, ass do vläicht iergendwéi eng Méiglechkeet do, dass falls et sech sollt erginn, dass do Kooperatiounen an deem Sënn kéinte stattfannen op deem Site vun der Schoul Brill? Vläicht och just punktuell. An dann, Funktiounssäll ware lo keng dran. Effektiv kéint dann de Gedanken derhannert sinn dass d'Kanner souwisou an de SEA gi bei d'Schwämm. Voilà, dat wier et schonn. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Et ass jo wichteg, dass en uerdentleche Mobilier do ass fir dass d'Schüler ënner beschte Konditioune kënne Schoul gehale kréien oder zesumme mat de Schoulmeeschteren an der Schoul sinn, sou muss een dat jo och soen, fir dass déi Interaktivitéit e bësse méi geférdert gëtt, wat jo och all Mënsch wëll. Mir hate gesot vun der Variatioun an der Héicht vun den Dëscher an de Still. Meng Fro ass: Sinn och Stehpulter virgesinn? Well et sinn och Kanner, déi léiwer am Stoe schaffen oder sech besser kënne konzentréieren. Dat hu mer op Lenkeschléi verschiddentlech an de Säll gesinn, wat denken ech vum Léierpersonal och deelweis ganz flott ugeholl ginn ass. Dann, ech hat och déi Fro, ob dat mat den Enseignanten zesumme gekuckt ginn ass. Och wéi d'Opdeelung vun de Vestiairen ass. Well ech denken, wat awer wichteg ass, dat ass dass de Vestiaire no beim Sall ass, net dass et da sou en Hin- an Hirgerenns ass. An dat gesäit een och hei op de Pläng, dass dann ëmmer 2-3 Säll zesummen ee gemeinsame Vestiaire kréien. Aus der Architektur vum Gebai bleift jo och bal näischt aneschters iwwreg. Mir hu jo och déi Trapenhaiser, déi schonn eng Ofdeelung maachen. Dat fannen ech ganz gutt.

Ech hu just e Problem mat deene Béi, déi do sinn. Dat ass deelweis geduecht als Duerchgang an deelweis och als Sëtzgeleeënheet. An erfarungsgeméiss mengen ech gëtt dat e bësse Chaos. Well wann s de e Bou hues a se hunn all matenee Paus, da lafe se do derduerch an da lafe se och iwwert déi Sëtzgeleeënheeten. Dofir hunn ech mech gefrot, wat déi Iddi war fir déi Béi do ze maache fir, soe mer mol, vläicht e bëssen eng Oftrennung ze maachen zum Vestiaire. Mee déi eng sinn eebe just als Passage, déi aner si mat enger Sëtzgeleeënheet, woubäi ech denken, dass dat vläicht net sou super glécklech ass, an do froen ech mech, ob dat effektiv sou sënnvoll ass, déi Sëtzgeleeënheet dohinner ze maachen, ob een et net éischter laanscht déi schmuel Säit sollt maachen. Mee fir et an déi Béi ze maachen, do hunn ech de Sënn dovunner net richteg festgestallt.

An dann hunn ech mech gefrot, um zweete Stack kéim eng Fontaine d'eau dohinner. Do hunn ech mech gefrot, firwat ass dat? Mir hu scho schliisslech och do och Toilettë wou och Lavaboe sinn. An ech weess net, ob an de Schoulsäll och nach Lavaboe sinn, dat gesäit ee lo hei net sou gutt op hiren Dénger. Wat do de Sënn dovu war? Ech hunn déi och elo just op engem Stack gesinn. Ech hunn déi just um zweete Stack gesinn. Ob dat op deenen anere Stäck net virgesi war? Ënnen am Rez-de-chaussée dat fannen ech ganz léif, fir d'Kanner, fir déi Kleng, déi Tafel. Bon, et muss een natierlech och kucken, dass dat uerdentlech genotzt gëtt, net dass dann herno do mat engem schaarfe Géigestand drop gekrozelt gëtt. Dat ass ëmmer sou eng Geschicht. Dat gesäit ëmmer alles wonnerbar aus, ech weess dat aus menger Praxis, et huet een ëmmer immens flott Iddie fir sou e schéine Mobilier ze maachen. Mee wéi gesot, d'Realitéit an den deegleche Kontakt tëschent de Kanner an dem Mobilier ass net ëmmer sou evident.

Dofir ass meng Fro och: Ass dat mat dem Léierpersonal ausdiskutéiert ginn? An ech hat och déi selwecht Bemierkung wéi de Jemp Gangler, eis Gemengeservicer, déi hu sou cool Bänke gemaach um Shared space zum Beispill, wou des doudstolz sinn, dass se dat gemaach hunn op der Kinnenplaz. An ob een do net hätt kënnen och mat hinnen zesumme kucke fir nach vläicht e bësse méi innovativ Iddien do ze verwierklechen? Mee wéi gesot, och vun eiser Säit fanne mir dat ganz wichteg, virun allem d'Mobilieren an d'Klassen, och wann ech perséinlech dat Eent do net sou glécklech fannen, mee bon. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci, ech hale mech kuerz. Bei mir ass et och lo scho mëttlerweil iwwer 20 Joer hir, dass ech an déi Schoul gaange sinn an ech mengen et ass wierklech batter néideg an et freet mech, dass do lo wierklech eppes gemaach gëtt. An et gesäit och ganz flott aus. Ech muss just soen, ech hat e bësse meng Schwieregkeete fir d'Pläng ze verstoen, respektiv virun allem fir d'Biller ze verstoen a mat de Pläng an Aklang ze kréien. Ech hat och net sou ganz verstanen, wat elo d'Iddi vun deene Béi do ass, ob dat Stockage ass. Neen, d'Porte-manteauen, déi si jo hannendrun ze gesinn. Ob dat elo déi Structure de jeux ass déi och ënne steet, well do wollt ech och nofroen, wat elo do gemengt ass. Dat sinn déi Tafelen och déi ee gesinn huet. Mee wat genau ass elo mat Structures de jeux gemengt? Vläicht war ech einfach net op der Héicht, fir d'Biller ze verstoen, mee d'gesäit awer op alle Fall ganz flott aus an ech freeë mech fir d'Kanner datt do e bëssen neie Wand erakënnt. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo villmools Merci. Ech probéiere elo der Rei no ze fueren. Den Här Gangler huet direkt am Ufank gesot: Dat ass ganz schéin, awer kéinte mer net verschidde Saache mat eise Leit an der Schräinerei maachen? Ech muss ganz éierlech soen, eis Schräinerei mécht wierklech wonnerbar Saachen, mee dat hei iwwerschreit awer largement dat, wat hei gebraucht gëtt. Ech menge mir hunn 3 Leit an der Schräinerei, déi ganz aner Saachen nach fir d'Gemeng maachen. Eng Schoul, also beim beschte Wëllen, dat packe se net, och wann de Wonsch do wier. Dann awer e bëssen zur Maquette. Jo, jiddwereen hält sou Schoul wéi e wëll. Den Här Buergermeeschter huet et scho gesot. Et zeechent ee jo ëmmer e Plang op, wéi vill Kanner ginn an e Klassesall, wéi vill Raim, wéi vill Bänken a wéi vill Still. Wéi déi herno gesat ginn, dat sinn elo net ech, deen dat decidéiert. Dann, war d'Schoul mat agebonnen? Jo natierlech war d'Schoul mat agebonnen. Mir hu schonn eenzel Säll an dat misst Der eigentlech aus de Budgete vun de Jore virdru wëssen, datt mer scho verschidde Säll nei amenagéiert hunn, ëmmer zesumme mam Cycle 1 awer och

mam President am mam Comité vun der Schoul. Jo, natierlech ginn déi do mat agebonnen an da gefrot. Kollaboratioun SEA, ech mengen datt déi lo scho besteet. Also net datt guer näischt besteet, mee déi zwee Sitten, datt et schwéier gëtt. Eppes wat lo ugeduecht ass, wou mer awer nach net sou wäit sinn, d'Containeren, déi gi jo och fir de Balzeng gebraucht a Balzeng huet Schoul a SEA. Lo hu mer mol de Commodo ugefrot, ob mer och kënnen d'Maison relais an d'Containeren, sou datt déi zwee dann awer zesumme bleiwen. Fir de Brill ass dat elo nach net ugeduecht.

Dann, Stéipulter. Also där si lo keng bestallt ginn, do ass och net driwwer diskutéiert ginn. Dann, Fontaine d'eau, dat ass am Fong fir de Bidon opzefëllen uewenop fir déi Grouss. Mir hunn dat elo fir déi Grouss uewenop gemaach. An dann: Gëtt dat net Chaos? An déi Béi, firwat si se gutt? Also Dir wësst datt d'Gebai Brill ënner Denkmalschutz steet, datt et ganz schwiereg ass, do Saachen ze amenagéieren. Fir all déi, déi do an d'Schoul gaange sinn oder dat Gebai och schonn eng Kéier gesinn hunn, ech muss soen et ass kal, et ass onméiglech. An dat hei war fir e bëssen Ambiance eranzebréngen. Lo gëtt gesot, dat gëtt ze vill Chaos, wann deen ee klëmmt an deen anere sëtzt. D'Spillschoulsklasse ginn och versat eraus. Et ass jo lo net sou, datt déi alleguerte lo op eemol duerch déi Béi géife lafen. Et geet méi drëm, wa mol eng Kéier eng 5-Minutte-Paus ass, datt déi Kanner och emol e bëssen Ofwiesslung kréien, wéi nëmmen an deem Sall sëtzen. An d'Ambiance natierlech am Gebai. Ech mengen dat mécht ganz vill aus. Chaos? Neen, och elo wa se raus ginn, dee Gank ass einfach eidel, da maache se méi Chaos heiansdo wéi wann ee flott Saachen amenagéiert a se sech do da kënnen e bëssen defouléieren. Ech mengen ech hätt op alles geäntwert? Jo.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer op de Vott iwwerginn. Wien ass mat dem Devis, sou wéi en hei presentéiert an diskutéiert gouf averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

### 3.6. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Remplacementsaarbechte vun de Fënsteren vum Typ Velux am Centre de Documentation sur les Migrations Humaines

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer vum Quartier Brill eriwwer an de Quartier Italien. Da gi mer an de Centre Doc. Och do hu mer en Devis virleie vun 80.000.- Euro fir d'Veluxe frëschzemaachen. Dir hutt jo och an der Dokumentatioun d'Fotoe gesinn. Et si 40 Velux-Fënsteren, dat sinn déi wou deemools agebaut goufen a den 90er Joren, déi sinn net méi an engem gudden Zoustand, do sinn och Infiltratiounen. A wéi gesot huet ee vun eise Servicer deen Devis hei opgestallt fir kënnen déi néideg Renovatiounen virzehuelen am Centre Doc. Remarken, Froen? Dat ass net de Fall. Ass de Gemengerot mat deem Devis hei averstanen? ***Och dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

### 3.7. Approbatioun vum Devis remanié fir zousätzlech Aarbechten, déi musse gemaach gi fir de Reamenagementsprojet vun der Rue des Ecoles, der Rue de l'Indépendance an dem Schoulhaff vum Schoulgebai Strutzbierg A

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer op deen nächste Projet iwwer. Dat sinn zousätzlech Aarbechten am Complexe sportif Strutzbierg, do geet et virun allem ëm de Reamenagement vun dem Schoulhaff an do géif ech hei dem Josiane d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Ech mengen den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, hei geet et virun allem ëm d'Amenagement vun deem Schoulhaff, dee mer um Strutzbierg haten. Ech muss soen, dat ass de Moment reng Bëton, do ass net vill Gréngs dran an hei hu mer dann elo eng Kéier en Devis virleien, dee mer herno wäerte virgestallt kréie vum Schoulhaff, wéi e soll amenagéiert ginn. An et ass och dee Schoulhaff, wou ech lech gesot hat, datt mer e Präis kruten, well mer vun deem Bëton ewechginn a vill méi Natur erabréngen. Einfach e bëssen zum Projet: Mir verléieren am Fong duerch d'Ouverture vun der Indépendance erof, do geet en Deel vum Schoulhaff verluer well den Agang méi grouss gëtt. Fir dat awer ze kompenséiere kréie mer am Fong do dat Stéck Gaart, wat eis gehéiert, dat kann een do bäihuelen. Wat elo geschitt. An deem Schoulhaff, do ginn net nëmmen nei Spiller gesat.

Mir hunn eis do vill Iwwerleeunge gemaach och zesumme mam Personal, fir e bësse méi Klettterméiglechkeeten ze kréien, wou och Wiss installéiert gëtt als Fallschutz ënnendrënner, einfach fir et méi gréng ze kréien. Wat dobäikënnt, dat sinn och sou Plazen, wou ee sech mol ka setzen a Rou an net um Buedem oder op der Mauer sëtzt. Och dat ass alles do mat dran. Wat och ass, mir setzen och do nei Beem. Do si verschiddener, déi si relativ kleng an net sou gutt. Mir wäerten do 7 nei Beem setzen. Och dat ass ganz wichteg.

Fussball. Dat war de grousse Wonsch. Ech mengen et gi Leit, déi net Fussball spillen, mee et ginn och Leit, déi gär Fussball spillen. Alles dat war e Wonsch vun och de Kanner, vum Léierpersonal, datt si awer déi Zon behalen, wou een och mol ka mat engem Ball spillen an déi ass dann éischter hannen am Schoulhaff. An déi viischt Schoulhäff, déi sinn dann entweeder Spillgeleeënheeten oder Repos-Geleeënheeten. Ech menge mir kënnen nach méi detailléiert op de Projet agoen. Insgesamt muss ech soen, datt de Projet ganz gelongen ass, datt mer ganz frou si fir dat, wat do ausgeschafft ginn ass. A wéi gesot, vläicht kann de Mica lo e bësse méi drop agoen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci Josiane. Mir begréissen dann och hei de Mica da Silva vun eisem Service Travaux publics an och d'Madame Devetak och nach vum Bureau MDL. Si wäerten d'Presentatioun maachen. Ech wollt nach no deenen Erklärungen déi d'Josiane ginn huet awer nach e bëssen d'Architektur erkläre vum Devis, dee mer hei virleien hunn. Mir hunn d'Aarbechten déi am Gaang si ronderëm de Complexe sportif Strutzbierg, déi Amenagementer. Fir deen heite Projet hätt ee lo zwee Weeër

kéinte goen. Et hätt ee klassesch de Wee vun engem neien Devis kéinte goen, deen een hei stëmmt an dann an eng klassesch Soumissioun goen an natierlech dann déi ganz Prozedur duerchlafen. Oder awer, an dat ass dee Choix, dee mer hei gemeet hunn an dofir och hei an der Deliberatioun den Artikel 43 spille gelooss vum Marchés publics-Gesetz fir eis drunzehänken ënnert verschiddene Konditiounen. An hei ass et am Fong sou dass mer hei Aarbechten déi néideg waren als Argument kënne gëllen, fir dat drunzehänken a fir dann och deementspriechend hei déi Adaptatiounen ze maachen. Dofir ass et lo keen zousätzleche Projet dee mer setze bei e besteeënde Projet, an do kënne mer iwwert d'Marchés publics-Gesetz ënner Artikel 48 dat hei deementspriechend ofwéckelen an dofir fannt Dir och déi néideg Adaptatiounen hei am Devis. Engersäits de Ajout vum Reamenagement vun der Spillplaz an och de Rajout wat d'Etüden ugeet. Dat fir déi néideg Erklärungen ze ginn, a wéi enger Prozedur mir eis befannen, fir da kënnen dës Aarbechten als ëffentlechen Acteur als Gemeng kënnen an Ugrëff ze huelen. Dëst wollt ech nach als Prezisioun ginn an da kënnt Dir zwee nach op dëse Projet agoen an och d'Presentatioun maachen. Merci.

MAJA DEVETAK (MDL – LANDSCHAFTSARCHITEKTUR): Also die Grundlagen sind schon erklärt. Ich gehe ein bisschen mehr ins Detail, dass es klar ist. Also erste Aufgabe war Entsiegelung. Das bedeutet, das ist Asphaltpflege. Wir haben versucht, das maximal zu entsiegeln. Wir kamen auf etwa 50% der Fläche, was ein wichtiger Punkt ist im Prozess von diesem Projekt. Die bestehenden Spielmöglichkeiten haben wir ergänzt und zwar in drei verschiedene Zonen aufgeteilt. Eine ist Naturzone, Sie sehen den roten Rahmen. Es geht um eine zusätzliche Fläche, die zu dem bestehenden Schulhofbereich dazukommt. Hier im Schnitt sehen Sie, das ist dieser höhere Teil. Wir haben die Bodenbewegungen minimalisiert, das spart Kosten, aber das ist auch vernünftig da in dem Raum. Für Spielmöglichkeiten sind Höhenunterschiede in einem Schulhof sehr vorteilhaft und das nutzen wir. Die weiteren Schnitte zeigen Ihnen ein bisschen die Topographie des neuen Schulhofs. Wenn Sie es kennen, wissen Sie, dass es im Moment total flach ist, eine asphaltierte gerade Fläche. Jetzt bringen wir Bewegung rein und pflanzen neue Bäume. Die grünen sind die neuen. Die grauen auf den Schnitten sind Bestandsbäume. Wir haben einen schönen Bestand in diesem Bereich und diese Bäume behalten wir alle und geben denen höheren Wert. Auf den Schnitten sehen Sie aber auch die ganz konkreten Spielgelegenheiten, die da kommen. Meistens sind es mobilitätsfördernde Spiele so dass die Kinder sich in den kurzen Pausen austoben können.

Hier sind bildliche Vorstellungen, wie das Ganze ungefähr aussehen wird. Wie Sie sehen, haben wir Holzspielgeräte ausgewählt mit verschiedenen Werten. Im Piktogramm unten rechts sehen Sie immer was wir zeigen auf den Fotos auf dem Hauptbildschirm. Da ist auch noch dieser Teil von Spielen. Wie Sie sehen unten links Foto 2 zeigt eine Kletterwand und dafür nutzen wir bestehende Wände. Also wir werden nichts abreissen lassen. Also minimal abreissen, was jetzt da ist. Natürlich bieten wir in dem neuen Schulhof auch Sitzgelegenheiten. Die Kinder können sich auch zurückziehen und ausruhen. Das ist meistens alles in Schattenbereichen und Bäume kommen, neue Bäume werden eingepflanzt dazu. Was die Bepflanzungen betrifft, das sind alles einheimische. Wie schon erwähnt kommen neue Bäume zu dem schönen Bestand, den wir jetzt da haben hinzu. Wir reden über Hainbuchen, Ulmen und Sträucher, Haselnüsse. Dann haben wir den anderen Bereich, den wir nehmen, so ein Ausruhbereich, das braucht man auch. Die sind alle entsiegelt mit wassergebundenem neuem Deckelbelag und da entstehen auch verschiedene Sitzgelegenheiten für die Kleineren und die Größeren mit verschiedenen Charakteren. Hier ist das Beispiel von diesem wassergebundenen Deckbelag als Entsiegelung.

Wie schon angesprochen, wir haben einen schönen Bestand da mit großen Bäumen. Allerdings sehen sie alles so aus wie auf diesem zweiten Foto rechts oben. Die sind zugepflastert, zuasphaltiert. Das bedeutet, wir werden im Rahmen der Ausführung ganz behutsam damit umgehen, nur die ganz obere Asphaltschicht entfernen und die untere Schicht lassen, so dass die Bäume nicht zu sehr gestört werden im Rahmen von diesen Prozessen. Wie schon erwähnt haben wir auch den Fussballplatz erhalten. Der bleibt so wie es ist. Nur rundherum haben wir umgestaltet. Das wird ungefähr so aussehen. So sieht er schon jetzt aus der Baum und der Bereich rund um den Baum herum wird nur entsiegelt. So, das ist ein kleiner Schulhof. Das ist die ganze Präsentation. Danke.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Jo natierlech si mer ëmmer begeeschtert, virun allem, wa mer vun enger Entsiegelung schwätzen. Dat ass eppes wat ganz flott ass, dass mer do rëm e bësselche back to nature ginn. An dat ass ganz wichteg, och grad an engem Schoulhaff. An do hutt Der scho ganz flott Iddie bruecht, zum Beispill och mat den Hecken déi dann ugeplanzt ginn an och dass de Bam ronderëm rëm e bësse Loft kritt, d'Wuerzelen, dass do den Déngen ewechgerappt gëtt. Wat ech och ganz sënnvoll fannen, dat ass effektiv d'Iwwerleeung wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, dass mer déi zwee Projete matenee kombinéieren, dass mer net rëm eng Kéier oprappe mussen, mee dass dat lo alles plus minus an enger Kéier geet. Mir huet virun allem an der Deliberatioun dee Saz ganz gutt gefall: „Considérant que les prix sont particulièrement avantageux et mettent a Ville à l'abri de mauvaises surprises." Wann dat da sou ass. Mir hoffe jo, dass dat dann och sou wouer ass. Die Hoffnung stirbt zuletzt. Wéi och ëmmer. Op jidde Fall fanne mer dat ganz gutt.

Och ganz angeneem ass natierlech, dass mer e Subsid kréie vun 288.500.- Euro. Dat mécht natierlech deen Invest vu 700.000.- Euro och schonn e bësse méi digeste, an dee krute mer jo och net fir näischt. An ech denken et ass och en Ëmdenken e bëssen och an anere Schoulen, wou een eeben och laanscht eng Fassad kann eng Begrünung maachen. Dass een do kann zum Beispill och fir e bësse méi Schied ze kréien a sou weider. Do ginn et och aner Schoulen, déi e Präis kritt hunn dofir an do kann ee sech sécher heiansdo och nach inspiréiere fir vläicht nach an eng aner Richtung weiderzegoen.

Mir gefält virun allem och ganz gutt, dass mer net nämmen e Fussballsterrain dohinner maache mee virun allem och Sëtzgeleeënheeten. Dat hate mer lo nach an der Kannergemengerotssëtzung festgestallt, dass d'Kanner aus all Gebai gesot hunn, och déi Grouss vum 5. a 6. Schouljoer, déi zum Beispill net wëlle Fussball spillen, déi brauche vläicht awer mol en Dësch wou se kënnen zesummesëtzen an e bësse matenee babbelen oder Kaart spillen. Dat fanne mer ganz gutt. Virun allem, dat däerf ee jo net vergiessen, dee Schoulhaff, deen huet jo och en Accès fir de Public. Dat ass jo net nëmmen e Schoulhaff, dat ass och eng Spillplaz fir de Quartier, wat och immens wichteg ass. An dofir begréisse mer och explizitt déi Diversitéit vun de Méiglechkeeten, wou d'Kanner sech kënnen ameséieren. Wat ech elo hei zum Beispill vermësst hunn, dat ass eng Fontaine d'eau. Dat hätt ech elo hei zum Beispill sënnvoll fonnt, well dat huet och décke Succès op där neier Spillplaz am Wolkeschdall a Quartier. Dat wier zum Beispill eppes wat een hei nach ka bedenken. Dat ass e mini Detail. Vläicht kann een dat nach mat abréngen.

Mir kruten och eng Präislëscht iwwert déi aner Article budgetairen, déi och impaktéiert ginn, natierlech elo net nëmmen hei duerch dee Schoulhaff. Mee zum Beispill, wann Der lo sot, dass mer de Buedem oprappen, dass dann d'Canalisation eau fluviale, dat hunn ech hei gesinn, dass do lo och eng Hausse vum Invest ass. Ass dat doduercher bedéngt dass mer elo dee Schoulhaff méi opmaachen? Well do war am Initial e Poste vun 200.000.- Euro, do sinn awer nëmmen 100.000.- Euro benotzt ginn. Mee deen ass lo am Budget 2024 am Initial eropgaangen op 260.000.- Euro. Just eng Fro: Ass dat doduerch, dass mer déi Duerchlässegkeet, déi gewollten Duerchlässegkeet och hunn, dass mer do och musse ganz anescht plangen, oder war dat awer schonn am Virfeld e bësse mat agebonnen? Idem den Eclairage hunn ech och hei gesi bei de Budgetsposten Renouvellement éclairage public, deen ass och méi deier gi wéi en am Initial 2023 virgesi war.

Beinhalt dat och d'Beliichtung vun der Spillplaz? Ass do och eppes Spezifesches virgesinn? Dat hunn ech elo net gesinn, ob do nach Lampadairen oder iergend eppes Extraes kënnt. Och wéinst der Sécherheet. Well mir wësse jo ganz genau, d'Schoulhäff, wann do iergendwou Nische sinn, dann ass dat och oft eng Saach wou sech och Leit ophalen, wou mer net sou frou sinn dass se do sinn. Op Lenkeschléi an op Ribeschpont hu mer déi Problematik. Ob do och eppes ugeduecht ass? Zum Beispill Beweegungsmelderen ze maachen. Oder wéi erkläert sech do déi Hausse vun deene Präisser, just vun deenen zwee Posten zum Beispill? Voilà. Villmools Merci. D'CSV fënnt dat do eng ganz cool Saach, virun allem déi Entsiegelung ass gutt, déi Diversitéit vun den Objeten, déi Dir dohinner maacht, d'Beem alles super, vill Spaass fir d'Kanner. A mir gleewen och drun, dass dee Saz do „mettre la Ville à l'abri de mauvaises surprises", dass dat och Realitéit ass. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Als éischt emol wollt ech och hei Merci soe fir déi flott Presentatioun. De Kannergemengerot hate mer viru kuerzem gesinn an e puer vun hiren Uleiessen ware virun allem, dass de Schoulhaff eng Plaz soll sinn, wou si sech och an de Pause wuelfille sollen, wou Plaz ass fir Fussball ze spillen, fir dass se net mussen tëschent deenen anere Kanner mam Ball ronderëm schéissen. Dass eng gutt ekipéiert Spillplaz do ass fir all Alter. An als een dee fënnef Joer an der Primärschoul an der Waldschoul war, weess ech och wéi wichteg et ass, Natur ronderëm sech ze hunn. All deem gëtt hei Rechnung gedroen. Wat ech ganz gutt fannen ass natierlech och, dass déi Spillplaz fir d'Kanner aus dem Quartier an och doriwwer eraus, och ausserhalb vun de Schoulzäiten, accessibel ass. An domat kann ech dat do alles just begréissen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. An eng änlech Richtung, dat kënnt Der Iech denken, geet och d'Interventioun vun deene Gréngen. Méi Natur an eise Stied an Dierfer ass e richteg flotte Projet an dass mer do zréckbehale gi si mengen ech schwätzt fir de Projet. Do steet dran, dass et Subside bis zu 288.500.- Euro kënne ginn. Hoffe mer, dass et herno keng mauvaise Surprise gëtt, falls et déi net sollte ginn. Effektiv encouragéiere mer dass mer do de Maximum kënnen eraushuelen. Déi meeschte Froen, déi mir eis opgeschriwwen hate waren elo an där super Presentatioun. Merci dofir och. Well mer eis d'Fro gestallt hunn nodeems de Fierschter an deem leschte Gemengerot war fir e bëssen iwwer klimaresistent Bamzorten hei zu Diddeleng ze schwätzen, dass dat och a Betruecht gezu ginn ass. Dee ganzen Deel vum Ofwaasser, dass dat hei anescht wäert evakuéiert ginn, och dat begréisse mer. Mir hunn aus der Madame Di Bartolomeo hirer Presentatioun och erausheéieren dass Kanner, Enseignanten an Educateuren och mat agebonne gi sinn an déi dote Planung. Dat heescht, do bleift näischt auszesetzen, just de Wonsch hannendrun ze äusseren, dass dat dote vläicht kéint Schule maachen. Also Pausenhofplanung oder Spielplatzplanung macht Schule. An dass dat an Zukunft zum Standard kéint ginn sou gréng Spillplazen ze kreéieren. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ewech vun deene groen asphaltéierte Schoulhäff, dat ass lo net ganz nei Här Steffen. Mir hu lo réischt kierzlech e Projet gehat zu Butschebuerg, mir haten awer och nach eng Spillplaz niewendrun am Wolkeschdall. Mir haten och schonn de Schoulhaff Gaffelt. Also et geet ëmmer méi an d'Richtung naturno, méi Gréngs. Hei ass et vläicht elo nach e bësse méi. Mais vu dass hei nach ganz vill Hecken a Beem bäikommen - Beem stinn der jo scho ganz vill hei - mee déi aner komme jo nach dobäi, dat hu mer jo an der Presentatioun gesinn. Merci nach dofir. An ech fannen dat immens flott, datt een do och wierklech zu alle Joreszäiten eng Fuerf gesäit liichten. Et si jo e puer Fuerwen ze gesi gewiescht an der Presentatioun. An dat fannen ech ganz flott, dat mécht lieweg. Da wéi gesot, et ass alles gesot gi scho virdru vu menge Virriedner.

D'Sëtzgeleeënheeten, dat ass natierlech tipptopp, dass ee sech och eng Kéier am Schoulhaff mol ka setzen. Et soll een zwar e bësse lafen a sech e bësse beweege wärend der Paus, dat ass jo richteg, well ee jo normalerweis déi ganzen Zäit an der Klass scho souz, mee wéi gesot, d'Méiglechkeet soll awer ëmmer do sinn. Et sinn och Kanner déi sech wierklech gären eng Kéier dohinner

setzen an och doriwwer eraus, de Schoulhaff ass jo duerno nach op fir d'Kanner no der Schoul an och fir d'Elteren, déi vläicht matginn, fir ze sëtzen. Voilà. Tipptopp mat der Entsigelung, mat deem waasserduerchlässege Belag. Wéi gesot, alles flott. Dofir hu mer mengen ech dee Präis do och kritt. An ech denken net, dass dee Montant do lo nach eng Kéier wäert a Fro gestallt ginn. Wat mir natierlech och begréissen, dat ass dass et déi Méiglechkeet gëtt déi zwee Projeten, souwuel dee vum Reamenagement vun de Stroossen Rue de la Dépendance, Rue des Ecoles, wéi och de Reamenagement vum Schoulhaff Strutzbierg notamment duerch d'Spiller, duerch d'Pose vun de Spiller a Mobilier kënnen elo duerch déi Méiglechkeet vum Artikel 43 vum Marchésgesetz, kann erweidert ginn. Dofir ginn also elo vill Fraise gespuert, awer och mengen ech vill Zäit. Dat sinn also Avantagen, déi mer hunn.

Wéi mer wëssen, wann eng Soumissioun gemeet gëtt, dat ass eppes Opwänneges a mat der Zäit, wou een dann awer bestëmmt och nei Präisser kritt hätt. Dat hu mer awer lo hei, vu que dass mer dann deen neie Marché kritt hunn, dofir steet jo dee Saz och do Madame Kayser, dass een do "à l'abri ass", dass een déi Präisser vum Bordereau 2022 huet. Also dat fanne mer och e ganz flotte Moment. Esou gi vill Saachen, déi onnëtz sinn, wéi eng Installation de chantier, déi brauch net méi gemeet ze ginn a sou weider a sou fort. Also vill Avantagen, zäitlech awer och finanziell. Dofir, dee Projet ass éischtens mol schéin. Elo schonn um Bild. An ech ka mer virstellen, dass en och herno wa mer en aweien, dass mer da warscheinlech ganz begeeschtert wäerte sinn. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci fir d'Wuert a virun allem villmools Merci fir den detailléierten Devis. Ech si richteg frou gewiescht, wou ech den Dossier opgemaach hunn a gesinn hunn dass mol eng Kéier en detailléierten Devis dran ass. Dorënner kann ee sech einfach eppes ganz Aneschters virstellen. An dësem Fall ass et natierlech einfach, well ee weess, dass dat déi Präisser sinn, déi och herno wäerte geholl ginn, well et Präisser vun enger besteeënder Soumissioun sinn. Dat ass natierlech praktesch. Domadder verréngert een effektiv e bëssen de Risiko vun negativen Iwwerraschungen. Villmools Merci och fir déi flott Presentatioun. Well et kann ee sech awer nach eppes Aneschters drënner virstellen, wann een déi ganz Biller an Erklärunge gesäit. An et gesäit effektiv immens flott aus an ech si frou dass d'Gemeng effektiv säit e puer Joer op de Wee geet, fir d'Schoulhäff e bësse méi no un d'Natur ze bréngen e bëssen ze entsigelen, e bësse méi ze maachen. Ech weess zu menger Zäit an der Schoul Brill do war deen asphaltéierte Schoulhaff, dat war net immens flott. Ech ginn dann och dovun aus, dass vläicht iergendwann och dee Schoulhaff eng Kéier e klenge Facelifting kritt, dat wär och flott. Mee grad hei um Strutzbierg fannen ech et immens wichteg, dass déi Schoul sou e flotte Schoulhaff kritt, eebe well an deem Quartier e bëssen e Manque ass. A mir si matten am Stadzentrum wou d'Kanner vläicht net souvill Geleeënheeten hu wéi an anere Quartiersschoulen. Dowéinst si mer immens frou iwwert de Projet.

Ech hu just eng Fro. Ech hunn net verstanen, firwat dat elo nokënnt, firwat dat net vun Ufank un an deem komplette Projet dra war? War dat vergiess ginn? War dat einfach, et wollt ee virukommen an déi doten Etüden hunn eeben e bësse méi laang Zäit gebraucht? Dat ass deen eenzege Bemol wann een elo e bëssen d'Gefill huet, gouf dat elo morceléiert fir op de Finanzen ze spillen? Firwat kënnt dat no? Mee natierlech si mer ganz frou, dass dee Projet do awer kënnt. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Well ech perséinlech ugeschwat gi si wollt ech awer dat net sou einfach am Raum stoe loossen, falls ech falsch verstane gi wier. Ech weess, dass et net deen éischten Haff ass, mee wéi den Här Zuang richteg gesot huet, deen hei geet eebe méi wäit. An et ass genau dat, wat ech domadder wollt ervirsträichen an och wollt luewen. An ech hat et net just op d'Schoulhäff bezunn, mee och op d'Spillplazen an d'Schoulhäff. Dat heescht, et war am Fong béides. Dat just zur Kloerstellung. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo Merci villmools fir d'Wuert. Merci natierlech fir dëse flotte Projet. Et gesäit een datt wierklech eng interessant Recherche hannendru stécht fir d'Natur an d'Schoul, an d'Dierfer, an d'Stied eranzebréngen an et ass natierlech och immens wichteg fir d'Kanner. Mee dat ass och schonn e puer Mol gesot ginn. Eis Fro wier: Dir hutt vun enger Typologie geschwat, d'Topographie déi sou an d'Luucht geet an dann hu mer den Haff, deen e bësse méi niddreg ass. Dat ass immens wichteg och fir d'Erliewe vun engem Raum. An d'Fro wier: Ass dat déi natierlech Topographie gewiescht vum Terrain oder hutt der Buedem do bäigesat? A wa jo, hutt der Iech vläicht d'Iwwerleeung gemaach fir iergendwou an engem Projet wou ausgebuddelt gëtt, de Buedem hei ze transportéieren, also kuerz Weeër, fir eeben déi Opstockung do ze maache fir dee klenge Bierg do dee mer schéin op der Coupe gesinn, ze kreéieren?

An eng weider Fro wier: Dir planzt weider siwe Beem, wat wierklech begréissenswäert ass, dat ass super. Just déi Fro: Wéi grouss sinn déi Beem? Well mir schwätzen effektiv vum Schied ronderëm Sëtzméiglechkeeten. Dat ass och net nëmme fir Schied, mee dat reguléiert och natierlech d'Temperatur am Summer. Wéi grouss sinn déi Beem? Hu mer ganz kleng Beem kaaft oder si mer scho bei engem Volumen deen interessant ass, dee sech direkt an der Landschaft mat integréiert? A wat d'Pepinière ugeet. Schaffe mir mat enger Lëtzebuerger Pepinière oder loosse mer wéi ganz oft sou Beem vun Holland bis op Diddeleng, net erafléien, mee transportéieren.

Eng aner Fro wier, Dir hutt vun der Versigelung geschwat. Just fir datt mer richteg verstinn, déi Plazen, déi weider versigelt bleiwen, oder wou Buedembelag drop ass, sinn déi awer nach waasserduerchlässeg oder sinn déi ganz wou d'Waasser net duerchgeet? An heimadder géife mer soen, datt mer wierklech interessant Punkte géifen opgräifen an et ass wierklech eng nei Perspektiv fir dat Ganzt ze plangen an dat wier interessant, fir déi wichtegst Punkten opzegräife fir weider Projete sou ze entwéckelen. Merci.

MICAEL DA SILVA (COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS): Merci fir d'Wuert. Also fir op de Punkt ze komme mat der Waasserfontaine, de Waasserspender, do hu mer d'Iwwerleeung och gehat, fir um Schoulhaff eppes virzegesinn. Par konter e Wasserspender, dat bréngt och ëmmer e puer Komplikatioune mat sech mat, well et däerf keen doudegen Aarm sinn, deen un dee Waasserspender kënnt, well soss riskéiere mer och Problemer mat de Waasseranalysen ze kréien. An dofir ass e Waasserspender och net ëmmer ideal op all Plaz. Am beschten ëmmer do wou e Circuit duerchgeeënd ass an en Boucle vun der Waasserleitung méiglech ass. Hei hu mer d'Méiglechkeet, vu dass et e Schoulhaff ass, wisou net einfach e Krunn un der Fassad virgesinn, wou een einfach e Bidon ka fëllen? An am Wanter normal auslafe loossen an zoumaachen an deen hänkt dann um Circuit vum Gebai. Dat ass elo mol eng Iddi gewiescht.
Wat d'Beliichtung ugeet, jo de Schoulhaff ass momentan iwwert e puer Beliichtungspunkten iwwert d'Fassad beliicht. Mir hunn awer eng nei Beliichtung virgesi fir ronderëm de Schoulhaff ze beliichten an déi, déi un der Fassad sinn ausser Betrib ze huelen. De Preau, deen ass haut och scho beliicht, do gi mer net drun. Deen ass haut gutt beliicht an dat bleift och sou.

Et ass jo och begréisst ginn, wat ech och perséinlech flott fannen, ass déi Trennung vun deene Spillflächen. Mir hunn déi Sportspillfläch, mir hunn déi Spillfläch mat deene verschidde Spillgeräter a mir hunn déi Zone de reposen. Hei an deem Projet hu mer et wierklech sou hikritt, dass mer déi dräi Aktivitéite konnten zimmlech gutt ofgtrenne vuneneen. Ech begréissen haaptsächlech datt de Fussballsterrain bleift, well ech och virun 20 Joer, virun 30 Joer schonn drop gespillt hunn. Wisou dee Projet och nokomm ass. A sech waren uganks d'Etüde réng baséiert op d'Rue de l'Ecole an d'Alentoure vum Strutzbierg. Déi Zäit, wou mer déi Etüden ugaange si war nach net rieds vun engem Schoulhaff ze amenagéieren an elo en cours de route ass dat nokomm. An dofir war d'Iddi fir dee Projet an där doter Soumissioun drunzehänken an net nei auszeschreiwen. Wat eis perséinlech och immens vill entgéintkënnt, well et muss ee sech bewosst sinn, wat do uewe leeft.

Dat ass u sech kee ganz grousse Chantier, mee et ass e ganz komplizéierte Chantier well awer immens vill Intervenanten op der Plaz si fir de Reamenagement Rue des Ecoles, Rue de l'Indépendance an elo de Schoulhaff. An net ze vergiessen, de grousse Projet Centre sportif, deen am Gaangen ass, wou eng Rei Corps de Metieren am Alldag do uewen am Strutzbierg hänken. Natierlech kënnt eis dat och vill entgéint a punkto Plaz fir d'Installation de chantier. Mir kënne vun där profitéieren, déi mer lo haut hunn. An dat ass wierklech eng Plus-value fir dee Projet a fir d'Koordinatioun an d'Gestioun vun deem ganze Volet vun deenen Aarbechten. Ech loossen elo vläicht d'Madame Devetak op déi Froen äntweren, wat d'Beem ubetréfft an d'Pepinière an déi verschidde Buedembeleeg.

MAJA DEVETAK (MDL – LANDSCHAFTSARCHITEKTUR): Vielleicht fangen wir an mit den Bäumen, weil man das auf diesem Bild gut sieht. Also die grünen Bäume sind neu, die grauen sind Bestand. Wir schreiben immer schon anstehende Bäume aus, das heißt in einer Größe 20/25, das bringt mit sich einen Kronendurchschnitt schon bei der Pflanzung von 1,5 bis 2 Meter, je nach der Sorte. Denn der Effekt soll nicht nach 20 Jahren kommen, sondern ein bisschen früher. Das ist auch ein guter Anfang. In 5 Jahren haben Sie bestimmt eine 1 Meter breitere Krone oder noch mehr. Und dieser Schatteneffekt und der ganze ökologische Effekt ist schnell da. Wir wissen schon, wer den ganzen Komplex gewonnen hat, wie Sie schon gehört haben ist hier nur die Ergänzung. Das ist ein ganz lokaler Pepinierist. Natürlich garantiert das nicht, dass die Bäume hier lokal produziert werden, da sind wir sehr beschränkt, es gibt nicht genug Kapazitäten in Luxemburg, aber es ist schon nahe. Wichtig ist aus meiner Sicht die Qualität der Bäume. Das also betrifft die Bäume. Zusätzlich können wir noch ein Segel installieren, ein Sonnensegel. Aber das überlassen wir dem Verlauf des Projekts, da werden uns die Nutzer schon ein Feedback geben, ob es noch zusätzlich nötig ist.

Was die Bodenmodellierungen betrifft, da gehen wir vielleicht auf einen von den Schnitten. Das ist alles Bestand. Sie können wahrscheinlich diese kleine Linie sehen, die zum Gebäude hin höher ist als jetzt die Projektlinie. Und dann auf der anderen Seite ist es praktisch dieselbe. Es sind ganz kleine Modellierungen. Wir nehmen eher weg. Wir haben in einer Gemeindesitzung den Nachbargarten in den Schulhof integriert und der ist schon jetzt höher. Das bedeutet, die Bodenbewegungen sind minimal und man nimmt eher weg, was zu viel ist, als von irgendwo her etwas dazu zu bringen. Und dann war es Versiegelung oder Nicht-Versiegelung. Hier ist es einfacher zu sehen. Nur zur Erklärung, die grünen Flächen sind Rasenflächen. Was diese hellgraubeigen Flächen betrifft, so wie hier oder in diesem Bereich, das ist wassergebundene Decke. Das bedeutet poröses Material, nur geschichtete, verschiedene Körnung von Steinsplit. Und die ganz dunkelgraue Fläche ist noch immer Asphalt. Das ist das Fussballfeld. Das ist eben so mit Fussball. Aber dieses hellere Grau, da ergänzen wir das ganze Gebiet mit den Pflastersteinen und die sind nicht total versiegelt. Das heißt, das sind schon Pflastersteine aber mit durchlässigen Fugen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Ech mengen et ass lo schonn e ganze Koup beäntwert ginn och vum Här Zuang, deen huet schonn e ganze Koup Saachen hei am Virfeld beäntwert. Ech maache lo Schoulhäff a Spillplaze säit gutt 20 Joer, natierlech ëmmer a Begleedung vu spezialiséierte Firmaen. Sëtzgeleeënheeten, dat ass ugeschwat ginn, Sëtzgeleeënheete war soss eppes, wou d'Schoulmeeschteren éischter d'Tendenz haten „Neen, si sëtze jo schonn de ganzen Dag, si sollen dobaussen net och nach sëtzen". Ech muss awer soen, datt dat ëmmer méi erëmkënnt, Sëtzgeleeënheeten an de Schoulhäff. Dat ass mol dat Éischt. Dat Zweet, den Här Steffen dee seet „Oh, dat ass e flotte Projet, mir entsigelen hei e Schoulhaff, dat soll iwwerall sou sinn". Ech muss soen, mir hunn nach just de Brill deen net gemaach ass. Fir de Rescht, an do ginn ech der Madame Thoma Recht, fir de Rescht hu mer dat an all Schoulhaff gemaach. Ech mengen datt mer an all Schoulhaff iwwerall Natur rabruecht hunn. Mir maache lo de Wolkeschdall, do kënnt och nach. Mee ech mengen, datt mir do ganz

gutt ënnerwee sinn. Dofir, de Brill ass schonn am Hannerkapp dran, mee lo sinn d'Containeren, d'Aarbechten. Et kann een net alles matenee maachen.

Da wëll ech awer nach eppes soen, wat ech awer och ganz wichteg fannen, mir schwätzen alleguer wéi flott dat ass, mir vergiessen awer hei, datt niewent deem Schoulhaff dee mer maachen, wou mer réischt herno gesot hunn OK, komm mir maachen et zesummen, mir maachen en Agrëff an de Schoulhaff well mir huele jo e Stéck ewech fir d'Indépendance opzemaachen, et gëtt niewendrun eng Naturspillplaz gemaach, déi fir de B zur Verfügung steet. Dat heescht d'Schoul, de Bâtiment B, dee kritt direkt hannendrun den Ausgang an eng Naturspillplaz. Och dat ass eppes wat een net vergiessen däerf. Do gëtt och entsigelt. Mat handicapéiertegerechte Rampe fuere mer do erof. Ech mengen datt dat do net nëmmen éischtens de Schoulhaff mee insgesamt dat Ganzt e ganz flotte Projet gëtt. An ech kann nëmme Merci soe fir d'Ënnerstëtzung. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci och Josiane fir déi doten Erklärungen. Ech wollt nach op zwee Punkten agoe par rapport zu de generelle Remarke vun der Madame Ahmedova. Ech mengen et ass jo och kloer ze gesinn, engersäits krut dëse Projet jo de 4. Präis, an et war jo en Appell vum Ëmweltministère, dee lancéiert gouf, dee mat gemeet huet, dass mer bei dësem Projet matmaachen. An do gouf et jo eng ganz Rei Krittären, déi kloer opgestallt goufen an no deenen och jugéiert gouf, ob dëse Projet zréckbehale gëtt oder net. An en ass zréckbehale ginn och en fonction vum Ranking, mir hunn de 4. Präis kritt. Eng ganz Rei Froen, déi Dir hei gestallt hutt ware jo Bestanddeel vun deem Krittärekatalog, deen den Ëmweltministère opgestallt huet an deen dëse Projet op Häerz an Nire gepréift huet.

Dann nach eng Remark par rapport zu deem, wat d'Madame Thoma sot, dass ee mol eng Kéier en detailléierten Devis kritt. Ech mengen et dierft Iech net entgaange sinn dass mer an deene leschte Gemengeréit probéieren, méi detailléiert Devisen opzestellen och mat den néidegen Erklärungen. Et ass awer net déi éischte Kéier, wou mer dat haut hei maachen, och wann et vläicht déi éischte Kéier ass, wou Dir et gesinn hutt. Op alle Fall ass et net déi éischte Kéier wou mir et maachen, well et ass einfach wichteg dass, wann een Devisen opstellt, nieft den Zuelen een och den Effort mécht dem Gemengerot déi néideg Erklärungen ze gi par rapport zu de Projeten, fir dass se och kënnen novollzéien, wat déi Devise beinhalten, respektiv wat déi verschidde Positiounen an den Devise sinn, fir dass een och en connaissance de cause a mat deem néidege Verständnes hei an de Gemengerot ka kommen. Dat wollt ech och nach preziséieren. An dëst gesot hu mer op all Punkte geäntwert.

An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Devis hei averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An ech soen och dem Mica da Silva an och der Madame Devetak Merci fir hir Presenz.

### 3.8. Approbatioun vum Devis remanié fir d'Aarbechte fir d'Mise en conformité vun der oppener Schwämm – Phas 2

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer, do hu mer awer och Invitéen, do maache mer fliegender Wechsel. Da géife mer op den nächste Projet iwwergoen, dat ass en Devis remanié an der Héicht vun 9.750.000.- Euro, dat ass d'Phas 2 wat d'oppe Schwämm ugeet an dofir begréissen ech hei an eiser Ronn vum Bureau Goblet Lavandier de Pierre Jacques. An och vun eise Servicer de Claude Pritz an de René Tessaro. Wéi gesot et geet hei ëm den Devis remanié vun der Phas 2 am Kader vun Evenementer, déi net previsibel waren. An de Sportsschäffe Loris Spina wäert op deen anere Punkt agoen an da wäerten natierlech och eis Mataarbechter awer och de Bureau d'études zur Verfügung stoe fir nach kënne weider Detailer ze ginn.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Éier ech elo awer ufänke kommen ech net derlaanscht, dem Claude Tritz Äddi a Merci ze soen. Hie gëtt effektiv bis säi leschte Schaffdag alles. Den jonken Här dohannen ass ab nächster Woch an der Pensioun. A wéi den Zoufall et sou wëll sëtzt en hei. An dofir, am Numm vun Iech alleguerten, erlaben ech mer him Merci ze soe fir säi groussen Asaz, den innovativen Asaz fir d'Schwämm an d'Schwämmen. Hien huet deem vill Liewen agehaucht. Mir hunn dovu profitéiert, dass hie sou gutt Leit ausgebilt huet, a Claude, ech mengen Du gëss d'Waasser sou séier net lass. Ech wënschen Der op jidde Fall eng schéin a ganz laang Pensioun. Voilà.

Jo dat gesot, den Här Buergermeeschter huet et ugedeit, den Devis remanié, mir mussen hei nach eng Kéier 650.000.- Euro noschéissen. Ganz kuerz vläicht en Historique fir ze ëmräissen, ëm wat et hei geet. Et ass, Dir kënnt Iech erënneren, e laangwieregen a spannende Projet, deen 2017-2018 mat Studien ugefaangen huet. Déi éischt Ausschreiwung an d'Renovatioune ronderëm de Baseng hate mer schonn 2019. Jo dunn ass Covid komm an dat huet natierlech och dëse Chantier net zum Gudde beaflosst. Engersäits hate mer ganz vill Restriktiounen um Chantier, ganz vill Verspéidunge bei de Liwwerunge vu Materialien, Präishaussen, wat dat mat sech bruecht huet. E flotte Moment war bei deem heite Chantier d'Biergerbedeelegung vun der Noperschaft ronderëm. Dat huet an deem Sënn de Projet weiderentwéckelt dass mer do en neit Konzept a punkto Buvette konnten do mat rabréngen an awer och d'Beplanzung fir d'Gäert a fir d'Begrenzunge méi attraktiv ze maachen och vum Visuellen hir a manner attraktiv fir onerlaabt an d'Schwämm eranzekommen.

D'Maison relais war och hei am Projet mat dran, an ech mengen och do hu mer et fäerdegbruecht, déi verschidde Funktiounen Maison relais a Schwämm méi kloer ze trennen. Dat war eppes, wat de Projet wierklech weiderbruecht huet. Hei hate mer virun allem en Incident an der Chaufferie, wou mer hu misse reagéieren, sou wéi een dat hei am Devis remanié erëmfënnt. An dat huet eeben e grousse Volet ausgemaach nieft den Adaptatiounen an de Präisdeierechten, déi mer eeben och hu misse virhuelen. An d'Indexatioun, d'Indextran-

chen, do wësst Dir dass dat eng grouss Repercussioun huet op sou ee Chantier. Nichtsdestotrotz wëll ech lech drun erënneren, dass de Projet eng Reussite ass. Déi Schwämm ass jo schonn a Betrib a ganz vill Visiteuren, ganz vill Schwëmmerinnen a Schwëmmer, ganz vill Familien, Kanner a Schoulklasse konnte scho vun deem Projet, bezéiungsweis vun där flotter Schwämm profitéieren an do flott Momenter verbréngen. An ech mengen dat ass och net onweesentlech ze erwänen. Da géing ech mol de Ball, neen d'Schwammkap eriwwerschéissen.

PIERRE JACQUES (GOBLET LAVANDIER): Bonjour à tous. Pierre Jacques du Bureau Goblet Lavandier, partie génie technique, donc je représente l'équipe de planification. Comme l'incident a été techniquement assez compliqué on a préparé deux petits schémas avec un fonctionnement régulier de l'installation de filtration où vous avez sur la droite, la partie grisée, c'est le bassin non nageur qui avait été rénové en 2013, qui était hors projet 2020. Où finalement à partir de la partie inférieure du bassin on pousse de l'eau chlorée et filtrée et on la reprend en partie supérieure du bassin et on va vers une installation de filtration avec deux pompes de filtration, un filtre, on met de l'acide et du chlore, l'acide servant à corriger le ph autour de 7 et puis on le chauffe dans la chaufferie. Donc vous voyez ça se trouve à l'étage, là où on a la grande horloge. Là on est sur le fonctionnement régulier.

Pour clarifier un peu l'incident. Malheureusement lors de la mise en service en 2022, donc après travaux de rénovation, à quelques semaines de l'ouverture, il était mis en évidence qu'une fuite était présente sur le petit bassin. Donc le liner se bombait. Et étant donné que c'était déjà avril 2022 que l'ouverture était planifiée à quelques semaines, une intervention n'était pas directement possible. Par la suite il a été mis en évidence que ça venait de plusieurs buses de fond. Ces buses étaient anciennes et dataient des années 1990. Donc étant donné la fuite sur cette buse il était décidé de travailler avec une seule pompe, de réduire le débit. En réduisant le débit on avait moins d'effet sur le liner, pas de risque de le déchirer, une quantité de débit réduite qui était moindre. Donc sur les deux pompes il n'y avait déjà plus qu'une et celle-là le débit était encore légèrement réduit pour ne pas engendrer des fuites supplémentaires.

En juin un orage est survenu et avec l'orage une quantité non négligeable de feuilles est arrivée sur les pompes et a encore réduit le débit plus fortement. Le dosage de chlore et d'acide c'est produit de manière importante puisque la qualité d'eau dans le bassin n'était plus bonne. Le mélange de chlore et d'acide donne un chlore gazeux qui a finalement corrodé les installations et a conduit à une émanation de chlore gazeux dégradant les installations techniques à l'étage.
Voilà techniquement ce qui c'est produit. Avec du matériel qui était neuf, qui était dégradé. Un partie du matériel existant qui était considéré comme toujours bon qui était aussi dégradé. Et cette problématique s'est inscrit dans un projet où on a eu une étude de risques d'environ 150 pages par Luxcontrol, qui a mis en évidence tous les cas de figure pour ne pas arriver à cette situation. L'étude de risques a été reprise dans une autorisation d'exploitation, elle a été contrôlée à 10 jours de l'incident et malgré toutes les mesures qui étaient prévues par ailleurs la situation que je viens de décrire c'est quand-même présentée. Donc ça c'est le premier volet du devis remanié et on arrive à une somme de 240.000.- Euro pour les installations de chauffage ayant été impactées.

Je ne sais pas s'il y a des questions? Si je passe sur les deux autres volets du devis remanié? Dans les deux autres volets on a également des travaux supplémentaires principalement des travaux électriques d'ampleur relativement limitée. Ils n'avaient pas été chiffrés lors des études. Notamment l'éclairage de secours par exemple sur la toiture-terrasse, c'est l'évacuation de la Maison relais qui devait faire l'objet d'un éclairage de secours. Des luminaires spéciaux au niveau des cuves en sous-sol résistant au chlore et à l'humidité, quelques interventions non prévues sur le paratonnerre pour un total de 35.000.- Euros non-budgétisés. Et alors le troisième volet sont l'équivalent de 3 tranches à 2,5% d'augmentation d'index, donc 7,5% sur un total de 5 millions, soit environ 375.000.- Euros non-prévus lors du budget de 2020.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech hunn do eng Fro. Ech hu mol nach eng Kéier nogekuckt gehat wéi mer d'Presentatioun kritt haten 2020, du war scho „Chauffage, ventilation, sanitaire", do wa schonn e Gesamtbudget vun 326.117.- Euro an deem Budget mat dran. Lo ass meng Fro, wann ech dat richteg verstanen hunn, den Här huet gesot gehat „c'était une dégradation des installations neuves". Dat heescht, mir hate schonn déi 376.000.- Euro aus dem éischte Budget vun 9,1 Milliounen schonn investéiert, an dunn ass op deem Material eppes futti gaangen. Ass dat duerch déi Ëmstänn wou den Här elo erkläert huet, ass dat futtigaangen. Do ass d'Fro: Spillt do keng Garantie? Oder ass et awer sou dass mer déi 376.000.- Euro „Chauffage, ventilation, sanitaire" nach net ausginn hunn an déi komme lo extra dobäi? Ech hunn dat net richteg verstanen. Dat heescht, war schonn eng nei Installatioun fir 376.000.- Euro wéi dat virgesi war am Budget nei installéiert ginn an dunn ass et futti gaangen? An elo musse mer nach eng Kéier eng nei maachen? Ass dat sou richteg? Hunn ech dat richteg verstanen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Je pose ma question en français, c'est juste quelque chose qui m'a fait tilt. Vous avez dit qu'il y a effectivement eu des feuilles mortes que se sont rassemblées dans la pompe ou autour de la pompe qui ont fait que cela a dégénéré. Est-ce que, c'est peut-être bête comme question, mais est-ce qu'on a contribué au fait qu'on protège par la suite cette pompe de ces feuilles? C'est vrai, ce sont des choses qui peuvent dégrader rapidement une installation, même si elle est piccobello remise à neuf. Est-ce qu'on a remanié à ce problème-là? Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Vu dass et e Brand war, kënnt do keng Feierversécherung op?



MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Entschëllegt, ech hat nach vergiess. Wann ech dat lo richteg gesinn hunn ass déi Folie aus deem klenge Baseng, ass déi jo och endommagéiert ginn. Déi hunn ech awer elo hei als Posten net erëmfonnt. Déi hu mer jo warscheinlech och missen nei maachen. Oder ass dat erëm en extrae Posten?

RENÉ TESSARO (TRAVAUX NEUFS – BÂTIMENTS COMMUNAUX): Zu der Fro vun der Garantie. Dat ass e Schued deen entstanen ass, do kënnt keng Garantie op. Mir hunn och nogefrot de Punkt vun den Assurancen. Et ass en indirekte Schued, deen ass net gedeckt. Wa mer e Waasserschued hunn, Feier, Iwwerschwemmung, Stuerm, dat sinn direkt Schied, déi si gedeckt, mee deen heite Fall, deen ass net gedeckt. Déi Foliereparatur, dat ass ordinaire gemeet ginn op der Plaz, dat si kleng Reparaturen. Da ginn ech dem Pier d'Wuert.

PIERRE JACQUES (GOBLET LAVANDIER): Vous avez raison que les installations qui ont été impactées sont finalement celles qui apparaissaient dans le budget de 370.000.- Euros environ. Et pour la question sur le blocage vis-à-vis des feuilles. On était dans un cas de figure où les feuilles pouvaient plus facilement amener des répercussions puisqu'on tournait avec une seule pompe et une pompe à débit réduit. C'était aussi plus difficile de la purger complètement cette pompe. A la suite de l'incident des mesures complémentaires ont été mises en œuvre. Notamment, maintenant la programmation a été ainsi faite que le dosage des produits chimiques n'est plus possible avec un débit qui serait insuffisant. Ces mesures-là n'apparaissaient pas dans l'étude de risques et n'ont pas été directement mises en œuvre. Mais en tout cas la situation actuelle prévient ce genre de cas de figure.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci fir nach déi doten Erklärungen. Wéi richteg gesot ginn ass, ass et indirekt an net direkt korreléiert. OK, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mam Devis remanié, sou wéi en hei presentéiert gouf an och mat den Erklärungen, déi mer kritt hunn an déi net onwichteg waren, averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soe mir Iech villmools Merci.
An och Merci Iech dräi fir Är Presenz. 2 vun Iech nach gutt Weiderschaffen an engem eng schéi Pensioun.

**3.9. Approbatioun vum Kontrakt mat den Damme Marianne Kuffer a Simone Kuffer iwwer d'Aarbechte fir d'Vergréisserung vum Weier „bei Soilmeswies" an der Installatioun vu Clôturë vum SICONA Sud-West**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer nach ee Punkt huelen an da géife mer Paus maachen iwwert d'Mëttesstonn. An dat ass de Kontrakt mat den Damme Kuffer am Kader vun engem Projet mam SICONA. An da ginn ech eisem Ëmweltschäffen d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Do kann ech mech ganz kuerz faassen. Dir gesitt an Ären Dokumenter, dass dat e Weier ass, dee besteet. Dee gëtt just e bëssen ausgebaut, respektiv e gëtt mat enger Clôture ëmzäunt. An déi Ëmzäunung, do gëtt eng kleng Clôture gemeet, a vu dass do ni en Trafic ass vu Leit, niewendrun ass awer eng grouss Päerdswiss a vu dass d'Päerd sech dann am Weier do suhle gin, dofir gët de Weiher ëmzäunt. Dat ass alles. An déi Entretiensfraisen, déi sinn am Budget vun der Part variable 2024 virgesinn. Merci. Sinn dozou nach Froen, Remarken? Dat ass net de Fall. Sidd Der mat deem Kontrakt hei averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer Iech och do villmools Merci.

# 4. OFFICE SOCIAL

**Presentatioun vum Rapport d'activité vum Exercice 2022 an Approbatioun vum Budget rectifié vum Exercice 2023 a vum Budget initial fir den Exercice 2024**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech begréissen Iech fir den zweeten Deel vun eisem Gemengerot. Dofir begréissen ech dann och hei an eiser Ronn eis Invitéen, de President vum Verwaltungsrot vum Office social, de Romain Zuang. Dann och d'Carole Wagner an de Jacques Hansen. Si wäerten eis iwwert de Budget rectifié vum Joer 2023 respektiv iwwer de Budget vum Joer 2024 déi néideg Informatioune gi respektiv awer och d'Geleeënheet notze fir, wéi et jo och um Ordre du jour vum Gemengerot hei steet, d'Presentatioun ze maache vum Rapport d'activité vum Joer 2022. An dofir proposéieren ech dass mer hinnen och direkt d'Wuert ginn.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech hätt Iech elo gären eisen neie Chargé de direction virgestallt, den Här Bousser, dee mer jo viru kuerzem réischt agestallt hunn, mee leider Gottes ass de gudde Mann am Krankeschäin. En hat en Aarbechtsunfall. Wéi en doheem ukomm war ass en iwwert eng metalle Plack gerëtscht bei reeneregem Wieder an huet sech de Fouss ganz komplizéiert gebrach. Nach méi schlëmm wéi den Här Manderscheid. Hien huet missten direkt operéiert ginn an hie stoung kuerz virun enger zweeter Operatioun, sou datt et heescht, hien ass scho leséiert a säi Krankeschäin geet nach bis den 12. Januar. Et ass jo schued, hien huet eis jo nach geschriwwe gehat fir dass e gären haut dobäi gewiescht wier, mee bon. Voilà, da géife mer da wéi gewinnt fir

d'éischt mam Rapport d'activité ufänke vun 2022 an uschléissend de Budget. An duerno kënne mer da Froen an Äntwerte ginn. Merci.

JACQUES HANSEN (OFFICE SOCIAL): Jo Merci Här President. Komme mer dann zum Rapport d'activité 2022 a mir presentéieren dee wéi déi Jore virdrun, ënnert därselwechter Form. Fänke mer u mat Prestations non-financières. Dat ass u sech dat wat den Alldag am Office social un  Aide sociale ausmécht. De Gros, iwwer 55%, dat sinn Demandes an Démarches administratives. Oft mam Client zesummen. An och Renseignementer, Informatioune ginn, wat iwwer 30% ausmécht. An wat do och ass, dat ass Orientatioun, deemno wéi de Problem ass, déi zu Strukture ginn déi méi adaptéiert sinn. Donieft ginn och Enquêtë gemaach, Guidancen, Gestiounen a Visites à domicile. An och Accès a Bonge gi fir an den Cent-Buttek an an de Kleederschaf zu Fréiseng.

Komme mer bei d'Prestations financières. Dat sinn dann déi Secoursen, alles wat finanzieller Natur ass a wat och muss duerch de Verwaltungsrot goen a wou och de Client d'Méiglechkeet huet géint d'Decisioun Recours ze maachen. Do hate mer fir 2022 387 Demanden, dovunner sinn der 333 accordéiert ginn, wat 86% ausmécht. 54 Dossiere goufe refuséiert, wat 14% ausmécht, well mer och scho wéi déi Jore virdrun d'Gesetz méi streng applizéieren. Hei gesi mer dann d'Prestations financières, wat dat finanziell ausmécht. Mir haten 2022 fir 160.096.- Euro Secoursen accordéiert. Dat Ganzt ass op 3 Pilieren opgebaut, Logement a Santé, wat de Gros ausmécht an och nach de Besoin quotidien. Komme mer zum Logement. Do gesi mer dass de Loyer iwwer 57% ausmécht. Dat ass bedéngt well d'Loyere relativ héich sinn an och well d'Clienten oft 2-3 Loyeren en Retard froen. Dat hate mer am ganzen fir iwwer 40.520.- Euro bezuelt. Autres aides, dat sinn dann déi Fraisen déi mer bezuele wéi d'Kommissioun fir Agence immobilièren an och alt mol Hotelsfraise fir Leit, Familljen, déi opgrond vun engem Déguerpissement op d'Strooss gesat goufen.

D'Santé, wéi och schonn déi Jore virdrun, Tiers payant social gëtt vill beansprucht. Iwwer 30%. Do hate mer iwwer 20.582.- Euro bezuelt. Duerno kommen d'Cotisatioune fir eng Weiderversécherung fir eng Krankekeess ze hunn, wat 27,4% ausmécht, wou mer 18.400.- Euro Cotisatioune bezuelt hunn. Besoins quotidiens. Do fält op dass d'Täschegeld bal 41% ausmécht. Dat huet och e Grond. Well eis ass opgefall, d'Leit brauchen awer e puer Euro an der Täsch fir sech kënnen eppes ze kafen, eppes ze bezuelen. D'Bongen eleng déi mer ginn, déi decken net alles of. Do ware 17 Persoune betraff dovun. Duerno, iwwer 33%, dat si Frais d'etuden, dat sinn dann Aschreiwungsgebüren, Minerval vu Schoulen, haaptsächlech am Ausland. Dann de Ratio mam TPS och scho wéi déi Jore virdrun, déi meescht, déi en TPS froen, dat si Fraen, 62%. Duerno den Taux bei de Männer läit bei 28%. Comptabilitéit, Gestion financière volontaire. Mir hu jo déi zwou Gestiounen, déi eng am Office social an der Aide sociale. Dat alles op enger fräiwëlleger Basis.

An donieft hu mer jo och nach déi Gestion déi mer an der Cellule de Gestion locative hunn, wat ënner anerem eng Obligatioun, eng Konditioun ass. Déi deele sech dee selwechten Artikel. Do hate mer fir 2022 Recettë vun 1.489.609.- Euro géintiwwer Depense vun 1.407.439.- Euro. Och wann dat en décke Posten ass. Activité Insertion professionnelle. Dat ass dann déi Konventioun, déi mer scho jorelaang mam ONIS hunn, dat ass den Office National d'Inclusion Sociale vum Familljeministère, dat ass och eng Obligatioun wéi sämtlech Office sociallen déi am Kader vum REVIS-Gesetz déi Mesures d'affectation organiséieren. Fir 2022 hate se 268 Leit, Persounen, 123 hunn eng Mesure d'affectation gemaach, 133 déi waren ouni Aktivitéit, dat heescht, déi sinn a sou enger Stabilisatiounsphas. Déi maachen entweeder Coursen, Formatiounen oder déi sinn a Soins médicaux oder thérapeutiques fir herno erëm kënne reaktivéiert ze ginn. 12 Persoune ware carrement dispenséiert. Ech kommen nach kuerz bei d'Gestion locative sociale. Wéi 2022 goufen 32 Demande gemaach, 19 vu Fraen an 13 Demande vu Männer. D'Situation financière vum Demandeur. 13 waren am REVIS, 8 haten en Aarbechtskontrakt CDI a 4 waren an engem CDD.  D'Familljesituatioun. 21 Demandë goufe gemaach vu Famillje mat Kanner. 2022 hate mer 47 Wunnenge vu Privatproprietären, déi se eis zur Verfügung gestallt hunn an do waren nach 18 Wunnengen, déi mer an der Gestioun hate vun der Gemeng.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Souwäit dozou. Dat do war jo lo nëmmen eng Selektioun vun e puer Sliden, déi mer als wichteg empfonnt hunn. Dir hat jo de ganzen Dossier heemgeschéckt kritt. Dat si jo 65 Säiten. Wann dozou nach eng Fro ass, da kucke mer dat herno. Ech ginn nach fir d'éischt d'Wuert weider un d'Carole Wagner fir d'Presentatioun vum Rectifié a vum Budget initial 2024. Och hei hu mer e bëssen eng aner Form wéi ëmmer. E bësse méi eng geraffte Form. Et ass jo och sou, dass Dir de ganze Budget souwisou schonn hutt. Wéi gesot, dat hei ass méi gerafft fir dass et e bësse méi schnell geet.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Wéi gesot, ech maachen eng kleng Kuerzfaassung vum Budget vum Office social. Mer fänke mam Budget rectifié 2023 un. Mir hunn d'Opdeelung op eis verschidde Konventiounen ëmmer. Dat am Ordinaire. Dat heescht, mir hunn eis Konventioune 50-50 Ministère de la Famille a Gemeng Diddeleng. Do hu mer da virgesi Recettë vun 1.447.936,48.- Euro. An d'Depensen dat selwecht. Dat si Konventiounen, déi ëmmer opginn. Dann hu mer eis Konventioun Gemeng 100%. Do hu mer als Recettë virgesinn 1.149.000.- Euro Recetten an 1.049.858,94.- Euro Depensen. Do hu mer dann en Excedent vun 100.075,60.- Euro. Dann hu mer eis Konventioun mat den Avances remboursables a récupérables an och eis Gestion financière. Do hu mer budgetiséiert am Rectifié 1.900.000.- Euro an de Recetten an an den Depensen. Eis Konventioun, méi eng kleng, mam Ministère de la Famille, do si just 1500.- Euro, dat ass u sech fir Secours humanitaire urgent oder fir verschidden Interpretsкäschte wou de Famille direkt iwwerhëlt.

Dann hu mer eis Konventioun mam ONIS fir de Finanzement vum ARIS. Do hu mer an de Recetten an Depensë 479.475.- Euro virgesinn. Eis Konventioun mam Ministère de la santé fir den Tiers-payant social, do hu mer

28.000.- Euro fir 2023 virgesinn. Sou dass mer am Total vum Budget rectifié Recetten hu vu 5.006.846,02.- Euro an Depensë vu 4.906.770,42.- Euro. Wa mer da mat eisem Resultat vun 100.075,60.- Euro plus eise Boni vum Kont 2022, wou op 233.655,80.- Euro ass, hätte mer e Boni présumé fin 2023, do wäre mer op 333.731,40.- Euro.

Am Extraordinaire, am Budget rectifié 2023 do hu mer normalerweis ëmmer eise Fonds de roulement, wat d'Evolutioun ass vun den Awunner vun der Gemeng. Do ass elo eng kleng Ännerung bäikomm an de Recetten, mir musse lo och de Compte épargne temps provisionéieren. Sou dass mer lo do eng Provisioun hunn an de Recetten nach dobäi vun 234.000.- Euro CET an de Fonds de roulement vu 490.- Euro. Do hätte mer da mam Boni 2022 vun 840.284,32.- Euro e Boni présumé op 2023 vun 1.074.284,32.- Euro. Am Budget initial 2024 do kënnt dann déi selwecht Opdeelung mat de Konventiounen. Am Ordinaire eng Kéier eis Konventioun 50-50 Ministère de la Famille a Gemeng. Recetten an Depensë vun 1.288.488.- Euro. Eis Konventioun 100% Gemeng Recettë vun 1.226.000.- Euro an Depensë vun 1.113.600.- Euro, wou mer dann e Resultat hätte vun 112.400.- Euro. D'Avance remboursable a récupérable an eis Gestion financière volontaire hu mer budgetiséiert op 1.990.000.- Euro. Da kënnt déi kleng Konventioun Ministère de la famille, dat ass ëmmer 1500.- Euro. Fir den ONIS, Financement vum ARIS hu mer virgesinn 435.325.- Euro. A fir den Tiers-payant social wou finanzéiert gëtt vum Ministère de la santé 30.000.- Euro. Do hätte mer dann en Total vu Recettë fir 2024 vu 4.971.313.- Euro. An Depensë vu 4.858.913.- Euro. Mam Boni vun 2023 am Rectifié wäerte mer e Boni présumé fir 2024 am Ordinaire vu 446.131,40.- Euro hunn. Am Service extraordinaire, do ass dann och erëm de Fonds de roulement an de Recetten an den Depensë vun 2.590.- Euro, an och do kënnt an de Recetten d'Provisioun vum CET, awer dann nëmmen d'Variatioun vun 2023 op 2024, an do hu mer dann nach 40.000.- Euro provisionéiert, sou dass mer am Extraordinaire e Boni hätte vun 1.114.284,32.- Euro. Dann op der zweeter Säit hunn ech eng kleng Opdeelung gemaach wat d'Participatioun vun der Gemeng Diddeleng ass an eiser Konventioun 0. Do wäre mer dann am Budget rectifié 2023 fir d'Gemeng bei 709.968,24.- Euro. Dat géif ausmaache pro Habitant 32,89.- Euro.

Fir de Budget 2024 wär d'Participatioun vun der Gemeng 629.244.- Euro an der Konventioun 0, wat géif ausmaachen 28,66.- Euro pro Habitant. Dann hunn ech och eng Opdeelung gemaach, wat an der Konventioun 0 sou alles dran ass. Do hu mer dann d'Organes politiques, fir 2024 12.500.- Euro, dat ass d'Jetonen an d'Indemnitéiten. Mer hunn d'Partie Coordination administrative, dat ass dat administratiivt Personal vum Office social. An da kënnt de Volet Aide aux nécessiteux, wou ech dann och eng Kéier opgedeelt hunn, wat do alles dran ass. Do sinn eeben d'Frais de fonctionnement vum Office social dran. Fir 2024 hu mer budgetiséiert 127.468.- Euro. Da kënnt de Personnel social, d'Assistante socialle vum Office social. Mir hunn eng Kéier déi, déi vum Office social agestallt si fir 395.000.- Euro. Dann hu mer nach eng Assistante sociale wou vun der Gemeng nach agestallt ass, wou detachéiert ass. Déi ass budgetiséiert op 135.000.- Euro. An da kënnt d'Partie Aide aux nécessiteux, dat sinn d'Secourse wou mer accordéieren, déi hu mer da budgetiséiert op 242.600.- Euro. An da kënnt och nach eng Kéier eng Partie, den CET wéi gesot, wou och muss budgetiséiert ginn. Ganz ënnen ass dann nach de Budget vun der Konventioun 1, wou dann déi 100% Gemeng ass. Do ass u sech den Haaptposten eng Aide aux nécessiteux fir 2024 déi 156.600.- Euro, dat ass eise Poste vum Chargé de Direction. An den Haaptposten an där Konventioun ass de Logement à prix réduit wou d'Finanzement ass vun der Gestion locative sociale wou mer budgetiséiert hu fir 2024 op 957.000.- Euro. Do ass de Loyer wou mer bezuelen, wou mer natierlech och en contrepartie erakréien. Eng Partie vun de Chargen, wou mer bezuelen. D'Personal vun der Gestion locative sociale, den Entretien vun de Wunnengen a voilà. D'Gemeng finanzéiert do zu 100% haaptsächlech d'Posten, d.h. d'Assistante sociale an d'administratiivt Personal. Merci. Dat war et fir mech.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. De Rapport ass fir mech gutt opgestallt an och zimmlech komplett. Et sinn awer e puer Froen, déi ech mer stellen. An zwar ass dat, op der Säit 7 vum Rapport, do steet, dass 8,6% vun de Familljen Hëllef ugefrot hunn. Den Aarmutsrisiko ass awer däitlech méi héich. An d'Fro ass, wéi gesäit et mat enger gréisserer Publicatiounscampagne aus, fir de Bierger matzedeelen, wie sech alles un den Office social wenne kann an och wat den Office social alles bitt. Dann op der Säit 37, do steet, dass mir 2022, 277 Cent-Buttek Kaarten haten. Ze bemierken ass dass d'Unzuel u sou Kaarte 4 Joer hannerteneen erofgaangen ass. 2015 hate mir souguer 716 Cent-Buttek-Kaarten. Mir schwätzen hei also vun enger däitlecher Baisse. Wéi ass dat méiglech? Sinn d'Konditioune fir sou eng Kaart ze kréie méi streng ginn? A wéi vill Prozent maachen déi 277 Leit, déi sou eng Kaart hunn, iwwerhaapt zu der Gesamtunzuel u Clienten aus, déi do akafen? An dann ass och d'Fro, ob d'Iddi schonn eng Kéier opkomm ass fir en Cent-Buttek oder eng Kleederkummer zu Diddeleng opzemaachen?

Op der Säit 43 steet, an dat kënnt mer e bësse komesch vir, dass just eng Demande vun enger Persoun iwwer 56 Joer erakomm ass a keng vun enger Persoun iwwer 65 Joer. Wéi ass dat ze verstoe bei där ganzer Altersaarmut, déi zwar hei zu Lëtzebuerg par rapport zu den Nopeschlänner relativ gutt ass, mee trotzdem existent ass an zukünfteg och nach klamme wärt. Sinn eeler Leit net genuch iwwert déi verschidde Méiglechkeeten informéiert? Op der Säit 42 do gëtt vun 32 neien Demandë fir eng Wunneng geschwat. Wéi vill Persoune waarden aktuell am Total op sou eng Wunneng? Op der Säit 59 ass ze mierken dass vun 2021 op 2022 d'Unzuel vun de Logements communaux vun 20 op 18 gefall ass. Dës Wunnenge sinn zréck bei de Service Logement vun der Gemeng gaangen. Vun 2020 op 2021 si souguer ganzer 4 Wunnenge verschwonnen. Wat ass mat deene Wunnenge geschitt? Warscheinlech war dat viru Joren eng Kéier bemierkt ginn, mee et wär awer interessant och dat gewuer ze ginn. An ass och scho gewosst ob d'Unzuel vu Wunnenge vun 2022 op 2023 weider erofgaangen ass?

Op der Säit 47 geet Rieds vun 8 Persounen déi en CDI hunn a sech keng Wunneng leeschten kënnen. An et ass eng Fro, ob do d'Méiglechkeet besteet, zäitweileg als Gemeng mat als Garant ze goe fir dass déi Leit sech eng Wunneng kënne leeschten? Respektiv ginn et Servicer hei am Land, déi sou e Support eventuell ubidden? Op der Säit 62 steet, dass mir 2022, 195 technesch Interventiounen haten. Do ass d'Fro, sinn déi Wunnenge sou al oder passen d'Leit net op d'Wunnengen op an deene se wunnen? Oder wéi ass dës héich Unzuel vun Interventiounen ze verstoen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech huele keng Stellungnam, ech wollt just direkt eng Fro stellen, an dann duerno wann d'Madame Kayser eng Stellungnam gemeet huet, da kënnt Dir jo dann à fur et à mesure op d'Froen äntweren. Ech hat gesinn op der Säit 13, do ass een am Punkt Logement, do steet dran, dass Dir d'Kautioune stellt. A meng Fro ass déi, ënnert wéi enge Konditioune ginn déi Kautioune gestallt a wat mécht d'Gemeng fir déi Kautioun ne zréckzekréie wann déi Lei duerno fortginn? Well Dir hutt jo normalerweis kee Suivi méi wann d'Leit jo dann um private Marché e private Kontrakt schléissen. Dir gitt eng Kautioun vu 5.000.- Euro, just e Beispill. An no 8 Joer plënneren déi Leit nees a se sinn net méi bei Iech am Suivi. Wéi ass do den Echange, a wéi sinn d'Feedbacken do, fir déi Kautioun erëmzekréien? Dat ass eng Fro, fir e bëssen ze verstoen. A fir de Rescht hëlt d'Madame Kayser nach d'Stellungnam. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ass et elo éischter geduecht fir Froen ze stellen oder kënne mer schonn d'Stellungnam kombinéieren, wat mer mat där Fro maachen? Well Dir dat elo getrennt hutt. Soss hätt ech einfach alles an enger Kéier gemaach. Ma dann als éischt emol e grousse Merci fir déi interessant Presentatioun an déi sëllegen Erklärungen, déi elo nach komm sinn. E grousse Merci awer och un all déi aus der Maison sociale, déi alldeeglech duerch hir Sozialaarbecht alle Mënschen hëllefen, déi net iwwert d'Ronne kommen an administrativ Hëllefe brauchen, an et sinn der net wéineg. En décke Merci fir déi gutt a wichteg Aarbecht op dëser Plaz nach eng Kéier. Déi prekär Situatioune maache keen Ënnerscheed tëschent Nationalitéit, Geschlecht, Liewenssituatioun an Alter. Dat gesäit ee gutt un deenen eenzele Graphiken an un deenen Erklärungen, déi mer dobäihaten an déi mer och elo nach eng Kéier kritt hunn.

Den Aarmutsrisiko, d'Schéier tëscht Aarm a Räich déi ëmmer méi grouss gëtt, d'Energiekäschten déi explodéieren, d'Inflatioun, d'Prognos vun enger Rezessioun an déi mer ze rutsche riskéiere ware schonn de Moien Thema bei der Budgetsried. All dat ass Zündstoff fir eng Gesellschaft a mat deene Suerge klammen d'Spannungen och tëscht de Leit. An et ass virun deem Kontext wou mer och net dierfe midd ginn, d'Wichtegkeet vum Office social ze ënnersträichen. Dëst well e grad a sou Momenter fir eng gewësse Cohésion sociale suergt an och kuckt ze evitéieren, dass d'Leit op eemol ofgehaange sinn. Déi gréng Fraktioun huet d'Analys gemaach an eis Vertriederin am Office social, d'Romaine Goergen huet eis kënnen e gudden Abléck an d'Dokumenter ginn, déi mer am Virfeld haten an och hannert d'Dokumenter ginn an eis quasi all oppe Fro beäntweren, dofir hunn ech elo kee sou e Listing méi gehat, deen ech perséinlech hat, mee deen ech du gekläert kritt hunn.

Mir wäerten dat heiten alles matstëmmen, matdroen. Et ass eng wonnerbar Aarbecht, dat hunn ech schonn eng Kéier erwäänt. Mir hunn eis och gefrot, ob d'Angebot gutt genuch accessibel ass fir déi Concernéiert. Mir hunn eis awer och d'Fro gestallt, ob dat mat deem Posten am Budget, den 615100 Frais de marketing et de publicité, ob dat scho vläicht domadder gemengt ass, dass dee vun 3.000.- op 6.000.- Euro erop wäert goen. Wann dat domat gemengt ass fanne mir dat richteg gutt an eebe wichteg dass d'Leit Bescheed wëssen, wat déi jeeweileg Ulafstelle si fir déi eenzel Hëllefen dann och kënnen unzefroen. A wann dat sou sollt sinn, wat domat geduecht ass, Frais de marketing, wéi eng Strategie dass d'Gemeng oder den Office social dann huet, fir méi opmierksam op d'Angebot ze maachen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. E grousse Merci och un d'ganz Ekipp, souwuel vum Verwaltungsrot ënnert dem Romain, mee natierlech och e grousse Merci un dat ganzt Personal, déi eng ganz wichteg Aarbecht maachen a wou ech mer virstelle kann, dass se virun allem alldeeglech net ëmmer ganz einfach ass. Et géing ee sech natierlech wënschen, dass déi Leit keng Aarbecht méi hätten. Mee wann ee gesäit, wéi villfälteg déi Aarbecht an och wéi villfälteg déi Hëllefe sinn, déi den Office social de Leit gëtt, da gëtt och kloer, souguer wa mer eis géinge ganz positiv als Gesellschaft entwéckelen, dass den Office social ëmmer wäert néideg sinn an dass déi Leit soubal net wäerten ouni Aarbecht do stoen.

Wann een de Rapport d'activité kuckt, deen iwwregens ganz ganz iwwersiichtlech ass, dofir och e grousse Merci, da gesäit een dass de Gros vun den Dossieren eigentlech Prestations non-financières sinn, dat heescht administrativ Hëllefen, Informatiounen. An do hat ech eigentlech déi éischt Fro, well an der Schäfferotserklärung, do stoung jo och dass Dir wëllt eng Permanence de soutien maachen, wou et och ëm administrativ Hëllefe geet. Do wollt ech eng Kéier nofroen, ob een do vläicht schonn e bëssen Explikatioune ka kréien ob dat och an déi dote Logik geet. Ech hat lo nach eng Kéier d'Schäfferotserklärung an deem Sënn nogelies, an du war ech doriwwer gestolpert.

D'Unzuel vun de Clienten – ech war e bëssen iwwerrascht – déi ass an absolutten Zuelen an natierlech och relativ erofgaangen. Bon, net extreem, mee awer. Mee wann een dann d'Detailer kuckt, d'Unzuel vu Prestations non-financières, déi si wierklech erofgaangen, mee d'Prestations financières sinn eropgaangen wat ee sech effektiv och erwaart huet, well déi lescht Jore fir eng ganz Rei Leit jo net immens einfach waren. An et kann ee sech natierlech virstellen dass déi Zäit och an den nächste Jore nach wäert klammen, wann een un d'Energiepräisser a sou weider denkt.

De Gros vun de Clienten, dat schéngt effektiv déi aktiv Populatioun ze sinn. Ech hunn awer och gesinn, et sinn zwar nëmme 7%, mee awer 55 Leit ënner 25 Joer. Ech

mengen dat sollt engem awer och ze denke ginn. Mir wëssen, déi Leit ënner 25 Joer, déi hu kee Recht op REVIS, wouraus awer och akut Problemer kënnen entstoen. An 20% iwwer 60 Joer si Clienten.

Bon, wann ech dat richteg verstanen hunn am Rapport d'activité, da froen déi virun allem no Informatiounen, dat si lo mengen ech manner Prestations financières. Mee ech mengen dass Altersaarmut riskéiert ze klammen. Den Här Meyer huet et gesot, mir sinn do am Verglach mat den Nopeschlänner nach relativ gutt, mee dat läit awer virun allem un eisem gudde Sozialsystem an Dir wäert mer lo verzeien, dass ech elo awer e bësse muss op d'Aktualitéit vun dëser Woch goen. Wa mer héieren, dass e grousse Risiko ass vun enger weiderer Verschlechterung vun eisem Pensiounssystem, do maachen ech dann en Appell un déi Kolleegen heibannen, déi e bësse kënnen drop zougräifen. Well wann et dorobber erausleeft, dass eise Pensiounssystem verschlechtert gëtt wéi d'Ministesch dat ugedeit huet, da kënne mer domadder rechnen, dass vläicht net muer an net iwwermuer, mee a 15, 20, 25 Joer, ech weess net, wie vun eis heibannen dann nach hei sëtzt, dass déi Zuelen do ganz anescht wäerten ausgesinn. D'Aarmut vu muer, déi gëtt haut bekämpft oder geschafen. Dowéinst wollt ech do e klengen Appell maachen.

A wann ech scho bei der neier Ministesch sinn, dann hoffen ech och dass se net wäert, sou wéi dat am Walkampf e bëssen erauskomm ass, eng Privatiséierung vum Gesondheetssystem wëll maachen, well mir gesinn dass de Gesondheetssecteur dat ass bal mat déi gréisste Kategorie un Aides financières déi ausbezuelt ginn. Dat heescht och all Verschlechterung dovunner wäert sech ganz konkret bei de Leit dobausse weisen. Déi gréisste Kategorie, dat ass de Logement. Dat ass net iwwerraschend. Dat ass relativ frustréierend, ech weess net wéi laang a säit wéi ville Joren an dësem Kontext ëmmer iwwert de Logement geschwat gëtt. Mir wëssen, mir kréien déi Situatioun einfach net an de Grëff. Mir wëssen dass Locatairen e grousse Aarmutsrisiko hunn. Iergendwou am Rapport d'activité steet, dass se 82% vun den Demandeure fir Allocations compensatoires duerstellen. An deem Kontext ass mer just opgefall, bei den Adresses de référence, do steet am Rapport d'activité dass déi Leit an de Registre d'attente kommen. Dat huet mech e bësse gewonnert, well laut Gesetz missten déi mat Adresse de référence eigentlech an de Registre principal kommen. Do wollt ech eng Kéier nofroen, wéi dat a Wierklechkeet ass.

Bon, d'Logementsproblematik, ech gi lo net am Detail dorop an, mir hunn de Problem, dass mer keen anstännegt Loyersgesetz hunn an dass mer och kee Moyen hu fir d'Spekulatiounen anzedämmen. Natierlech ass et en nationale Problem, mee do kënne mer jo och als Gemeng nach vill maachen, virun allem wat d'Bekämpfung vun der Spekulatioun ugeet, do kann d'Gemeng nach verschidden Hiewel ëmleeën. Mee, wéi mer lo de Moien héieren hunn, d'Gemeng mécht Efforte fir ëffentlech Wunnengen ze schafen. Wat immens gutt ass. Ech hunn och e bësse probéiert erauszefannen, wou den Ënnerscheed ass tëschent dem Service Logement an der GLS. Wann ech dat richteg verstanen hunn, da ginn déi Wunnengen e bëssen hin an hir an et gëtt au cas par cas e bësse gekuckt mat de Leit, wat fir si a Fro kënnt. Well dat ënnerschiddlech Besoinen an ënnerschiddlech Ufuerderunge sinn a jee nodeem wat bei d'Leit passt gi se dann éischter beim Service Logement ënner oder bei der GLS. Ech hu mech och gefrot, wéi do déi Wunnengen hin an hir kommen. Déi Wunnengen, déi dann elo bei der GLS ewechgeholl gi si fir bei de Service Logement, vläicht kënne mer do e bëssen Erklärunge kréien.

Wat mech awer gefreet huet, dat ass dass Unzuel vu private Wunnengen an der GLS wierklech steeteg klëmmt a wierklech an de leschte Joren zimmlech geklommen ass. Dat ass immens wichteg, well mir gesinn, dass mir och en immens grousse Besoin hunn. 20% vun den Demandeuren hunn ënner 25 Joer also 60% hunn ënner 35 Joer. Dat heescht wierklech déi Jonk, déi kréie kee Fouss méi op de Logementsmarché a grad fir déi Jonk ass et immens wichteg dat doten. Do ass mer opgefall, et ass e klengen Detail, mee op der Säit 46 do steet am Diagramm 56% vun den Demandeure wäre Salariéen an am Text steet 56% wieren net Salariéen. Iergendwéi sou. Mee et mécht och kee groussen Ënnerscheed. Mir gesinn op alle Fall dass Aarbecht net virun Aarmut schützt well mer einfach vill Leit a prekärer Beschäftegung hunn. Mee wa mer gesi wéi vill Leit dann awer en CDI hunn. Bon. Dat läit warscheinlech dorun, dass de Mindestloun net héich genuch ass, mee bon, do kann d'Gemeng och schlecht eppes drun änneren.

Ech war och iwwerrascht dass d'Majoritéit vun de Familen, déi an der GLS Demandeur si maximal zwee Kanner hunn. Dat heescht, de Problem ass am Fong net sou déi Famille nombreuse, mee effektiv, soubal ee Kanner huet gëtt et schwéier, eng Wunneng ze fannen. A virun allem betraff sinn, dat wësse mer och, Fraen a Monoparentauxen. Dat heescht et ass ëmmer dee selwechte Problem. Ee Problem, deen net oft ugeschwat gëtt ass, dass 9 Demandeuren aus engem Foyer kommen. Dat heescht, ech si lo dovun ausgaangen, dass dat BPIe sinn. War dat mat Foyer gemengt? Jo. Déi hunn nach vill méi grouss Schwieregkeeten a soubal se de Statut hu musse se Loyer bezuele fir en Zëmmer am Foyer. A fir do erauszekommen an eng Wunneng ze fannen, dat ass extrem problematesch. Ech hat mer och déi selwecht Fro opgeschriwwe wéi den Här Meyer, wou déi héich Coûts d'équipement an déi héich Intervention techniquen hierkommen. Dat do war wierklech e Sprong an do hunn ech mech och gefrot wourunner dat läit.

Schlussendlech eng allgemeng Iwwerleeung. Den Office social mécht mengen ech eng ganz gutt Aarbecht. Mee e mécht dat, woufir e virgesinn ass. Zum engen administrativ Hëllef an zum aneren, dat mengen ech elo guer net pejorativ, mee et wierkt e bësse sou wéi e Pléischteren an e Verwalte vun der Aarmut. Dat ass d'Aufgab vum Office social, dat ass mer bewosst. E probéiert nach duerch d'Cellule GLS, wou jo dann e Projet realisable ënnerhalb vun 3 Joer gefrot gëtt, fir do e bëssen aktiv ze ginn. Do wollt ech wëssen, kann den Office social de Leit och hëllefe fir dee Projet opzestellen? A sinn do och déi Personalmëttelen do fir mat de Leit zesummen eppes auszeschaffen? Well 56% Refus, dat ass natierlech schwiereg, an ech hu mech do gefrot, wéi aktiv kann een och do als Office social ginn? Ech hu mech och gefrot mat den Aides remboursables, do ass

mer déi Zomm immens héich virkomm, well 46% vun den Aides financières si remboursables. Dat ass mer extrem vill virkomm. Eppes wéi eng Kautioun, dat verstinn ech natierlech, mee wann d'Hallschent vun den Hëllefen déi d'Leit kréie remboursabel sinn, da froen ech mech, wéi grouss sinn da wierklech d'Chancë vun de Leit, fir sech e bëssen ekonomesch a wirtschaftlech ze verbesseren? Oder ob dat net awer e bëssen héich ass? Mee Dir kuckt dat jo warscheinlech au cas par cas an ech ginn dovun aus, dass Der wësst wat Der maacht. Mee et ass mir immens héich virkomm einfach.

Ech hu mech gefrot, ob mir als Gemeng net kéinten, dat geet elo iwwer den Office social eraus, ob mir als Gemeng net missten en ambitiéise Plang opstellen, wéi een déi sozial Entwécklung wëll ugoen. Dat heescht net just d'Aarmut verwalten, mee wéi eng Gemeng ka méi als Ascenseur social spillen, virun allem natierlech mam Service Logement. Da si mir, wéi ech de Moie geléiert hunn, déi eenzeg Gemeng, déi en Service Emploi hunn. Dat heescht, wat kënne mir do maachen, fir eis wierklech eng Strategie ze ginn, fir vläicht nach deen Taux, den Aarmutstaux hei zu Diddeleng erofzedrécken an de Leit wierklech eng Méiglechkeet ginn, sech do ze entwéckelen. An dofir war eigentlech meng lescht Fro, wou den Observatoire social drun ass, deen an der Schäfferotserklärung ernimmt gouf? Mee ech hunn haut de Moie héieren, dass en an der Budgetspresentatioun vum Här Buergermeeschter ugeschwat gouf. Dat Wichtegst, den éischte Schratt ass ëmmer: Wat hu mer vu Populatioun a wat sinn d'Besoine vun eiser Populatioun? An dowéinst kucke mer ganz optimistesch dann op déi Zesummenaarbecht mam LISER. Villmools Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Fir d'éischt wollt ech och e grousse Merci dem Verwaltungsrot an dem Här Zuang souwéi och dem Office social soe fir hir exzellent Aarbecht, déi se geleescht hunn. An ech hätt dann och e puer Froe wannechgelift. An déi éischt ass: Wéi ass d'Evolutioun an deene leschte 5 Joer vun de Menagen déi den Office social brauchen hei zu Diddeleng? An dann op der Säit 59. Gëtt et eng Strategie vun der Gemeng fir Privatproprietären ze motivéieren, hir Locatioun iwwert de GLS ze maachen? An dann op der Säit 37. Wéi ass de Budget ze verstoe vum Secours alimentaire? Dat wiere just 3.000.- Euro fir 277 Leit. Betrëfft dat just den Cent-Buttek zu Beetebuerg oder ginn et do nach zousätzlech Aiden, wéi zum Beispill d'Akafsbongen? An dann déi lescht Fro, wou ech hätt. Wéi gitt Dir do vir, wann d'Leit hir Scholden net reegelméisseg oder guer net zréckbezuelen? Ech soen Iech villmools Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. Et ass scho ganz Villes gesot ginn. D'Madame Thoma huet e ganz gudden Descriptif gemaach och vun der Situatioun. Virun allem ass et awer och wichteg ze soen, dass eisen Office social ganz abordabel ass an dat mierken ech um Terrain och ganz vill dass d'Leit keng Hemmungen hu fir duerch déi Dier ze goen a sech Hëllef sichen ze goen. Ech mengen dat gesäit een och an de Chifferen. Effektiv huet eis och erstaunt dass d'Zuel vun den Demandeure par rapport zu der Populatioun ëmmer ëm déi 10% bleift. Wat erstaunlech ass, wann een héiert ronderëm: Oh, et ass alles méi schwiereg an hei an do. Ech mengen et läit net un der Abordabilitéit vun de Leit, déi am Office social schaffen. Dorunner läit et net, firwat d'Leit sech net un eis wennen. Oder ass et awer vläicht, dass d'Leit ëmmer nach kucken, dass se eens ginn, dass se awer nach Moyene fannen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat ass eng Fro. A wéi gesot, den Observatoire wäert eis vläicht och do weiderhëllefen. Wat ëmmer frappant ass, dat ass den Tiers-payant social, deen och weiderhin héich ass, 62% sinn Demanden dofir. An natierlech och do, wat mech ëmmer bedréckt, dat ass, dass et haaptsächlech Frae sinn an och Kanner, déi do betraff sinn. Fraen a Kanner sinn nu mol ëmmer méi vulnerabel. An dat gesäit ee jo och an den Aides Logement, dass do ganz vill Frae mat Kanner, Famille mat Kanner un der Dier stinn. A virun allem, et ass eppes wat och am Text steet, wat wouer ass: La plupart des propriétaires préfère des locataires sans enfant. An do ass vläicht och eppes, wat mir eis als Gemeng mussen hannert d'Ouere schreiwen. Mir hu jo 18 Logements sociaux, déi eis gehéieren. Dass mer och kucken dass mer och Logementer maachen, op där enger Säit fir Jonker, dat hu mer schonn ëmmer gesot, déi brauchen och eng Méiglechkeet, fir kënnen eng Wunneng ze fannen. Do ginn et jo verschidde Piste wéi Tiny House oder wat och ëmmer, wou een an déi Richtung ka goen. Mee mir mussen eppes maache fir Famille mat Kanner, well effektiv, déi ginn net vermëttelt. Déi sinn net vermëttelbar oder schwéier vermëttelbar an zemools Monoparentauxe mat zwee Kanner, dat kanns de total vergiessen um fräie Marché, dass déi sou séier eng Wunneng fannen. An ech mengen do ass et un eis och fir Wunnraum ze schafen.

Virdru war ugeklongen, déi Leit aus de Foyeren. Erfarungsgeméiss weess ech, dass dat oft grouss Famille sinn, déi hunn oft dréi, véier Kanner. An do ass dann de grousse Problem an eise soziale Strukturen oder Logements sociaux, do si jo déi ganz streng Reegelen, dass all Kand ab 12 Joer muss eng eege Kummer hunn. Do musse mer vläicht iergendwann eng Kéier, vläicht och national oder wéi och ëmmer ëmdenken. Ech mengen och an „normale" Famille schlofen d'Kanner oft zu zwee an enger Kummer, och wann deen ee méi al ass wéi 12 Joer, dat huet nach kengem wéigedoen. An do muss een och kucken, wa mer wëlle Wunnraum schafen, mir kënnen nunn eeben net emol Wunnraum an Appartementer mat 4 Kummeren hunn, wann eng Famill 3 Kanner huet. Do muss ee kucken, wéi dat gereegelt gëtt, dass mer do e bësse méi flexibel sinn. Well et geet jo awer drëm, Wunnraum ze schafen an dat musse keng Prunkbaute sinn. Wann ech kucken, do ass Lëtzebuerg warscheinlech dat eenzegt Land, wou sou e Reglement huet fir soziale Wunnengsraum ze schafen.

Vun der Santé just eng kleng Remark. Frais non-remboursables par la CNS, mir wëssen et ginn och ëmmer Leit hei, déi sech e bësselchen d'Saach einfach maache vun Äre Cliente wëll ech just soen. Als Beispill, mir hunn en Tarif Rendez-vous non décommandé, wann d'Leit mat Kanner Rendez-vous huele bei eis a se kommen net, da kréie se eng Rechnung vu 17.- Euro. An do fanne mir et zum Beispill net normal, dass den Office social déi Rechnung bezilt. Well dat ass da just d'Bequeemlechkeet vun de Leit, déi dann net op hire Rendez-vous kommen. Just als kleng Pist. Dat kann een effektiv de Leit selwer och

a Rechnung stellen. Dat ass wierklech e minimale Facteur. Mee wéi gesot, et ass ëmmer schwéier.
Mir haten eng Kéier kuerz rieds wéi et mat den Abusen ass. Fir derhannert ze kommen, wou gëtt Abus bedriwwen? Well déi Leit, déi den Office social souzesoen uschmieren, déi schmieren alleguerte ganz Diddeleng un, well mir bezuelen dat Ganzt. An do ass et schwéier, de Saachen op d'Pist ze kommen, wa Leit och an enger sozialer Wunneng sinn an da kënne se sech awer 3 Méint an d'Ausland ofsetzen an da maache se Vakanz do an da soe se: Jo mir hunn och Recht op Vakanz. Wou's de dech da frees, déi wunnen an enger sozialer Wunneng an déi sinn net do. Mir haten eng Kéier kuerz rieds, mir haten eis eng Kéier zoufälleg begéint, dass et och ganz schwiereg ass, Kontrollen ze maachen. Well s de net däerfs einfach an eng Wunneng eragoen an ze kontrolléieren, sinn déi Leit och wierklech do.

Ech weess, dass Dir Äert Bescht maacht. Mee ech denken et muss een dat och e bëssen am Hannerkapp behalen, dass net all Mënsch deen dohinner kënnt e Gutmensch ass, an do musse mer och veillant sinn. An dofir sinn ech och der Meenung, dass Dir genuch Personal braucht fir och dee Suivi ze maache vun deene Leit, déi an deene Wunnenge sinn. Ech weess, dass Dir eng ganz exzellent Aarbecht maacht och mat der Prise en charge vun de Leit, déi souwuel an der Cellule Logement en Ënnerdaach fannen an och fir mat deenen e Projet de vie auszeschaffen, opzeschaffen, ze kucken, ob deen agehale gëtt. Wéi och am Service Logement. An ech weess och, dass Der extreem vill Aarbecht hutt an et ass och dat Administratiivt, wat Der opgebürdet kritt hutt an der Lescht, dass dat immens immens zougeholl huet. An et ass jo rieds gaangen, dass d'Office sociauxe sollen opgestockt ginn, souwuel personell wéi och anescht. An ech mengen, dat kann een nëmme mat zwou Hänn ënnerstëtzen.

Ech hunn eng konkret Fro nach. Ech hat de Budget schonn e bëssen duerchgegliedert an do ass mer e Punkt opgefall. Frais divers de déguerpissement. Do hate mer am Budget 2023 1.500.- Euro agesat an am Rectifié ass dat op 10.000.- Euro eropgesat ginn. An am Budget 2024 hu mer dofir 30.000.- Euro virgesinn an do steet ënnendrënner, entre autres frais de transport et de stockage externe. Ech huelen un, dass dat haaptsächlech ass fir wa Leit deguerpisséiert sinn oder Leit, déi keng Wunneng hunn. Vläicht kënnt Dir eis do kuerz Explikatioune ginn, wéi eng Erfarungen Der an deem Beräich maacht.

Wéi gesot, villmools Merci fir all Är Aarbecht déi Dir maacht an ech denken och als Gemeng, mir sinn eis mengen ech alleguerten heibanne bewosst dass de Logement, Logementer schafen, dass dat eng primordial Aufgab och vun eis ass. An dat ënnerstëtze mer och voll a ganz. 18 Appartementer gehéieren der Stad Diddeleng. Mer hu 47 Logements-Propriétaires externes, wou mir eng Wunneng zur Verfügung gestallt kréien. Dofir denken ech ass et och un eis, fir nach en Effort zousätzlech ze maachen, a mir maachen dat jo och konsequent, fir nei Wunnraim ze schafen. A wéi gesot, Felicitatiounen un Är ganz Ekipp an e grousse Merci am Numm och vun allen aneren Diddelenger. Mir wëssen dass d'Leit bei Iech a gudden Hänn sinn. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech fänken och un direkt mat Mercien, wa mer lo schonn dobäi sinn. Mee meng Mercie ginn haaptsächlech un d'Ekipp, déi do uewe schaffen. Ech selwer sëtzen am Verwaltungsrot, dofir denken ech besonnesch un déi, déi sech elo all Dag mat deenen Dossieren auserneesetzen an dat ass enorm vill Aarbecht. Well et ass schonn eng Kéier ugedeit ginn. Do gëtt wierklech Fall pro Fall gekuckt. Well nëmme sou kanns de déi beschtméiglechst „gerecht" Léisung fannen. Mee et sinn natierlech och fir mech e puer sou Eckdaten, ob déi ech wëll drop agoen. Wann een elo zum Beispill de Statut socio-familial vun eiser Clientèle kuckt, do gesäit een dann datt 238 vu 756 marié sinn. Dat heescht, den absolut groussen Deel, iwwer 500 Fäll, dat si Leit, déi eleng do stinn. Dann, wann een e bësse weidergeet, da kritt een och gesot, och beim TPS sinn et alt erëm 62% Fraen. Dann, och nach op aner Plazen, och beim Logement, do sinn et dann alt erëm souvill Celibatairen. Also wann een dat alles sou zesumme kuckt, da sinn et tatsächlech, an dat ass scho sou ugedeit, haaptsächlech monoparental Fraen, déi ganz no un der Kipp sti fir an d'Aarmut ze falen oder schonn driwwer eraus sinn an dofir musse bei den Office social goen. Dat heescht, och e klenge Loun geet net méi duer. Wann dann Dokteschrechnungen dobäikommen, oft sinn déi Leit krank oder d'Kanner si krank oder brauchen eeben temporär Hëllef. Si hunn eventuell och nach keng richteg Aarbecht fonnt oder kënnen net richteg schaffe goe well se keng Léisung hu fir d'Kanner. Sinn a kengem festen Aarbechtsverhältnes a sou virun a sou weider. Da gëtt et enk. Da geet dat alles net duer.

An dowéinst och déi Allocation de vie chère, déi ausbezuelt gëtt an do sinn ech ganz houfreg eeben och datt mir, datt dës Majoritéit hei och d'lescht Joer, ech mengen do ware mer eis eens heibannen, do hate mer se eropgesat vu 45% op 50%. Lo kann ee soen, dat ass eng Dréps op e waarme Steen, mee awer ass dat eppes, wat Verschiddene lo geholllef huet, d'Käschten opfänken. Do ass d'Inflatioun dobäikomm, do sinn Energiekäschten dobäikomm, Taxen a sou virun a sou weider. Also ech mengen do kënne mer scho soen, dat war déi richteg Entscheedung, déi mer heibanne geholl hunn. An dat sinn der net allze vill, déi op dee Wee gaange si fir dat sou ze maachen.

Da wëll ech och nach eng Kéier eppes soen zu där Adresse de référence. Dat ass och sou eppes, dat ass jo lo eropgaange vun 20 op 31. Dat ass fir mech och eppes Essentielles fir aus deem Däiwelskrees erauszekommen, well oft, ech hu keng Adress, da kann ech mech net umellen, wann s de net ugemellt bass, da kriss de rëm keng Aarbecht, a sou weider. Dat ass ëmmer sou en Däiwelskrees tëschent ADEM, REVIS, Adress hunn, eng fest Wunneng hunn a sou virun. Also do muss och strukturell, vläicht och national iwwer Saachen nogeduecht ginn, och wéi vläicht d'ADEM fonctionéiert, dat ass och extrem sec an dat ass och net ëmmer am Sënn vun deene Leit déi do drënner falen. Et war Villes gesot ginn hei, och am soziale Beräich, wat ech total ënnerschreiwen. Och wat d'Logementer ubelaangt. Ech mengen do wäert den Här Zuang elo nach drop agoen. Ech kann Iech just verséchferen, datt den Office social mat ganz vill Engagement a Responsabilitéit un déi Dossie-

ren erugeet. An och wat den Abus ubelaangt. An dofir si souvill Refusen. Well et oft net koherent ass, wat d'Leit dohinner leeën. Kee Projet de vie. Et ass keng Koherenz do. Do gëtt awer ganz responsabel mat deene Sue och ëmgaangen an déi Decisioune gi sou geholl, datt een awer ka soen, heiansdo musse se och e Coup de pouce kréie fir sech erëm opzestellen an da si jo rëm Leit do, déi se begleeden.

Wat mir awer och Freed mécht, dat ass datt awer mengen ech déi Hemmschwell erofgaangen ass fir iwwerhaapt bei den Office social ze goen. An do ass jiddereen heibannen och invitéiert als Multiplicateur bei de Leit dobaussen ze soen, dat ass eng ganz normal Saach. Zemools och ganz vill Prestatiounen, déi non financières sinn. Also do geet een dohinner wann een e Formulaire net kann ausfëllen. Wann ee Problemer huet, wann een eppes net versteet. Ech sinn e grousse Verfechter do vun där Hëllef, well d'Leit kommen net ëmmer sou schnell mat mat där Digitalisatioun vum Staat. Dat heescht, do leeft elo alles ëmmer méi iwwer Computer. Et sinn der awer ganz vill, déi net kënnen domadder ëmgoen an déi ginn ëmmer méi exclus. Dat heescht, och do geet d'Schéier ausernee vu Leit, déi e gewëssene Background hunn a Leit déi vläicht méi einfach opgestallt sinn oder einfach en anere beruffleche an schouleschen Hannergrond hunn. An déi Entwécklung gefält mir guer net. An dofir hate mir eis dat och an de Walprogramm geschriwwen, datt mer och politesch mussen op dee Wee goen, datt mer mussen als Gemeng och Hëllefstellunge ginn, ob dat Office social ass oder derniewent, mee wou Leit fir mëttlerweil, ech nennen et ëmmer mat „eisem Guichet" mat myGuichet eens ze ginn, well et ass net evident, an et wär schued, wa mer sou eis Gesellschaft géife splécken. Dat däerfe mer net maachen. Voilà, also nach eng Kéier en décke Merci un alleguer déi, déi an der Maison sociale schaffen. An ech menge mir kënnen houfreg op si sinn. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hätt ganz kuerz eng kleng Fro fir eng Confirmatioun ze kréien. Et geet ëm e Proprietär vun engem Haus, dee wollt och säin Haus dem Office social zur Verfügung stellen an huet du gesot kritt, lo misst en et awer mol komplett an d'Rei setzen, sanéieren, energeetesch sanéieren, eng nei Heizung dra maachen, isoléieren a sou an du huet de Mann leider de Courage verluer. Du huet e gesot, wann et sou ass, da loosse mer et sinn. Ech wollt just confirméiert hunn dass dat systematesch, bei all Objet, dee mer zur Verfügung gestallt kréien, sou ass. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Et ass just nach eng kleng Fro en cours de route komm. Kann ee soen, wéi vill Leit, déi gehollef kréien, erëm aus der Prekaritéit erauskommen a bleiwen déi och stabel dobaussen? Well d'Zil ass et, déi Leit ze begleeden, fir datt et iergend eng Kéier er¨m besser geet, fir op den normale Loyersmarché oder Logementsmarché erauszekommen. Hutt Dir do eng Iddi oder d'Tendenz, wéi ass déi hei zu Diddeleng?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi dote Fro. Ech kucken nach eng Kéier hei an d'Ronn. Soss maache mer d'Ronn hei zou an da gi mer d'Wuert weider un eis Leit aus dem Office social, da kënne si op déi verschidde Punkte Stellung huelen an da wäert och sécher eise Sozialschäffen, de René Manderscheid, op eng Rei méi politesch Punkten agoen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Bon, Merci mol fir d'éischt fir déi vill léif Mercien, déi mer gären unhuelen an och gären do uewen dem Personal mathuelen an och sou weiderginn. Dat mol als Éischt. Et sinn e ganze Koup Froe gestallt ginn, et sinn der och, déi sech iwwerschnidden hunn, sou dass et vläicht méiglech ass, dass déi eng oder aner Äntwert net erfält, wéi gesot, da frot Der nach eng Kéier no, wann nach eppes feelt. Ech fänke mol u mat der Publikatioun, wou en Här Meyer gesot huet fir eng Publikatioun ze maache wat den Office social alles géif ubidden als Leeschtungen. Dat war jo déi Fro, déi gestallt ginn war. Wéi gesot, eng Publikatioun, dat ass ëmmer schéin, mee et mussen och Leit sinn, déi se kënne liesen. A wéi mer virdrun elo gesinn hunn a wéi Dir um Tableau och gesitt, et sinn net nëmme Lëtzebuerger. D'Lëtzebuerger maachen zwar nach dee gréissten Deel aus. Portugise kommen hannendrun; déi schwätze franséisch. Mee do kommen der ganz vill hannendrun, do si mer op eemol um Enn vum Méiglech. Dass ze bedenken, wa mer dat iergendwou publizéieren op engem Internetsite, da mussen d'Leit och nach Accès hunn. Wat och nach e Problem ass. Mee firwat kommen d'Leit op den Office social, ouni dass Publikatioune mussen do sinn? Ma ganz einfach, well se froen, se kommen an d'Gemeng fir dat an dat an da gi se an den Office social geschéckt.

Anerer, wéi z.B. d'DPIen, déi hu jo do uewen en Encadrement vun Éducatricen vun der Croix-Rouge vun Educatricen, an déi schécken d'Leit dann och automatesch bei eis. Sou ginn déi Weeër, e bësse méi praktesch, wou d'Leit sech debrouilléieren, soss hätte mer jo keng 3700 Dossieren do gehat. Sou dat mol dozou. Mee d'Iddi ass net schlecht, mir wollte souwisou en Internetsite maachen. Mee wéi gesot, d'Leit mussen och eng Méiglechkeet hu fir se och effektiv kënnen ze kucken, ze gesinn. Mee ech mengen déi Geschicht mam Hin an Hir, mam Schwätzen, dat geet scho ganz gutt. Dann zur Evolutioun vum Logement. De Logement ass jo hei vun all Fraktioun ugeschwat ginn. D'Leit aus dem Foyer, dat war eng Fro, déi kommen dann effektiv, wa se ee Joer hei um Terrain sinn, dat ass nämlech eng Konditioun, fir an d'Cellule de gestion locative ze kommen, dir do kënnen eng Demande ze maachen. Da war och nach déi Fro vun dem Techniker, respektiv un deenen techneschen Interventiounen. Dat ass esou, dass mer jo déi Wunnengen, déi mer vu private Leit hunn, do maache mer en Etat des lieux mat de Leit, wa mer d'Wunneng huelen an duerno musse mer probéieren, se herno och sou erëmzeginn. Dat si privat Bienen.

An do kommen dann natierlech bei 65 Wunnengen, loosse mer mol déi 42 huele vun der Gemeng, déi ginn natierlech och do iwwerall gekuckt, och do sinn Interventiounen dobäi. Mee wann ech déi privat Wunnenge kucken, dat si mëttlerweil 22, bäi dat 42, an dat sinn der jo schonn e Pak. An dann ass mol do eppes futti oder do gëtt eppes ugestrach. E Joer huet 365 Deeg, dat heescht, do ass déi Zuel do fir mech guer net erschreckend. Wéi gesot, mir hunn en Techniker, dee geet

dann an déi Wunneng wou eppes gemellt gëtt. Dat ka vun enger futisser Bier goen, iwwer all Zort vu Reparaturen, Interventiounen, déi eventuell ze maache sinn. Ech kéint awer dann direkt enchainéiere mat dem Här Gangler senger Fro lo grad, wou e gesot huet, e Privatmann, deen eis en Haus ugebueden huet a wou mir gesot hunn… Dat ass net grad sou richteg. Et ass esou. Et ass e bësse méi streng ginn. Mir mussen dat Gesetz vum Ministère du Logement wat d'Wunnengen, wat den Etat de salubrité et de sécurité ugeet, respektéieren, an eisen Techniker dee mer lo hunn, scho säit 2021, dee mécht dat lo vill méi konsequent. Dat heescht, mir ginn all Kéiers eng Wunneng kucken an hien ass dann dobäi, mee dat ass nëmmen eng éischt Visitt an da kucke mer eis scho mol direkt de Gros un. Dir wësst jo och, dass wann een en Haus ugebuede kritt, dann ass et keen Haus vu gëschter a virgëschter, mee dass et ganz oft en Haus ass, wat an de 50er, 60er Jore gebaut ginn ass, wou Leit elo eventuell am Altersheim sinn a wou d'Kanner probéiere d'Haus oder den Appartement ze verloune fir sou nach e puer Euro bei d'Rent dobäizekréien. Dir wësst jo och dass d'Fraisen am Altersheim extrem héich si fir eenzel Leit. Wéi gesot, mir maachen dann déi éischt Visitt, kucken eis de Gros un, an den Här Ramoloso, sou heescht den Techniker, dee geet dann nach eng Kéier mam Elektrikermeeschter dohinner vun der Gemeng. Mam Heizungsspezialist, mat deem geet en och nach dohinner. An dann ass et esou, dass e Certificat de conformité z.B. bei der Heizung muss dobäi sinn Här Gangler. An dofir, wann een deen net huet oder wann déi Heizung wierklech a kengem Entretien ass, da kann dat mol sinn dass déi effektiv futtigeet. Dat gëtt een awer réischt dann e bësse méi spéit gewuer, ob lo eppes ze ënnerhuelen ass oder net.

An effektiv, wann de Certificat de conformité vun der Heizungsfirma net méi bestätegt ka ginn, da kënne mir och schlecht dann dat Haus do huelen. Verstitt Der? Dee selwechte Problem hu mer mam Elektreschen. An deene ganz ale Wunnengen hutt der nach 2-Phasen-Dréit dran, respektiv an deene ganz ale Wunnengen hutt der souguer nach Stofftendréit. An d'Haaptsicherung war an der Zäit 25 Ampère an hautzedaags ass de Standard 40 Ampère. Dat heescht, wa mir lo mat eisen Apparater, déi mer dann an den alen Haiser abauen, an eng Wäschmaschinn an en Trockner, déi lafe mateneen, an da mécht uewen nach een déi elektresch Kachplack un, dann zischt an dämpt et bannenan, an dat gesäit een net ëmmer direkt. An dofir kréie d'Leit da gesot, dass se da missten op d'mannst - dat ass och ganz oft méiglech fir net allze deier - nei Dréit anzezéien. Dat léisst sech liicht maachen. Wann d'Leit awer dann natierlech soen, neen, ech wëll keen Euro méi drunhänken, dat ass jo och heiansdo ze verstoen. Eng Heizung zum Beispill, wann ech déi effektiv misst ersetzen, da brauch ech awer scho vill Joren, bis ech dann de Loyer eranhunn. Dir wësst jo, dass mer limitéiert sinn, besonnesch bei ale Saachen, net grad op 12.- Euro/m², dat si jo déi ganz nei Saachen. Mee eeler Haiser dann, déi kréien dann nach tëschent 8.- an 10.- Euro/m², wou mer dann nach mat de Leit verhandelen. Dat ass dann de Problem, dass een da seet: Neen, ech maachen dann näischt méi. An da gëtt et awer ganz oft am Privaten da verlount. Mir hunn nämlech elo sou en Haus, besser wou mer effektiv elo haten an elo wou et nei soll besat ginn, elo musse mer dem Client soen, et deet eis leed, dat geet net méi. Vu que dass dat Reglement eis do am Nacke sëtzt a wann do eppes virkënnt, da géife mir hänken. Also d'Gemeng géif hänken an deem Sënn. Voilà, dat ass mol zu där doter Saach. Fir dat ze erklären, déi Zuel vun Interventiounen. Da muss een, wéi gesot, all déi Biene gutt ënnerhalen, fir dass mer se herno och an engem gudden Zoustand kënnen zréckginn, sou wéi den Etat des lieux et ausgëtt.

Projet ausschaffe fir eng Wunneng ze kréien. Dat ass och oft ugeschwat ginn. Jo, e Projet heescht effektiv dass eis Assistanten dobäi behëlleflech sinn an de Leit och soen: emol op d'Arbeitsamt, respektiv op eise Service Emploi hei op Diddeleng fir d'éischt mol nach goe wann d'Leit keng Aarbecht hunn. Dat sinn der jo ganz vill. Et ginn der awer och natierlech, déi schonn eng Ausbildung hunn, dat muss ech awer och soen. An déi debrouilléiere sech dann och, an déi kréien och ganz oft eng Aarbecht. Also et muss een net mengen dass all DPI zum Beispill, ech huelen nëmmen déi elo, do sinn der ganz vill, déi sinn och ganz gebilt. An dann déi Leit, déi awer elo guer keng Ausbildung matbréngen, do musse se awer iergendwéi kucken dass se eng Aarbecht fannen. Et ginn nach Betriber déi huelen och nach Leit déi keng Ausbildung hunn. An dann eng Sprooch léieren. Dat gehéiert och zum Projet. Am Ufank ass dat bei eenzel Leit deen eenzege Projet dee se am Fong geholl hunn, fir iwwerhaapt emol an enger Sprooch kënnen hei ze kommunizéieren. Dofir gi se dann a Sproochecoursen. Dat kann awer net dat Eenzegt sinn, zemools wann een zu zwee ass doheem, et muss awer probéiert ginn, sou schnell wéi méiglech erëm an de Genoss ze komme vun enger Aarbecht. Ech bleiwen nach just bei Iech. Do hat Der mer nach geschwat vun der Evolutioun. Dat war lo op deen Tableau hin. Ech mengen da kann ech deen och an engems fir all déi aner mat erklären. Mir hunn deen jo dobäigemeet, fir mol eng Kéier en Aperçu ze gi wéi d'Evolutioun iwwerhaapt war an deene leschte Jore vun 2016 un, war, wéi dat sech entwéckelt huet mat der GLS.

Also wéi gesot, do war eng Kéier vun der Madame Kayser gesot ginn, d'Gemeng huet nëmmen 18 Wunnengen. Dat ass net ganz richteg. Dat sinn 18 Wunnengen vun der Gemeng, déi just an der GLS sinn. Dat war lo net den Total vun de Sozialwunnengen. Ech wollt dat just nach eng Kéier preziséieren. Firwat geet déi Evolutioun elo vun der Gemeng erof? Majo, 2021 ass de Service Logement hei gegrënnt ginn. Am Ufank huet den Office social sämtlech Wunnenge vun der Gemeng verginn, also an der GLS gehat. A vun 2021 un, do ass jo de Service Logement kreéiert ginn, do gesitt der jo schonn d'Courbe, 2020 an 2021, do hate mir scho 40 Immeublen am Privé. Firwat geet déi Courbe elo erof? Ma all Kéiers, wann elo en Kontrakt ausgelaf ass, also eng Echeance vun 3 Joer. Ech wëll awer och dozou soen, dass mer mëttlerweil scho ganz oft, wann net bal ëmmer schonn iwwert déi Verlängerungen eraus si vun 3-6 Méint. Ech wëll och widderhuelen, dass bei Leit, wou mer gesinn, dass se e seriöe Projet hunn, mer se net op d'Minutt do no deenen 3 Joer erausgeheien, mee mir ënnerstëtzen de Projet. Ech ginn dat Beispill nach eng Kéier, ech mengen ech hat et d'lescht Joer scho ginn. Mir hunn eng Damm, also zwou am Fong geholl, déi zréck an d'Schoul

gaange sinn. An dofir loosse mir se sou laang an deene Wunnengen dran, bis se e Resultat hunn. Respektiv, wa se lo muer duerchfalen a si halen op, dann ass et awer och direkt deen aneren Dag fäerdeg wéi ee seet. Mee sou laang wéi se eng Ausbildung wëlle maachen, dat ass jo awer eng super Initiativ fannen ech, fir nach eng Kéier an d'Ecole de la deuxième Chance ze goen oder fir e Beruff nach eng Kéier nozeléieren, dat fannen ech super, an dat soll och ënnerstëtzt ginn. An do maache mer wierklech Rallongë vun engem Joer wann net souguer zwee Joer. Also et hänkt ëmmer dovun of, wéi de Client matschafft.

Effektiv ginn Abuse gedriwwen, dat ass jo ugeschwat hei ginn, d'Wunnenge gi kontrolléiert. Mee wann een der op eng Kéier 65 huet, dann ass et net méi all Mount méiglech. Dat heescht, da streckt den Ecart sech schonn op 2 Méint. Ausser et weess een, dat do ass e schwéierfällege Patient, oder dat do ass e Patient, deen eis schonn an der Vergaangenheet Schwieregkeete gemeet huet, do geet een natierlech eng Kéier méi. Et kennt een op eng Kéier seng Pappenheimer, och wann d'Zäit heiansdo nëmme kuerz ass. Mee voilà. Mat 65 Wunnengen si mir lo e bëssen op d'Grenz komm vum Méiglechen. Wann ee 65 Stéck huet, dat ass mat annerthallwer Tâche Assistante sociale, ass dat Limitt, extreem Limitt. An och administrativ. Do si jo Kontrakter ze maachen an hei an do. Et sinn d'Rechnungen ze maachen et sinn d'Mandater ze iwwerweisen. Dat ass fuerchtbar wierklech administrativ. An dofir gesi mer jo och dass mer als nächst Punkten nach 2 Créatiounen vu Posten hunn. Soubal wéi dann awer een eng Wunneng verlooss huet, deen an enger Gemengewunneng ass, da kritt d'Gemeng déi erëm fir säi Service Logement. Allerdéngs wäerten e puer Wunnengen ëmmer nach bei der GLS bleiwen. Dat sinn déi zum Beispill wou mer de Logement Jeunes wëllen ënnerbréngen hei uewen an der Rue du Commerce. Da 4 Stéck op Tattebierg. Firwat? Ma well déi Zëmmeren einfach ze kleng sinn, fir e Mënsch do à vie dra liewen ze loossen. Dat ass wierklech de Minimum vun 10-11 Meterkaree a wéi gesot, fir do säi Liewensenn ze verbréngen, dat ass, fannen ech, net dee richtege Wee.

Wat awer lo natierlech nach dobäikomm ass, dat ass nach eng Circulaire vum Här Kox nach. Andeems mer lo an enger komescher Situatioun sëtzen, well do steet nämlech elo dran, dass keng GLS dierft an engem Etablissement, an engem Bau sinn, wat schonn eng Kéier eng Aide à la pierre hat. Aide à la pierre, dat ass zum Beispill, wann ech hei huelen, hei uewen, wou ech elo grad geschwat hunn, de 37, Rue du Commerce, an da schwätzen ech awer och vum Veräinshaus vum Kierchefong do ass och eng Aide à la pierre gewiescht. Dat gëtt schonn e Pak Wunnengen, wou am Fong geholl keng GLS méi dran dierft sinn. Firwat soe se dat? Ma do ass jo schonn eng Kéier eng Aide à la pierre gewiescht. An als GLS hu mir d'Recht 120.- Euro pro Wunneng ze froen, kréie mer also vum Ministère 120.- Euro accordéiert. Or, mir hunn dat awer nach ni gemeet. A si schreiwen nämlech dran, soss wär et en double Financement. An dofir hu mir hinnen d'Fro gestallt, vu dass mir, grad wéi och de Kierchefong, respektiv d'Veräinshaus, ech hu mam Här Fürpass geschwat, och si hunn déi 120.- Euro nach ni gefrot, sou dass mer lo op d'Äntwert vum Ministère waarden, wat dann elo geschitt? Musse mer wierklech elo mat der GLS do eraus oder kënne mer awer, well mer jo nach ni en zweete Finanzement do hate mat deenen 120.- Euro pro Mount pro Wunneng, mengen ech, misste se jo eis dann awer erlabe weiderzefueren. Mais bon, dat gëtt nach eng Diskussioun. Mol kucken, wéi deen neie Minister dorop reagéiert. Mee deen ale Minister huet eis e schéint Ee do an d'Nascht geluecht.

En Attente vun deem ka sech awer trotzdeem eppes änneren. Dann bei Aides remboursables sou héich. Firwat mussen d'Leit d'Suen zréckginn? D'Leit mussen d'Suen zréckgi well éischtens emol musse se responsabiliséiert ginn, den Office social ass kee Selfservice. An effektiv, do si Leit, déi kommen dohinner, déi froen eppes, a si hunn awer selwer d'Sue fir et ze bezuelen. Dat heescht, si hu keng Zahlungsnot wéi ee seet. Dat si keng aarm Leit. Mee déi kommen dann dohinner an déi froen da mol einfach. Sou wéi e bësse wann s de an e Buttek gees. Hei ech hunn hei nach Rechnunge vum Dokter an esou. Keng Berechtegung wéi gesot. Dofir muss ee jo seng Extraite matbréngen. Fir dass d'Assistante kann eng Analys maachen, wat effektiv do ass. Natierlech wann s de een hues, deen därmoossen héich verschëlt ass, dee brauch natierlech net vill erëmzeginn, well beim Surendettement wou ee meeschtens orientéiert gëtt, do si meeschtens schonn déi aner, déi eppes zegutt hunn, déi kréien och nëmmen 1 Euro oder 5 Euro. Do sinn der jo déi ganz héich verschëlt sinn. Voilà. Also et ginn aides remboursables. Kautiounen zum Beispill, dat war jo och ugeschwat ginn. Déi musse remboursabel sinn. Well wie kritt herno d'Kautioun erëm? Net den Office social. Mee herno kritt de Client se rëm. Wann de Client herno net méi hei zu Diddeleng wunnt oder mir wëssen näischt méi, da kritt deen herno déi Kautioun. Dofir musse mir dat elo contre Remboursement machen. Wann en dann op deen nächsten Office social geet, wann e plënnert, dann hält en déi Schold am Fong geholl mat. Dat heescht, do gëtt et eng Interconnectivitéit tëschent den Office sociauxen, dass een awer weess, do kënnt e Client, dee bréngt scho sou e Sak voll Schold mat vun do an do. Strategie an der Gemeng fir d'GLS. Madame Spagnuolo entschëllegt, wat hat Dir domat gemengt?

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Dat war fir d'Proprietären unzeschreiwen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Bis elo hu mer ëmmer Annoncë gemeet an d'Annoncëbliedchen. Meeschtens zweemol am Joer. Mee dëst Joer hate mer nach keng gemeet. Well mer einfach iwwerrannt gi vun 2022 un am Fong geholl, säit Enn 2022 gi mer e bëssen iwwerrannt. Dat heescht mir hunn awer wocheweis eng Offer garantéiert, bis zwou souguer heiansdo. Mir sinn elo bal um Enn ukomm. Mir kënnen elo net alles direkt huelen. D'Leit kommen op eis zou, well se héieren hunn, dass mir hire Bien gutt versuergen an dass se nach Sue kréien. Si kréien zwar net souvill, wéi wa se privat géife verlounen, mee se hunn awer och vill manner Misär. Se brauche sech net do mat enger Agence ze balegen, déi hinnen ee sicht, se brauchen herno net mat hirem Locataire ze streide wéinst hei an do. Dofir, dat sinn alles Avantagen, déi se ewechgeholl kréien. An, wéi gesot, d'lescht Joer 2022 waren et 50% Exemption d'impôt

wou ee kritt huet an dëst Joer ass dat op 75% erhéicht ginn. Dat heescht am Endeffekt, deemno a wat fir enger Steiergrupp dass de bass, et hänkt e bëssen dovun of, mee trotzdeem, et ass ni negativ. Voilà. Mir brauchen elo keng Publicitéit méi ze maachen, well mer souwisou um Enn sinn a mer net méi alles kënnen huelen, dees mir wëssen och, wéi de Ministère elo äntwert, mee dat kann natierlech eng gutt Zäit daueren, vu que dass en neie Minister do a Plaz ass.

Budget Secours alimentaire, den Cent-Buttek, e puer Wierder dozou. D'Diddelenger Gemeng huet keen eegenen Cent-Buttek. Firwat? Well deemools, wéi d'Fro sech gestalt huet, war keng Lokalitéit hei um Territoire déi fräi war. Wat mécht d'Gemeng lo awer trotzdeem? Ma d'Gemeng bezilt elo d'Hallschecht vum Loyer wou den Cent-Buttek sëtzt. Dat ass jo zu Beetebuerg, do wou de Kino war. Dat ass jo eng grouss Lokalitéit, déi awer och a „Gefor“ ass, dass déi och verluer geet vu que dass dee ganzen Immeubel elo soll verkaf ginn. Bon, dat ass elo net fir haut a fir muar. Och duerch d'Zäit elo bedéngt, déi mer elo grad duerchliewen. Mee dat ganzt Gebai muss och nach entweeder ganz ofgerappt ginn oder ganz sanéiert ginn. Wann der sou ee Gebai gesitt, dat aus de 60er ass, da kënnt der lech jo denken, dass dat och net fir den Nulltarif ass.

An da waren och d'Bongen ugeschwat ginn. D'Bonge kréie se effektiv vun der Assistante, wann eng Necessitéit do ass. Et sinn awer och Leit do, déi d'Bongen net wëllen. Firwat? Ganz einfach, wann dir eng Fra sidd an dir hutt 2, 3 Kanner an dir musst bis op Beetebuerg pilgeren an do sinn trotzdeem mëttlerweil immens Schlaangen, well si sinn net all Dag op, si sinn nëmmen zweemol d'Woch op, an dofir si mëttlerweil immens grouss Schlaangen do, an da mat de Kanner do ze stoen um Trëttoir fir eranzekommen a sou weider a sou fort an da vläicht net méi dat ze kréie wat e brauch, si hu Problemer kritt am Cent-Buttek, dass se lo net méi souvill Wuere kréie wéi an der Zäit. D'Supermarchéen, dat kënnt Der all Dag beobachten, hu mëttlerweil och en Eck wou se draschreiwen dass se Produkter déi geschwënn oflafen, dass se do 50% oder 60% Reduktioun ginn. Dat heescht, d'Geschäfter, d'grande Surfacen, déi kafen och manner an. Also kréit den Cent Buttek vill manner. Si hunn och manner Done kritt. Mir haten elo e Gespréich mat hinnen. Dofir, d'Situatioun ass net einfach, si mussen also vill méi Wueren nokafen. Dat wat se fréier en masse haten, mussen se haut nokafen. An dann. Wann d'Leit net zréckbezuelen. Dat war jo och nach eng Fro, déi gestalt ginn ass. Da kréie se natierlech gesot, si missten zréckbezuelen. An dann nach eng Kéier. Mir kréien dann awer och eng Mise en demeure an eng Ordonnance de paiement. An da musse mer natierlech och eis Affekotin aschalten. Dat kënnt och vir.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Wann awer elo e Fall ass wou d'Leit gesinn, wou d'Assistante gesäit, dass d'Situatioun sech net wäert verbesseren, da maache mer och Dechargen a soen OK, dir braucht net méi zréckzebezuelen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Nach aner Froen. Den TPS ass héich hat Dir gesot Madame Kayser. Jo, den TPS ass héich. Mir rechnen och domadder dass den TPS dann eng Kéier lues a lues wäert verschwannen, dass mer deen net méi wäerten hei hunn am grousse Ganzen. Mee wéi gesot, et sinn awer immens vill Fäll, do musse mer en wierklech accordéiere. Et ass net, dass mer deen einfach mat der Strenz ausdeelen, mee mir hunn der allerdéngs elo och schonn e ganze Koup refuséiert. Firwat? Wann d'Assistante eng Analys mécht vun den Depensen an deene 6 Méint zum Beispill, oder an deenen 3 Méint, wou mer Klienten e ginn hunn, an da komme mer op eemol op knapps 15 oder 20 Euro, do ass et net méi berechtegt eng Verlängerung ze accordéieren. Wann een elo gesäit, dass ee wierklech e ganz, ganz Aarmen huet, mee soss anerwäerts, wou ee gesäit dass awer nach genuch do ass fir ze liewen a sou weider a sou fort, do kann een awer déi 6 Euro oder déi 5 Euro bezuelen. Et ass nëmme wann ee gesäit, dass et wierklech vill Rechnunge sinn bannent där Zäit, wou mer en accordéieren, wann ee gesäit, dass e wierklech vill gebraucht gëtt, dann natierlech verlängere mer en.

De Problem vun der Gréisst vun de Logementer war nach eng Kéier ugeschwat ginn. Da komme mer nach eng Kéier op d'Logementer zréck. Ech si ganz bäi lech, mee wéi gesot, de Fonds du Logement, dee baut keng Wunneng mat iwwer 3 Kummeren. An d'AIS déi bauen och keng. Dat ginn alles herno Explosioune vu Präisser déi kee sech ka leeschten, a fir se ze verlounen... Wéi gesot, mir hu jo de Problem och. Mir si jo frou wa mer Haiser kréien. Mir hunn effektiv och Famille mat 4, 5 Kanner. Do kënne mir se 3 Joer depanéieren eventuell. Awer de Problem ass, wat kënnt duerno? Eis Leit sichen extrem laang. Well mir soen hinnen am Ufank direkt, also hei ass elo net fir ee Moment Otem ze maachen zweeanenhalleft Joer, wéi et dat Eenzeler ugewannt hunn, dass se mol zweeanenhalleft Joer näischt méi ënnerholl hunn, mee dat heescht effektiv, vum éischten Dag un eppes sichen. Och wann dat an de Projet erafält. Dat mécht näischt. D'Haaptsaach, si géifen eppes fannen. Verstitt Der? Mee dat ass extrem schwéier. D'Retizenz um fräie Maart fir een aus dem Office social ze huelen, dat ass souwisou extrem schwéier.

“Garant ze spillen”. Do hu mer eis nach keng Gedanken driwwer gemeet. Dat ass net evident. Kënne mir dat iwwerhaapt maachen als Etablissement public Garant ze sinn, fir dass eng Famill eng Wunneng kritt? Ech denken net. Ech fänken dat jiddefalls net un. Hunn ech eppes vergiess? Et war nach eng Fro gestallt gi vun Adresse de référence. D'Madame Thoma hat vun der Adresse de référence geschwat.

JACQUES HANSEN (OFFICE SOCIAL): D'Adresse de référence, déi ginn awer op sou e Registre d'attente gesat. Et ass jo just, dass se eng Adress hunn de base fir déi Basishëllef ze kréien. Et ass jo net de richtege Registre de population deen an der Gemeng existéiert. Dat ass wou se sou eng temporär Adress hu fir herno erëm eng richteg Adress kënnen ze kréien. Et geet jo och drëms, dass se hire Courrier kréien. Mir kréien dann hire Courrier. Dass se deen da kënne siche goen. A mir ginn dat fir 6 Méint. A wann ee bannent 6 Méint net optaucht, da gëtt deen och vun deem Register gestrach.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Déi 30.000.- Euro-Fro. Gutt, den Här Zuang huet op déi meescht Saache geäntwert. Den Cent-Buttek brauch ech net méi ze erwänen hei. D'GLS, de Service Logement, do ass och gesot ginn dass elo effektiv d'Gemengewunnengen, déi fréier an der GLS ware well eeben nach kee Service Logement do war, elo alleguerten au fur et à mesure an de Service Logement iwwerginn. Menges Wëssens, an Dir korrigéiert mech, hu mer nach just eng eenzeg Wunneng am Duerf wou de GLS huet. Mee wann déi fräi ass, wäert déi och an de Service Logement iwwergoen, sou dass mer da komplett wären.
Ech wëll awer nach eng Kéier preziséieren den Ënnerscheed tëschent der GLS an dem Service Logement. D'GLS ass eng Mise à disposition vu maximum 3 Joer plus minus. Et kann och e bëssen doriwwer erausgoen, dat kënnt op de Projet un. An de Service Logement ass e klassesche Contrat de bail. Dat ass awer a mengen Ae wichteg ze wëssen.

An dann Observation sociale ass hei gesot ginn. Effektiv hu mer dës Woch vum LISER d'Offer kritt fir de Projet. De Schäfferot kuckt sech déi och nach intensiv un dëst Joer. An da wäerte mer d'nächst Joer kënnen domat ufänken. Op jidde Fall d'Montante sinn am Budget scho virgesinn.

An dann ass effektiv déi 30.000.- Euro-Fro hei vum Déguerpissement. Et ass esou, dass dat nei ass effektiv fir de Service Logement, well deen och ëmmer méi konfrontéiert gëtt mat Deguerpissementer. An et ass och sou dass mer net méi déi Plaz hunn als Gemeng wou mer fréier haten op der NeiSchmelz, wou mer do eisen Depot hate fir déi Leit, wa se dann en Déguerpissement kréien, dass se hiert Hab a Gutt temporär vun der Gemeng fir Maximum 3 Méint versuergt kréien. Mir hunn zwar eppes gelount bei Multimodal, mee do ass den Accès onwarscheinlech schwiereg a kniwweleg. Dofir loune mer eis da mat deene Suen ënner anerem Containeren, fir dass mer déi Kleeder an déi Miwwele kënnen en bonne et due forme stockéieren. An et gëtt och profitéiert, fir déi eng oder aner Hotelsrechnung ze bezuelen, wa mer d'Leit mussen ënnerdaach setzen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci och fir déi verschidden Erklärunge zu all deene Froe säitens vum Office social a säitens vum René Manderscheid. Ech mengen dass mer hei d'Diskussioun an d'Ronn kënnen ofschléissen. Nach musse mer de Budget rectifié vum Joer 2023 an de Budget initial vum Joer 2024 och hei guttheesche fir dass den Office social seng Aarbecht ka weiderféiere mat den néidege finanzielle Moyenen, déi se da vum Staat, respektiv vun de Gemenge kréien. Dir hutt nach eng Fro?

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter. Just nach eng Kéier fir ganz sécher ze sinn, dass ech dat alles richteg verstanen hunn. Duerch d'Explikatioun zum Cent-Buttek verstinn ech dat sou, dass tëschent 2015 an 2022 d'Unzuel vu Kaarten vu 716 op 277 sech méi wéi hallwéiert huet, wat gréissten Deels drop zeréckzeféieren ass dass den Cent-Buttek fir vill Diddelenger schlecht läit an dass net oft genuch op ass an dass dofir déi grouss Schlaangen entsti wou d'Leit sech mussen zur Schau stellen, wat natierlech kee wëll, an dass den Cent-Buttek net méi genuch beliwwert gëtt an dofir d'Leit, obschonn jo awer e Besoin besteet, well et jo awer eng gewëssen Armut gëtt, léiwer op hir Kaart verzichten. Hunn ech dat richteg verstanen esou? Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Verzichten, dat ass sou, dass se dann d'Bongen aus dem Match éischter wëllen. 2020 hate mer dat jo och, dass mer do ganz vill Frais alimentairen haten. Et ass wéi Der sot, en ass net onaccessibel an et läit och genuch Wuer do. An awer hu si eis gesot, dass et vill méi schwéier ass fir déi Wueren ze kréien, fir déi Mass vu Wueren ze kréien, well effektiv vill Leit dohinner kommen. An et ass effektiv e Problem, wann s de mat Kanner muss dohinner fueren, da stees de eventuell, net elo wéinst der Hemmschwell, déi d'Madame Kohn ugeschwat hat fir och an d'Maison sociale eranzekommen, mee einfach Waardeschlaangen a sou weider a sou fort an da bannenan dann zerwéiert ze ginn, dat mécht schonn villes aus. Jo. Leit wou schaffe kënne souwisou net dohinner goen. Dat ass de Problem. Well déi Zäiten wou op ass, dat läit an der Aarbechtszäit dran, dat ass e klengen Nodeel bei där ganzer Geschicht. Leit déi schaffen, kënnen net wärend deenen Zäiten dohinner goen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ganz kuerz. Ech hunn dat just nach eng Kéier nogekuckt an ech hunn d'Gesetz hei leien, an et ass ganz kloer, dass déi Leit e Recht hunn, op e Registre principal ageschriwwen ze ginn. Dat ass eng Fro vu Méiglechkeeten a Rechter, déi déi Leit herno hunn. Dofir wier ech frou, wann een dat nach eng Kéier kéint nokucken. Well ech menge fir déi Leit mécht dat awer en Ënnerscheed.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also duerch d'Gesetz wat geännert gouf virun enger Rei Jore par rapport zum Register gouf jo de Registre principal agefouert an de Registre d'attente. D'Ausriichtung deemools vum Gesetzgeber war jo och déi, mir hate jo virdrun eng Situatioun wou Leit oder Mënschen eis, wéi een op Lëtzebuergesch seet, duerch d'Lappe gaange sinn, dat heescht keng Adress haten. An dofir ass de Registre principal an de Registre d'attente agefouert ginn. Do ass och en Ënnerscheed tëschent dem Registre principal an dem Registre d'attente, well wann een um Registre principal ass, dann huet een eng ganz Rei Urechter déi spillen, wat net de Fall ass beim Registre d'attente. De Registre d'attente gëtt zum Beispill och deelweis vun der Gemeng ugewannt fir Leit unzemellen, och wa Situatioune si wou am Kader vum PAG, vum Bautereglement Saachen net an der Rei sinn, fir och e gewëssenen Drock ze hale vis-à-vis vun de Leit, vun de Proprietäre fir dass se sech konforméiere fir se deementspriechend op de Registre principal ze setzen, wou dann natierlech och eng ganz Rei Rechter spillen. Dat war deemools och d'Ausriichtung fir déi zwee och anzeféieren. An deen anere Volet ass dann d'Adresse de référence. Mee um Niveau vum Gesetzgeber sinn déi zwee Registeren agefouert ginn. Een, deen um Registre d'attente ass huet net déi selwecht Rechter wéi een deen um Registre principal ass.



CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Bon, dat war just eng Tëschefro. Mee dowéinst well dat sou wichteg ass, well dat zwou ënnerschiddlech Saache sinn, meng Fro. Well sou wéi ech den Artikel 27 vum Gesetz verstinn oder den Artikel 25, pardon, hunn déi Leit e Recht op de Registre principal ze kommen. Doduerch hu se aner Rechter. Dowéinst just meng Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech hunn elo d'Dispositioun net méi virun Aen. Ech weess awer dass eng Distinctioun gemeet gëtt wa punkto PAG eng Rei Elementer net an der Rei sinn, da kommen d'Leit net op de Registre principal mee op de Registre d'attente, mee de Fait dass se um Registre d'attente sinn heescht, datt se enregistréiert sinn an der Gemeng. An dat ass mengen ech e wichtegt Element. Et ass net, dass se da keng Adress hunn, mee hir Adress ass op der Liste d'attente. Se si jo erfaasst. Et ass jo dorëms wou et geet. A soss kënnen d'Leit am Registre principal sinn an nawell an deplorablen Zoustänn sinn, wou d'Prescriptioune vum PAG net erfëllt sinn. Dofir ass dat och agefouert ginn deemools. Et kann ee jo nach eng Kéier nokucken. Mee et sinn awer och Elementer, déi ganz kloer soen, dass een net op de Registre principal mee op de Registre d'attente muss gesat gi fir grad de Gemengen och eng gewëssen Handhab ze ginn.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mam Budget rectifié a mam Budget initial averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mir Iech villmools Merci a soen och hei dem Office social Merci fir hir Presenz an och hir Explikatiounen a Presentatiounen.

# 5. PERSONAL

**5.1. Avis punkto d'Decisioun vum Verwaltungsrot vum Office social fir d'Kreatioun vun engem Poste fir en Employé communal a Vollzäit an dem Groupe d'indemnité B1, Sous-groupe administratif**

**5.2. Avis punkto d'Decisioun vum Verwaltungsrot vum Office social fir d'Kreatioun vun engem Poste fir en Employé communal a Vollzäit, Chargé de direction, an dem Groupe d'indemnité A2, Sous-groupe éducatif et psycho-social**

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech ka mech do ganz kuerz faassen. Dir fannt an Ärem Dossier effektiv all Erklärungen erëm. Ech géif och virschloen, dass mer déi zwee Posten zesummen ofstëmmen 5.1. a 5.2. Dat ass d'Ursaach dass de Personalschlëssel vum Ministère virun 2 Joer erhéicht ginn ass. Dat heescht, si wollte bewosst d'Office socialle verstäerken an dofir hu se dann als Ministère de la Famille de Personalschlëssel erhéicht. An dat hei ass effektiv d'Suite vun där Decisioun vun der Regierung, dass mer hei 2 Poste géife kreéieren, eemol administrativ an eemol Assistante sociale, dat musse mer lo hei kreéieren an dat geet dann am Office social deemnächst an d'Ausschreiwung an dann hoffen ech och, dass mer déi Leit fannen, dass mer eisen Office social an deem Sënn kënne verstäerken.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Ren fir déi doten Erklärungen. Dat hei hu mer elo ze aviséieren. Géife mer dat heite positiv aviséieren als Gemengerot, déi zwou Kreatiounen? ***Dat ass unanime.*** Dat ass jo och eng Logik, no der Diskussioun déi mer gefouert hunn. Villmools Merci dofir. An da wäre mer mat der Séance publique fäerdeg an mir géifen an de Huis clos eriwwergoen.

# AKTIOUN PÄIPERLEK 2024




## GRATISPAKET MIT SCHMETTERLINGSSTAUDEN FÜR IHREN GARTEN!

Im Rahmen der Aktioun Päiperlek hat SICONA sechs Stauden aus biologischem Anbau ausgewählt, die einen besonderen Wert als Nektarpflanzen für Schmetterlinge und andere Insekten haben. Sie können diese Pflanzen **ab dem 8. April** als gratis Staudenpaket auf **www.sicona.lu** reservieren**.** Achtung, die Staudenpakete sind begrenzt: **first come, first served**. Die Verteilung erfolgt Anfang Mai von **17:00 Uhr bis 19:30 Uhr** an folgenden Standorten:

- **07.05.2024:** Schifflingen, Parkplatz Hall Polyvalent, 1A, Chemin de Bergem
- **07.05.2024:** Bissen, Parkplatz Hall Frounert, 10, rue de la Laiterie
- **07.05.2024:** Olm, Festsaal, 10, rue de Capellen

Und vom **08. – 10.05.2024**, von **8:00 – 12:00 Uhr** und **13:00 – 16:30 Uhr**, in den Bürogebäuden von SICONA in Olm.




DIESES BEET KÖNNTE EINEN PLATZ
IN IHREM GARTEN FINDEN!

---

**ACHTUNG:** Dieses Angebot richtet sich nur an die Bewohner der **SICONA-Mitgliedsgemeinden.** Bei Restbeständen können auch Bewohner aus Nichtmitgliedsgemeinden das Paket gegen Bezahlung erhalten.